

Sommaire

1. Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés
- M. le Président
2. Ordre du jour
- M. le Président, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
3. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)
- Discussion générale: M. Jean-Louis Schiltz, M. Claude Meisch, M. Lucien Lux, M. François Bausch (M. Lucien Lux et M. Jean-Louis Schiltz lui posent des questions), M. Gast Gibéryen (dépose deux motions), M. André Hoffmann

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert, MM. Marco Schank et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Op Ufro vun der Regierung huet d'Präsidentekonferenz sech ebenfalls derfir ausgeschwat, den

6067 - *Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 14 octobre 1981 portant application de la directive 80/181/CEE du Conseil du 20 décembre 1979 concernant le rapprochement des législations des États membres relatives aux unités de mesure*

vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber heimat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

2. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 3. Dezember huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer d'Budgetsdebatten nom Modell 4; muer de Moien um néng Auer fuere mer viru mat de Budgetsdebatten, a muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer fir d'éischt den Ofschloss vun de Budgetsdebatten an duerno d'Projets de loi 5591, 5740, 5891 a 6058 iwwert d'Konte vun den Exercicer 2005 bis 2008 nom Basismodell. An dann hu mer och nach muer de Mëtteg de Vote iwwert de Budget 2010.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

Den Här Gast Gibéryen freet d'Wuert zum Ordre du jour.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech froen d'Wuert zum Ordre du jour, ouni datt ech wëll eng Modifikatioun vum Ordre du jour kréien, mä et geet mer haaptsächlech ëm de Modell 4, dee mer beim Temps de parole geholl hu fir d'Budgetsdebatten. Ech fannen, datt dat e Modell ass, deen eis net genuch Riedezäit gëtt, virun allem deene kleng Gruppen, fir déi politesch Meenung zu deem wichtigste Gesetz, wat mer am Joer hunn, eriwuerzebréngen.

Mir hate virun e puer Joer souguer eng Kéier beim Budget iwwerhaapt kee Modell festgeluecht, datt mer gesot hunn, beim Budget soll am Fong all Partei heibannen dat kënne soen, wat se fir richtig fënnit an och déi Zäit kréien, déi se brauch, fir dat ze soen. A mir hunn deemools eng gutt Erfahrung gemaach. Mir hunn ouni

vill Temps de parole net vill méi Zäit gebraucht, fir déi Budgetsdebatten ze maachen, wéi wa mer eis op iergendwéi e Modell fixéiert hätten.

Ech wëll awer elo net heihinner kommen a soen, mir solle kee Modell festleeën, also absolut kee Modell, mä méi en héije Modell, de 5 oder de 6, festleeën, fir datt déi eenzel Gruppen awer hir Meenung kënnen heibanne soen. D'autant plus, well laut dem Modell 4, dee mer elo festgeluecht hunn, d'Regierung och nëmme 40 Minutten Zäit huet, d'Regierung awer schonn heiansdo zu dësem Projet iwwer eng Stonn geschwat huet. Dat heescht, déi huet hir Zäit och schonn iwwerzunn. An ech fannen och, d'Regierung kënnt jo bestëmmt nach gären eng Kéier no den Debatten eraus, fir hir Meenung zum Projet ze soen, sou datt ech géif mengen, datt mer eis net zu deem wichtigste Projet, dee mer am Joer hei stëmmen, zäitlech esou sollte limitéieren, mä datt mer eis déi Zäit sollte ginn, déi ee brauch, fir esou eng Diskussioun seriö ze féieren. Ech sinn also Demandeur, fir de Modell 4 auszedeihen op de Modell 5 oder 6.

(Interruption)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ass zu där Proposition vum Här Gibéryen eng Stellungnahme? Den Här Hoffmann hält nach gär dozou Stellung.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Selbstverständlech ënnerstëtzen ech dat. Ech hunn zéng Minutten.

► **Une voix.**- Ech ënnerstëtzen den Här Hoffmann.

► **M. le Président.**- Ech wëll just dem Här Gibéryen soen, datt d'Präsidentekonferenz sech op de Modell 4 festgeluecht hat. Ech gesinn och, Här Gibéryen, Dir hutt 40 Minutten, ech mengen och net, datt Der, wéi ech lech kennen, onbedéngt vill méi laang wéi 40 Minutte schwätzt.

(Interruption)

Wat gelift?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'Regierung schwätzt jo dann och net méi zum Projet, well déi huet der schonn iwwer 40 geschwat.

► **M. le Président.**- Neen, mä ech mengen, d'Regierung huet d'Méiglechkeet. Si huet eng Kéier hei zum Budget geschwat. Elo si mer an der Diskussioun, an ech mengen do empêchéiert näischt d'Regierung, och nach eng Kéier Positioun ze huelen. Dat ass jo ëmmer esou gehandhaabt ginn. An ech gesinn och net, firwat datt dat dëst Joer anescht wär.

Ech géif lech proposéieren, Här Gibéryen, ech sinn da mat lech net esou streng. Wann Dir op 45 Minutte kommt, mengen ech, datt ech och kann domadder liewen.

Ech géif awer proposéieren, datt mer géife beim Modell 4 bleiwen.

(Interruption)

Gutt, Här Hoffmann, Dir wësst, ech hunn lech nach ni hei op d'Fangere geklappt, wann Der eng Minutt méi laang gefuer sidd, an ech wäert dann och déi Kéier net ze vill streng sinn, mä ech géif awer proposéieren, datt mer géife beim Modell 4 bleiwen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Sot emol 15!

► **M. le Président.**- Dat ass also esou décidéiert.

► **Une voix.**- Dat ass esou décidéiert.

► **M. le Président.**- Mir géifen dann elo mat de Budgetsdebatten ufänken. Wéi gesot, d'Riedezäit ass nom Modell 4 festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Jean-Louis Schiltz, Claude Meisch, Lucien Lux, François Bausch, Gast Gibéryen, André Hoffmann, Xavier Bettel, Alex Bodry a Roger Negri. Als éischte Riedner ass den Här Jean-Louis Schiltz agedroen. Här Schiltz, Dir hutt d'Wuert.

3. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)

Discussion générale

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een als drëtte Majoritéitsriedner zum Budget schwätzt nom Rapporteur an och nom Minister, wann een esou wëllt, dann huet een eigentlech dräi Méiglechkeeten: Déi éischt, dat ass déi, et probéiert een e bëssen dat, wat d'Virriedner gesot hunn, ze widerhuelen an ze paraphraséieren, an da kléngt dat e bësse wéi e Papagei. Déi zweet Méiglechkeet ass déi, datt een d'Approche wielt, fir wéi e Schoulmeeschter laang Rasonnemeneter duerzeleeën, honnerte vun Zuelen ze exposéieren, grouss Konzepter ze explizéieren an ze erklären, datt ee schonn ëmmer alles besser wosst wéi déi aner.

Déi drëtt Méiglechkeet, Här President, ass déi, datt ee probéiert, d'Saachen an de Kontext ze stellen, an d'Perspektiv ze setzen, déi national an déi international. Et wäert keen iwwerraschen, datt ech déi drëtt Méiglechkeet hei mir zu eege maachen an och zrëckbehalen hunn.

D'Globaliséierung, Här President, ass e Fait. Mir hu mat enger Finanzkris ze dinn, wat eng ekonomesch Kris ginn ass, wat op ville Plaze schonn eng Sozialkris ass, op anere Plazen eng Sozialkris gëtt, eng Kris, déi flächendeckend ass, vun där jiddwereen op der Welt betraff ass, sief et Europa, sief et China, sief et Amerika oder anerer. An och wann eist Zil ëmmer dat war, fir déi Globaliséierung ze steieren a se sozial ze gestalten an och déi ëmwelt-politesch Komponent mat eranzebréngen, a wann dat Zil och muss eist Zil bleiwen, da musse mer eis dach d'Fro gefale loossen, ob et haut net a ville Fäll d'Globaliséierung ass, déi eis steiert, vill méi als wéi mir d'Globaliséierung steieren.

Wa virun zwee Joer ee gesot hätt, mir géifen eis op enger groer Lëscht vun engem G20 zrëckfannen, dann hätt kaum een dat fir seriö geholl. Wann een op där anerer Säit kuckt déi weltwäit Sozialstandarden, fir déi mir eis ëmmer staarkgemaach hunn a weider staarkmaachen, wou mer do entre-temps hikomm sinn, nämlech net ganz wäit, da musse mer eis déi Fro, mengen ech, gefale loossen.

An dee Phenomeen, datt d'Mënsche vläicht méi vun der Globaliséierung gesteiert ginn, wéi datt si déiselwecht steieren, ass e Phenomeen, dee sech selbstverständlech net op Lëtzebuerg beschränkt. Och dee gréissten Acteur an der Welt - d'Amerikaner - kritt d'Globaliséierung net méi gesteiert. Wa si, d'Amerikaner, déi Globaliséierung gesteiert

kréichen, hätt mer kee Lehman gehat; wa se d'Globaliséierung kéinte weider steieren, hätt mer kee Flächebrand duerno gehat, keng Rezessioun a mir hätten och keng Reprise, déi nëmme fragile wär.

Vill soen der am Iwwregen, datt mer amgaange sinn, eis op eng Welt zouzebewegen, wat eng Welt ass, déi vun engem G2, zesummegeat vu China an Amerika, organiséiert gëtt, an déi d'Richtung uginn, als vill méi eng Welt, wou d'UNO erëm eng zentral Roll géif spillen oder den FMI den zentrale Forum wär.

Et weess een haut net, ob dee G2 zustane kënnt oder net. An dach gëtt et eng Rei Zeechen, déi an déi Richtung weisen. D'Ofhängegkeeten tëschent Amerika a China si kloer. Déi amerikanesch Schold gëtt vun de Chinesen gehalen; d'Exporter, wat déi ubelaangt, ass China op Amerika ugewisen, fir nëmmen déi zwéi Elementer hei ervirzehiewen.

De President Obama, dee vill gelueften, huet am Mount November duerch Asien getourt, net duerch Europa, fir a China a mat deenen aneren asiatesche Länner sech iwwer Wirtschaft a Finanzen ze ënnerhalen. A wann ee kuckt, wien um APEC-Sommet war - dat ass de Sommet vun den asiateschen an de Pazifikstaaten, déi 40% vun der Weltpopulation duerstellen -, da war dat den Agencémeldungen no de President Obama an de President Medwedjew, vun Europäer keng Spur, op d'mannst no den Agencémeldungen. Ech mengen, och dat seet eppes aus iwwert d'Manéier, wéi déi Welt amgaangen ass ze evoluéieren.

Duerfir uganks vu menger Ried e staarke Plädoyer fir en Europa, fir e gëeent Europa, fir en Europa, dat mat enger Stëmm schwätzt.

Vu datt ech bei Asien war, wollt ech e puer Wuert soen zu der Reprise vun der Economie. An Asien wier se do, déi Reprise, soen d'Analysten eis. Richtig kéim se am éischte Semester 2010. China géif ëm 8% wuessen, an Amerika géifen et och éischt kleng Unzeeche vu Reprise ginn, och wann een op där anerer Säit muss bemierken, datt net méi spët wéi d'lescht Woch erëm sechs Banken an Amerika faillite gemaach hunn an datt och d'Chrëschtgeschäft, wat e Gradmiesser ass fir d'Temperatur, fir d'Wirtschaftsklima, net ganz gutt unzitt an iwwerhaapt net leeft bis dato. Dat Ganz ass also, wat den amerikaneschen Aspekt ubelaangt, op d'mannst verwuess.

Wann een dann an Europa kuckt, da seet d'Zentralbank eis, datt mer am Joer 2010 eng graduell Normalisatioun vun de Finanzmäert wäerten erfueren, e Refinanzement, wat am Laf vum Joer 2010 sech och géif normaliséieren, eng liicht Reprise am Joer 2010. Dir wësst, datt d'Previsiounen vun der Zentralbank entre-temps de leschte Mount vun 0,2% Croissance am Joer 2010 op 0,8% am Joer 2010 eropgesat gi sinn. An dach bleibt, datt déi Reprise eng fragile Reprise ass, eng schwach Reprise, eng empfindlech Reprise, jo, op ville Plazen eng zerbruechlech Reprise oder eng Reprise, déi net richtig unzitt. Ech kommen herno nach op Lëtzebuerg ze schwätzen.

An och wann der vill soen, datt den Zee-nario vum „W“, nämlech, datt nodeem d'Wirtschaft sech erkrutt, se nach eng Kéier géif eroffalen, ëmmer manner probabel gëtt, esou kann den trotzdeem net total ausgeschloss ginn. Fakt ass, datt déi sozial Auswierkunge vun der Kris iwwerall - och do, wou d'Saachen unzéien - weider undauern, an déi Sozialkris ass op ville Plazen eréischt virun eis, net hanner eis.

An et bleibt och, wann ee vu Probabilitéite schwätzt, a wann een och ka soen, datt et méi probabel ass, datt op ville Plazen d'Saache biergop ginn, wéi erëm eng



Kéier biergof ginn, bleift, datt ee keng Certituden huet, an et bleift derniewent och, datt mer weiderhin eng Rei Phenomeener hunn, déi de Risiko vun neie Bullen an, par voie de conséquence, vun neien Explo-sioune mat beinhalten.

Et muss een ëmmer erëm drun erënneren, datt mer an engem Kontext sinn, wou mer virun engem Joer nëmme millimeter-schaarf laanscht eng Mega-Monster-global-Kris komm sinn.

An dach bleift, datt säitdeem et och nach Phenomeener gëtt, déi beonrouegend sinn. Griichenland läit an der Eurozon an huet grouss Schwieregkeeten. De Finanzement vun de griichesche Statsbongen ass ëm e Multipel méi deier wéi deem zum Beispill vun den däitsche Statsbongen. D'Evolution a Griichenland ass préoccupant.

Dubai war virun zéng Deeg an aller Mond. Och wann een et net soll iwwerbewäerten, ass dat dach awer erëm e Phenomeen gewiescht, dat mat enger Bulle ze dinn huet, déi e bëssen entgleist ass.

D'baltesch Staten, insbesondere Litauen a Lettland, sinn och net iwwert de Bierg. En anert Land an Europa huet an dräi Etappen, zum Beispill, d'Statsbeamtepaien ëm 15% Prozent erofgesat respektiv net ugepasst: Dat Land ass Irland.

Alles dat si keng isoléiert Eenzelfäll an alles dat sinn och potenziell Schwieregkeeten, déi Auswierkunge kënnen op anerer hunn.

Wien hätt da geduecht, virun zwee Joer, datt eng Kris an Island Répercussionen op d'Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg hätt? Mir hu gesinn an der rezenter Vergaangenheet, datt dat de Fall war.

D'Bourssé ginn erëm erop. Och do muss ee sech d'Fro stellen: Hu mer et do mat engem Phenomeen vun enger neier Bulle ze dinn?

Wat d'Matières premières ubelaangt, hu mer erëm Bulle-ähnlech Elementer, déi net ze verkenne sinn. D'Spekulation kënn erëm, mat potenziell dramatesche Konsequenzen, insbesondere op d'Entwécklungslänner, ëmsou méi d'Récolten op ville Plaze sech als net gutt annoncieren.

D'Präisser a China sinn an deene leschte Méint massiv eropgaangen, Rekordhaussen zu Schanghai. D'Fro muss erlaabt sinn, ob dat seriö an nohalteg ass oder ob et eng nei Bulle ass.

An de Banke leie weider Perten, wann een dem Dominique Strauss-Kahn, Generaldirekter vum FMI, ka gleewen, vläicht nach 50% vun de Perten, déi opzedeeckt sinn an Europa, mä awer och an Amerika.

A well ech d'Stéchwuert FMI erwähnt hunn, wëll ech hei soen, datt déi Pläng vum Fonds monétaire international dohinner ginn, fir net eng Transaktionssteuer anzeféieren, déi op all Geschäfte ugewannt gëtt mat engem Prozentsaz, mä Pläng, déi déi sinn, datt déi Banken, déi Risiken huelen, solle bezuelen, datt déi, déi grouss Risiken huelen, méi bezuelen, datt déi, déi systemesch Risiken duerstellen, nach méi bezuelen. De System vun enger Prime d'assurance, un deem den FMI amgaangen ass ze schaffen - e System, deem eng ganz Rei Virdeeler huet par rapport zu deenen anere klassischen Taxatiounsmodeller, déi emol vun deem engem oder deem anerem an deene leschte Méint a Joren an d'Gespréich bruecht ginn.

De System, un deem den FMI amgaangen ass ze schaffen, wat e System vu Prime d'assurance ass, ass méi realistesch wéi eng weltwäit Transaktionssteuer, méi einfach ëmzesetzen, méi zilorientéiert, well nämlech déi bezuelen, déi d'Risiken huelen, an ech mengen, dat wär de richtige Wee.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den internationalen Exkurs hei hunn ech net fir näischt gemaach, well dat Internationaalt an dat Nationaalt net méi ze trenne sinn. Alles dat, wat an der Welt geschitt, insbesondere am wirtschaftlechen an am ekonomesche Beräich, ass net

neutral fir Lëtzebuerg. Mir sinn, dat wësse mer haut alleguer, keng Insel, vun där ee kann einfach nokucken a soen, dat betrëfft mech net. Mir sti matzen dran. An duerfir, wa mer mat engem A op eis national Suerge kucken, da musse mer dach awer ëmmer mat deem anerem A op dat internationaalt Ëmfeld kucken.

Dat bréngt mech, Här President, zu mengem zweeten Deel: déi national Perspektiv. Woubäi ech virausschécke wëll, datt mer an der verhältnisméisseg glécklecher Lag sinn, datt eis Statsfinanze virun der Kris an der Rei waren. Dat gëtt oft vergiess. Doriwwer eraus hu mer wéi anerer och e Problem. De Problem ass vläicht net esou grouss wéi bei anerem, mä mir hunn trotzdem e Problem oder villméi en duebele Problem.

Mir hu keng richtig Reprise haut - ech kommen herno nach dorobber zrëck - a mir hunn duerch d'Kris an als Konsequenz vun der Kris de Problem op der Recettësäit vum Budget am Joer 2009, mä nach vill méi am Joer 2010 an am Joer 2011, e Problem, deem net kleng ass, e Problem, dee substanzuell ass.

Wann ech vun deenen zwee Problemer schwätzen, nämlech keng richtig Reprise an de Problem op der Recettësäit vum Budget, da wëll ech am gläichen Otemzug, souzesoen als drëtte Punkt, awer hei mat Nodrock dorop hiweisen, datt Lëtzebuerg och e Land ass, wat vill Atouten huet. Mir hu vill där Atouten, fir aus där Kris erauszekommen, a gutt do erauszekommen. Vläicht net mat darselwechter Stärkt, vläicht net méi staark, mä awer och net manner staark, sécherlech anescht staark. A mir mussen déi Atouten asetzen. Si sinn oft determinant fir déi zwee aner Elementer, vun deenen ech geschwat hunn - Reprise a Recettësäit vum Budget -, wa mer am Neilëtzebuergesche vun „exit strategy“ schwätzen, nämlech d'Nees-équilibréiere vun de Statsfinanzen an d'Zréckféieren à terme vun de Konjunkturpäck.

D'Reprise, Här President, wa mer déi rezentesten Zuele vum Statec kucken, da gesi mer, datt mer Zuele virgeluecht kréien, déi ëm 2,1% sech géife bewegen, wat d'Joer 2010 ubelaangt. D'OCDE gebraucht souguer, wann ech mech richtig entsënnen, eng Zuel vun 2,4%. Dat ass, an dat ass den éischte Kommentar dozou, massiv manner wéi soss.

Dat ass, zweetens, eng Zuel, déi op statisteschen Extrapolatioune baséiert, wäitgehendst, also eng Zuel, déi sécherlech eng perspektivesch statistesch Wourecht duerstellt, déi awer nach muss de Bewäis erbréngen, datt et och eng ekonomesch, wirtschaftlech a finanziell Wourecht duerstellt. De Statec selwer seet am Iwwregen, datt d'Saachen net roseg sinn an datt de Chômage wäert weider eropgoen.

Et muss een eben einfach wëssen, an dat ass am Rapport vum Lucien Thiel, dem exzellente Rapport vum Lucien Thiel, nozesichen, datt, wann d'Banken 2006 nach Resultater vu 5,7 Milliarden opweises haten, da sinn et 2008 nach 570 Millioune. 5,7 Milliarde verglach mat 570 Millioune! Wann ee weess, datt dee Secteur 40% vun eiser Ekonomie duerstellt, da weess een, datt et schwéier nozevollzéien ass, datt mer eng substanzuell Croissance am Joer 2010 vun 2% oder méi kréien.

D'OCDE, déi grosso modo mat deenen nämlechten Zuele wéi de Statec operéiert, seet, datt d'Land seriö ënnert der Kris gelidden hätt, seet derbäi, datt et verschidden Zeeche géif ginn, datt d'Aktivitéit sech erëm géif verbessern. A wann een da kuckt, wat d'OCDE am November gesot huet, firwat et géif besser goen, da seet d'OCDE, si géif mengen, et géif besser goen, an Zeechen, d'Aktivitéit hätt sech zum Positive lues a lues gewendt, well d'Bourssen erëm eropginn a well mer de Konjunkturpak hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch lech keng Zeechnung ze maachen, fir datt Der wësst, datt dat do eng Reprise ass, déi op de Konjunkturpäck an op der Bourse baséiert, a keng ekonomesch gedriwwene Reprise ass, keng Reprise ass, déi den Term „nohalteg“ verdéngt. D'OCDE fügt derbäi, an ech mengen dat

ass wichteg och ervirzesträichen, datt se dovun ausgeet, datt opgrond vun der Verbesserung vun de finanzielle Bedéngungen a vun der Reprise weltwäit och d'Saache sech géifen zu Lëtzebuerg verbessern.

Ech gleewe gär dodrunner, mä et gëtt awer och Raisonement, déi méi zolidd a méi staark sinn, wéi dee Raisonement do. An da muss een och de leschte Saz aus dem Résumé vun der OCDE hirem Rapport liesen: «Les autorités devraient définir un plan crédible d'assainissement budgétaire à moyen terme.»

Dat heescht, datt d'Reprise, esou wéi se kënn, net wäert eis dee budgetäre Problem, dee mer hunn, léisen. Dat heescht, datt mer an alle Fäll de budgetäre Problem hunn, an ech biede séier drëm, datt dat zur Kenntnis geholl gëtt. Wann de Wirtschaftsmotor géif uspringen an direkt an de fënnefte Gank goen a mat Vollgas ulafen, wat net wahrscheinlech ass, gëtt de Problem vläicht méi kleng. Et bleift e Problem. Wann de Wirtschaftsmotor weider am éischten oder zweete Gank stottert, gëtt de Problem méi grouss. Dat ass méi probabel an duerfir komme mer och net laanscht Aspierungen. Duerfir musse mer an deenen nächste Jore spueren. Ech kommen herno dorobber zrëck.

Entre-temps schéngt och all Mënsch dat verstanen ze hunn. An duerfir kënnen déi Diskussiounen am neie Joer och ulafen.

D'Kris wäert, ech hunn dat gesot, massiv op der Recettësäit vum Budget '10 an '11 aschloen. Ech wëll am Iwwrege soen, datt am Juni, prezis de 5. Juni hei an der Chamber am Kader vun der Finanzkommission vun enger Diminution vun de Recetté vun 8% geschwat ginn ass. A wann Der d'Zuel vun der Budgets-presentatioun am Oktober kuckt, da si mer nach ëmmer bei 8%. Virun de Wahlen 8%, no de Wahlen 8%. Wat d'Defiziter ubelaangt, Administration publique, esou war d'Forschett vun der Konjunktur dem Statec no vu virun de Wahlen, kombinéiert mat deenen Elementer, déi aus der Expertsnote aus de Koalitionsverhandlungen ervirgeet, tëschent 4,2 a 4,9% am November. Wann een d'Zuele kuckt, si mer tëschent 4,3 a 4,8%.

Mir haten also virun de Wahlen eng Forschett uginn an ëm de Wahltermin hu mer eng Forschett uginn tëschent 4,2 a 4,9%. Wat den Defizit vun der Administration publique ubelaangt am November, si mer bei 4,3 bis 4,8%. Dat eent läit am nämlechte Gewässer wéi dat anert. Déi, déi also net midd si ginn ze soen, et géif hei gelu ginn, a mat falschen Zuelen operéiert hunn, mengen ech, missten och eng Kéier deen Detail do op d'mannst zur Kenntnis huelen.

Et bleift, datt mer e reelle Problem hunn. An d'Banque centrale seet eis souguer, datt dee Budget, dee géif virleien, ze vill optimistesch wär. Dat kann engem elo gefalen oder net gefalen, datt d'Banque centrale dat seet. Ech sinn och net do fir den Här Mersch hei ze verdeedegen. Ech wëll just vläicht awer hei eng Kéier soen, datt seng Previsiounen aus der Vergaangenheet sech oft als richtig erweisen hunn an der Realitéit entsprach hunn; och dat soll ee vläicht heiansdo zur Kenntnis huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet net duer, de Constat ze maachen. Et geet och drëms ze soen, wat ze geschéien huet, datt mer d'Saachen erëm an d'Riicht kréien. An et wär net schlecht, wa mer eis do kéinten op e puer Grondprinzipien eens ginn.

Mir hunn e Problem op der Recettësäit vum Budget. Nun, et kann een drun denken, fir d'Steieren eropzesetzen. Nun ass dat a mengen Aen net deen intelligenteste Wee, deem ee ka wielen. Méi een intelligente Wee, fir Recetten ze generéieren, ass fir ze probéieren, déi Recetten iwwert de Wee vun neien Aktivitéiten ze generéieren. Och andeems een déi Aktivitéiten, déi mer hei hunn, stabiliséiert. Nei Aktivitéite vun deenen Entreprises, déi hei sinn, nei Entreprises, déi heihinner kommen, Stéchwuert Diversifikatioun, awer och Stabilisatioun vun deenen Aktivitéiten, déi do sinn, Stéchwuert a Beispill d'Bankeplaz, Mëttelstand an anerer.

Wa mer nei Recetté wëlle generéieren, dann ass déi intelligentst Manéier déi, fir eis Ekonomie weider ze diversifiéieren. An an deem Zesummenhang geet et drëm, op eis traditionell Atouten ze setzen, déi do sinn an déi an deene leschte Wochen a Méint vläicht e bëssen an den Hannergrond geréckelt sinn. Mir bréngen et weider fäerdeg, a ville Fäll, vläicht net méi an allen, fir datt Lëtzebuerg als Land vun deene berühmte kuerze Weeër gëllt. Mir hu weiderhin e stabilt reglementarescht Ëmfeld. Mir hunn eng Steuerlandschaft, déi net negativ ass, och wa mer kee Steuerparadäis sinn, n'en déplaise à d'aucuns.

Mir hu gutt Infrastrukturen. Mir hunn eng héich Liewensqualitéit. Mir hunn e geschäftsfördernd Ëmfeld. Mir hu spezifesch Atouten, déi ee kann asetzen am Beräich zum Beispill vun der Propriété intellectuelle. Mir kënnen eng Politik maachen, déi zentral Fonctioun vu grouss Gruppen op Lëtzebuerg unzitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob dat stëmmt, datt Escada op Lëtzebuerg kënn mat zentrale Fonctiounen. Mä wann ech Escada wär, da géif ech mer dat gutt iwwerleeën an ech géif dat maachen. Ech géif domadder net méi an net manner maachen, wéi dem Beispill vun anere follegen. Anerer hunn et virgemaach. Lëtzebuerg ass eng Plaz, wou weiderhin zentral Fonctiounen vun Entreprises europawäit aus gutt kënnen erfëllt ginn. RTL ass dat klasseschst Beispill, wat mer hunn. Rakuten aus Japan an Huawei aus China weisen, wéi breet d'Palette entre-temps ginn ass.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Frot den Här Krecké! Bei Escada musse mer den Här Krecké froen.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Da frot Dir e muer, Här Bettel. Ech hu mat enger Tréin am A festgestallt, datt Der haut net géift un d'Riednerpult trieden,...

► **Une voix**.- Aha!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...mä ech féieren dat dorop zrëck, datt Der lech fir d'éischt nach muss un Ären neie Brëll gewinnen, oder nach de Kleesche verdauen. Ech freeë mech schonn op muer!

(Interruptions)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech kann lech en awer léinen.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Nee merci, ech gesinn nach gutt mat mengem.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen, wann ech vun zentrale Fonctiounen hei zu Lëtzebuerg schwätzen, alles maachen, datt déi Leit sech hei wuel fillen zu Lëtzebuerg, datt se sech weider wuel fillen hei zu Lëtzebuerg. Dofir musse mer eis Atouté weider ausbauen a weider un där enger oder anerer Schrauf dréien.

Mir hunn dat fäerdeg bruecht zum Beispill an der Vergaangenheet, andeems mer d'Gesetzgebung geännert hunn iwwert d'Propriété intellectuelle. Mir hunn éischt vill verspiechend Schrëtt gemaach am Beräich Technologie de la santé a Biotechnologie. Mir missten déi Schrëtt ausbauen, sou datt mer an Zukunft vun engem richtige Cluster vu Bioökonomie kéinte schwätzen, fir datt déi Suen, déi mer haut investéieren, och muer eppes bréngen am Intérêt vun eiser Ekonomie an am Intérêt vun eis alleguerten.

A wann ech soen, datt mer mussen un där enger oder anerer Schrauf dréien, da mengen ech och, datt mer eis misste mat der Fro ausenanersetzen, wéi mer kënnen Weeër fannen, fir datt déi Entreprises, déi 100 Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg schafen, datt déi Entreprises, déi sech hei zu Lëtzebuerg etabléieren a 50, 100 Aarbechtsplaze schafen, datt de Kader fir déi attraktiv gëtt an datt och de Kader attraktiv ass a vläicht nach méi attraktiv gëtt fir déi, déi dofir responsabel sinn, datt déi nei Aarbechtsplaze vun neie Firmen hei zu Lëtzebuerg geschafe ginn.

Ech schwätzen do vu steuerlechen Avantage an anere Saachen. Ech mengen, datt dat géif e Plus bréngen, an ech mengen, datt dat e wichtigen Aspekt wär vun enger Politik, déi sech géif drëm beméien, ekonomesch relevant Acteure mat Lëtzebuerg ze verbannen a si hei ze verankeren.



Dat maache mer net, well et eis Spaass mécht oder well et eis gefält, mä well do-duerjer Aktivitéiten entstinn. Aktivitéiten, déi Steierrecettë generéieren. Steierrecetten, déi eis erlaben, Politiken, insbesondere Sozialpolitiken ze konzipéieren an ëmzesetzen, am Intérêt vun eis alleguer.

A wann ech soen, datt mer musse kucken, wéi mer eis kënnen drëm beméien a wéi mer kënnen Weeër fannen, fir datt déi, déi nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg schafen, och vun engem attraktive Kader kënnen bénéficiéieren an datt mer do u Schrauwe mussen dréien, dann heescht dat awer och, datt mer mussen oppassen, u wat fir eng Schrauwe mer net dréie ginn!

Wann ech zum Beispill soen, datt mer musse kucken, wéi mer méi attraktiv kënnen gi fir déi, déi Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg an neie Betriber schafen, da schéngt mer d'Erëmaféierung vun der Verméigenssteuer do net de richteg Wee ze sinn; fir et emol manéierlech auszedrécken. Deen, deen nämlech un d'Schrauf vun der Verméigenssteuer wëllt dréie goen, muss eng Äntwert dorop ginn, wat dat fir d'Ekonomie heescht. Wéi vill ginn der fort? Wéi vill kommen der net? Dat ass déi richteg Fro.

(Interruption)

Meng Iwwerzeegung ass déi, datt en Dréien un där Schrauf massiv negativ Konsequenze fir eis Ekonomie gëtt. Hei geet et net drëm fir déi Déck an déi Kleng op där enger Säit an op där anerer Säit, hei geet et net ëm déi Déck géint déi Kleng, hei geet et ëm d'Zukunft vum Land.

Wou een ëmmer muss, wann ee vu Verméigenssteuer schwätzt, och dräi Saache soen. Mir hu se 2006 ofgeschaaft fir d'physisch Persounen. Elo se erëm anzeféieren, wär e Broch, iwwert d'Erëmaféieren eraus, mat enger laanger Traditioun, wat nämlech déi Traditioun ass vu Lëtzebuerg, datt mer e previsibelt an e stabelt reglementarescht Ëmfeld hunn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Op Lëtzebuerg war an ass ëmmer Verlooss gewiescht, wat d'Reglementatioun ubelaangt. Dräi an halleft Joer, nodeem een eppes ofgeschaaft huet, et erëm anzeféieren, wär e Broch domadder. Mir géifen domadder ee vun den Haaptatoutë vun eise Standuert präisginn.

Et muss een am Iwwrege wëssen, datt d'Erëmaféieren, wann een dat oprecht mam Déchet fiscal vun deemools aus dem Joer 2006, alles an allem géif 30 Milliounen duerstellen. Am Iwwrege ruffen ech an Erinnerung, datt de toute façon déi Steier fir d'Betriber nach besteet, datt mer hei also just vun de physische Persoune schwätzen.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech vun de Recettë schwätzen, da kommen ech onweigerlech och zu der Bankeplaz. Si representéiert 40% vun eiser Ekonomie; een Drëttel vun eise Steierrecetten an der Vergaangenheet, obwuel d'Recetten agebrach sinn an also mer an deenen nächste Joren net méi mat deem Drëttel kënnen rechnen.

Et ass net fir liichtfankeg mat deem Pilier vun eiser Ekonomie ëmzegoen. Dat hu mer och net gemaach bis dato. Et ass wichteg, datt d'Bankgeheimnis erhale bleift. An ech wollt hei ausdrécklech déi vill a gutt Efforten, déi de Finanzminister an deem Beräich mécht, ervirstächen. Et geet hei ëm den „level playing field“. Et geet hei ëm de Prinzip vun der Égalité des armes, souwuel wat d'Produkte ubelaangt wéi wat d'Plazen ubelaangt; ech schwätze vun der Geographie, wann ech vu Plaze schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mir am Dossier „Bankgeheimnis“ d'Hänn um Réck zesummegestreckt kréien, kënnen mer net méi am Orchester matspillen. Wann zur gläicher Zäit de Kolleg niewendrun, ech schwätze vun eise Schwäizer Frënn, weider ka mat zwee Hänn mat vollem Jumm op d'Tromm schloen, jo da brauch ee keng Zeechnung fir ze wëssen, wou dat kann hiféieren. Duerfir musse mer weider kämpfen. Här Minister, Dir hutt eis voll Ënnerstëtzung op deem do Punkt wéi op deenen aneren och.

Nichtsdestotrotz wär et net virsiichteg an net responsabel, fir net ze plange fir de Fall wou. Mir wënschen eis dat net a mir wëllen et och net. Mä wat wär wann? Déi Fro musse mer eis stellen. De Rapporteur huet sech an eis se am Iwwregen och gestallt. An d'Äntwert dorobber kann nëmmen déi si vun der Innovatioun a vun der Diversifikatioun.

Duerfir, Här President, seet meng Fraktioun Jo zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi d'Fongenindustrie stäerkt. Zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi Mikrofinanz an ethesch gelagert Produktë fördert. Zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi déi islamesch ausgerichte Produktë mat oppenen Äerm ophëlt, och wa mer duerfir mussen, le cas échéant, d'Gesetzer änneren.

Jo zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi dozou bäidréit, datt Leit mat grouss Verméigen déi vun hei aus verwalte loosse. Jo zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi sech net ze schued derfir ass, fir Fongen, déi uerdentlech reguléiert sinn an déi eng Plus-value duerstellen, hei ze accueilléieren. Bref: Jo zu enger Politik fir d'Bankeplaz, déi op Exzellenz, Qualitéit, intelligent opgebauten Nischen a Weideres méi baut. An anere Wieder: Jo zu enger Finanzplaz, déi d'Zukunft opbaut an net der Vergaangenheet nokräisch.

An, Här President, wa mer Effortë musse maachen, fir eis Ekonomie ze diversifiéieren, a bei allen Efforten och am Kader a ronderëm d'Bankeplaz dierfe mer net vergiessen, datt de Mëttelstand de Réckgrat vun eiser Wirtschaft ass. E Mëttelstand, deen Aarbechtsplaze schafft, deen och Steierrecettë generéiert, dee vum Konjunkturpak bénéficiéiert. Dat ass gutt esou. Mir mussen oppassen, datt mer de Mëttelstand net ze vill belastschen. Mir mussen oppassen, datt de Mëttelstand net mëttelfristeg ënner Perfusion geréit, well dee Konjunkturpak, dee kuerzfristeg gutt war, laangfristeg géif oprechterhale ginn. Aufgab vum Minister ass et, fir sech ze mellen an ze aktivéieren, soubal d'Clignotanten no orange hin tendéieren. An duerfir ass et och richtig a gutt, datt et e Minister gëtt, dee sech spezifesch ëm de Mëttelstand bekëmmert an där heiteger Regierung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nei Aktivitéite bréngen nei Recetten. Gläichzäiteg wäerte mer och spuere mussen. An anere Wieder: Villes vun deem, wat mer net iwwert de Wee vun neien Aktivitéiten, déi zousätzlech Recettë generéieren, regelen, wäerte mer op der Dépensé-säit musse regelen. De Finanzminister huet, wou en de Budget presentéiert huet, dräi Piste kuerz virgezechent: d'Fonctionnementskäschten, d'Investissementen an d'sozial Transferten. Ech wëll zu deenen dräi Pisten e puer Remarquë maachen.

Fonctionnementskäschten: Den Train de vie vum Stat muss sech weider no ënne bewegen. Mir sinn der Iwwerzeegung, datt et do nach Margë gëtt. Chamber a Regierung solle mam gudden Beispill virgoen.

Ech plädéieren awer och fir méi eng grouss Responsabilitéit am Kader vun der Exécution budgétaire, datt heescht gläichzäiteg méi eng grouss Flexibilitéit. D'Regel, datt deen Euro, deen net ausgi gëtt, op enger Ligne budgétaire dat Joer drop emol a priori fort ass, muss definitiv a flächendeckend der Vergaangenheet ugehéieren.

Här Minister, ech weess, datt Der an déi Richtung amgaang sidd ze schaffen. Et kéint ee sech virstellen, wann een och net, wéi de Rapporteur, d'Normes budgétaires wëllt global aféieren, ee se fir d'Fonctionnementskäschten emol géif experimentéieren.

Ech mengen net, Här Rapporteur, contrairement zu deem, wat Dir mengt, datt eng Reorganisatioun vum Contrôle financier, esou wéi se lech virschwief, géif vill bréngen. Mä mir kënnen doriwuer diskutéieren.

Objektiver an Evaluatioun si sécher am Budget och eppes Richteges. De Fait, datt fir kleng Dépenses 20 Ënnerschrëften néideg sinn, ass eppes, wat ech ni verstan hunn an och ni wäert verstoen.

Déi zweet Pist, déi de Minister opgezechent huet, war déi vun den Investitiounen. D'Investitiounen kann ee strecken, muss ee strecken, wäerte mer weider strecken. Dat ass dat eent.

Dat Zweet: Ech mengen, datt een och déi Lëscht vun den Investitiounen nach eng Kéier kéint ofklappen. Bréngt all Projet eng Plus-value? Brauche mer alles, wat an deenen eenzelne Projekte virgesinn ass? Wat ka wou méi bëlle gebaut ginn?

Ech weess, datt ech beim Bauteminister, deen haut Développement-durables-Minister heescht, oppen Dieren arennen, wann ech dat soen.

Wichteg schéngt eis awer och als CSV-Fraktioun, datt mer d'Schold op där enger Säit, d'Statsschold op där enger Säit an Investitiounen unenee bannen. Fir d'éischt geet et drëm, datt déi Statsschold, déi mer musse maachen, net aus dem Rudder leeft, mä da geet et awer och drëm, fir déi Statsschold den Zukunftsinvestitiounen zuzewennen: Schoul, Héichschoul, Fuerschung, Innovatioun, nei Technologien, Infrastrukturen, Energien. Dat sinn déi Secteuren, an déi mer mussen investéieren. An dat sinn och déi Secteuren, wou an eisen Ae mer kënnen Schold maachen, fir déi Investissementen ze tätigen.

D'Zil dierf net dat sinn, fir Schold ze maachen. Zil muss et sinn, fir d'Zukunftsinvestitiounen ze finanzéieren. Dat mécht déi Schold och vertriebar. Dat mécht et vertriebar, fir Schold ze maachen, ebe well déi Investissementen och fir déi zukünftige Generatiounen do sinn.

Beispill: Mir hunn an deene leschte Joren de schnellen Internet entwéckelt. Mir mussen elo de ganz schnellen Internet entwéckelen. Mir brauchen do e Plang vun der Regierung. Dat schéngt mer indispen-sabel ze sinn.

Klammer op: D'SES huet an engem ähnleche Beräich 500 Milliounen an d'Satelliten d'lëscht Woch investéiert. E Fait, dee kaum Beuechtung fënnt. Mä e Fait, deen awer weist, datt et och ganz Secteure vun der Ekonomie ginn, wou et nach gutt fonctionnéiert.

A wann ech soen, datt mer eis Gedanken driwwer solle maachen an och konkret ginn d'nächst Joer, wat d'Strecke vun Investissementen ubelaangt, d'Iwwerkucke vun Investissementen, da froen ech mech, ob mer net an deem engen oder anere Beräich och kéinten d'Iddi vun engem Moratorium an d'A faassen. Gëtt et net Beräicher, wou mer esou gutt équipéiert sinn, datt mer emol e puer Joer näischt bräichten ze maachen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et fäerdeg bruecht, um Härebierg während 30 Joer näischt ze maachen. Et wäerten dach och Beräicher ginn an aner Domänen, wou mer et och e puer Joer géife fäerdeg bréngen, näischt ze maachen. Ech wëll net, datt mer dat an engem Beräich maachen, wou mer sous-équipéiert sinn. Mä et gëtt sécherlech deen een oder deen aneren, wou mer esou gutt équipéiert sinn, datt mer net direkt muer musse weider massiv investéieren.

All deenen, déi mech elo froen, ech soll e Beispill nennen, soen ech: Ech nennen haut keent. Ech nennen och muer keent an ech nennen och dëst Joer keent. Alles dat gehéiert zu deene Punkten, déi mer d'nächst Joer wäerten diskutéieren.

Drëtte Punkt, drëtte Block. Mir wäerten d'Sozialtransferten iwwerkucken. Dat steet am Koalitionsaccord. Dat geschitt am Sënn vum sozialen Ausgläich. Dat geschitt am Sënn vun der sozialer Kohesioun. Et geet net, datt mer am soziale Beräich massiiv den Hiewel géifen usetzen an an all deenen anere Beräicher just géife Saache maachen, déi Peanuts duerstellen, gradesou weénege wéi et geet, datt mer am soziale Beräich näischt géife maachen. Och deen Deel muss am Pak mat dra sinn. E Pak, deen équilibréiert muss sinn.

Wann zum Beispill gesot gëtt, datt Abatementen a Subventiounen op hir Zilsetzung am Impakt iwwerkuckt solle ginn, dann huet dat net nëmmen, mä awer och eppes mat sozialer Selektivitéit ze dinn.

Här Di Bartolomeo, ech gesinn, Dir sidd scho ganz nervös. Wa mer soen, datt mer iwwermuer,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ech hunn lech am A.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Wa mer soen, Här Di Bartolomeo, datt mer iwwermuer e Problem an de Pensiounen hunn

an duerfir muer mussen op deene 16 Pisten - wann ech mech richtig erënneren, sinn et der 16 - schaffen, dann huet dat och eppes mat sozialem Ausgläich ze dinn. Näischt ze maachen am Beräich vun de Pensiounen ass a mengen Aen asozial vis-à-vis vun deenen zukünftige Generatiounen, well et e Broch vum Generatiounevertrag vun dëser Generatioun vis-à-vis vun där nächster kéint duerstellen.

De Problem klengzerieden, hëlleft och näischt. Och do ass Fangerspëtzegefill gefrot. Dir hutt dat. Och do...

(Interruption)

...muss de sozialen...

(Hilarité)

Ech hunn lech net richtig héieren, Här Di Bartolomeo. Sot et nach eng Kéier.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Dir kéint mä Pressesprecher sinn.

(Interruption et hilarité)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech spiere mech net extrem qualifizéiert, Här Di Bartolomeo, fir fir en Job ze postuléieren, wou ech weess, datt ech permanent den zweete Präis kréich.

► **Plusieurs voix**.- Oooohhh!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Par rapport zu lech!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Dir waart awer no drun.

(Hilarité)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sozial Selektivitéit kann a wäert awer nëmme funktionéieren zesummen am Pak mat anere Mesuren. Sozial Selektivitéit kann a wäert nëmme funktionéiere mam Zil vum sozialen Ausgläich a virum Hannergrond vun der sozialer Kohesioun.

Wat d'Steieren ubelaangt, esou huelen ech et mam Rapporteur: 1. Steieren dierfen net en Tabu vu virera sinn; 2. Mir mussen d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie am Bléck halen; 3. Steiere kommen an d'Spill, wann all dat anert Spuerpotenzial ausgekraazt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Oppositioun gëtt net midd, der Majoritéit virzeweieren, si géif net soen, wou d'Rees géif higoen. Ech weess net, wat Der lech erwaart hat haut, Här Meisch. Ech weess net, ob Der lech erwaart hat, datt mer lech géifen e Pak vun 20, 25 Mesuren hei virlesen. Hätte mer dat gemaach, hätt Der sécher gejaut, et géif vun uewen erof decidéiert ginn, d'Majoritéit géif mat kengem schwätzen, si géif alles besser wëssen a si hätt keng Gespréichskultur.

Et ass ëmsou méi erstaunlech, wat Der an deene leschten Deeg zu deene Problemfelder gesot hutt, well am Numm vun Ärer Fraktioun am Juli gesot ginn ass, Dir wäert mat der Zilsetzung vun der Koalitioun d'accord, nämlech: mëttelfristeg équilibréiert Statsfinanzen; keng iwwerdriwwen Verschuldung; sozial Transferten, déi iwwerkuckt ginn; an eng wirtschaftlech Kompetitivitéit, déi misst verbessert ginn.

Wann Der also, wéi den Här Bettel am Juli gesot huet, mat deenen Ziler d'accord sidd, a wann Der mengt, et wär elo de Moment komm, fir konkret Proposen ze maachen, dann hoffen ech, datt Der se elo macht, wann Der hei op dat Pult trëtt, nodeem ech fäerdeg sinn.

D'Method vun der Majoritéit ass eng aner. Dat ass déi vum Gespréich, fir d'éischt mat de Fraktiounen, wéi de Finanzminister et am Oktober hei gesot huet, wou en de Budget virgestallt huet, duerno mat de Sozialpartner, d'Tripartite ënner Abannung vun der Chamber, virdrun, währenddeem an duerno. D'Zil ass dat, e globale Pak virzeleeën an dann ze verabschieden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech vum internationale Kontext schwätzen, vum nationale Kontext, vun eisen Atouten, vun der Diversifikatioun, vun der Recettëssäit vum Budget, vun den Asperungsméiglechkeeten op der Dépen-



sësäit, dann huet dat alles eppes mat där neilëtzebuergescher Exit-Strategy - fir dat Wuert nach eng Kéier ze gebrauchen - ze sinn. D'Stratégie de sortie de crise, fir et op Franséisch ze soen. Déi Strategie setzt selbstverständlech viraus, datt et keng nei Réckschléi a keng Bullé ginn. Ech hunn dat virdrun illustréiert.

Eng Stratégie de sortie de crise, déi et ze preparéiere géllt. Am Ausland ass dat am lwwregen net anescht. Och do si se amgaangen, d'Stratégie de sortie de crise ze preparéieren. Och do si se eréischt amgaangen, se ze preparéieren. Och dat erklärt, firwat haut, d'lescht Woch an d'nächst Woch net 20, 25 Mesurë virgeluecht ginn hei. Och dat erklärt, firwat déi Reprochen, insbesondere vun der Demokratescher Partei, déi der Majoritéit Konzeptlosegkeet virgeheien, näischt daachen.

Op d'Fro, wéi et da mat der Sortie de crise géif stoen, sot den Dominique Strauss-Kahn, Generaldirekter vum FMI, virun zéng Deeg: Jo, et muss ee se virbereeden, déi Pläng, fir aus der Kris erauszekommen. Neen, et dierf een des Pläng net ze fréi ëmsetzen. Et gëtt méi deier, seet de Strauss-Kahn, ze fréi aus de Konjunkturpäck erauszeklammeln, wéi ze spët doraus erauszeklammeln. Obwuel d'Konjunkturpäck deier sinn, mussen se weidergefouert ginn.

Deemno geet et drëms, éischstens, d'Sortie de crise elo virzubereeden. Dat maache mer. Dat si mer amgaangen ze maachen. Zweetens geet et drëms, fir ze soen, wéi dat ze geschéien huet. Hei zu Lëtzebuerg geschitt dat ab Ufank vum neie Joer. Drëtzens geet et drëms, dat Ganzt duerno ëmzesetzen. Dat geschitt am Joer `11 an duerno.

Mir sinn also gutt am Timing dran. Mir si gutt am Timing dran, wann ech kucken, wat international och amgaangen ass ze geschéien. Dat ëmsou méi mer, éischstens, e Point de départ virun der Kris haten, deen net allze schlecht war, mat engem Budget, deen an der Rei war; dat ëmsou méi d'Gespréich an d'Diskussiounen zentraalt Element sinn hei zu Lëtzebuerg vun all Léisung, déi gedroe wëllt ginn; dat ëmsou méi, drëtzens, datt et richtig ass, datt de Konjunkturpak den Ament weiderleeft.

Et ass wichteg, datt dee Pak weiderleeft, well e stabiliséierend Wierkungen op d'Ekonomie huet. Dee Konjunkturpak, dee weiderleeft, dierf awer net zum permanente Baxter fir eis Ekonomie ginn. De Minister huet dat d'lescht Woch illustréiert; ech ginn net am Detail dorobber an.

Wat mer doriwwer eraus brauchen, wann ech vun der Sortie de crise schwätzen a wann ech Konklusiounen zéien aus deenen Elementer, déi ech elo hei gesträift hunn oder analyséiert hunn, wann ech déi Konklusiounen zéien, da soen ech, datt mer am Joer 2010 e Plang brauchen, eng Roadmap - fir Neilëtzebuergesch ze schwätzen -, fir d'Saachen erëm an d'Riicht ze bréngen; en zäitleche Plang, en thematesche Plang.

Bref, mir müssen e Redressementsplang ausschaffen, deen ëmgesat ze ginn huet, wann d'Ekonomie erëm uspréngt, au fur et à mesure wéi se uspréngt, op eng durabel Manéier, esou datt privat Investisementer an Dépensé progressiv déi staatilech, déi während der Kris néideg sinn, erëm ersetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kris ass eréischt eriwuer, wann de Chômage erofgeet. Or geet e weider erop. An et bréngt och näischt an deem Zesummenhang, fir mat alarmisteschen Zuelen ze operéieren. Fakt ass, datt de Chômage weider eropgeet. Fakt ass, datt d'Kris eréischt eriwuer ass, wann e massiv erofgeet. Fakt ass, datt, deemno wat geschitt, e méi oder manner wäert eropgoen.

Duerfir ass et wichteg, datt mer en zolitten Arsenal hunn, fir d'Konsequenze vun deem Chômage opzefänken an ofzefiedere, vervollstännegt am Oktober iwwert de Wee vum Gesetz, wat sech mat deene méi Jonken, déi riskéieren an de Chômage ze falen, auserneeestzt.

Nieft deene Jonke mussen mer awer och, an dat läit menger Fraktioun um Häerz, speziell Efforten op déi konzentréieren, déi keng Qualifikatioun hunn, an och op déi Chômeuren, déi alt e bësse méi al si wéi déi aner.

De Kampf géint de Chômage beschränkt sech awer net op d'Offidere vun de Konsequenzen an d'Neesopfänke vun deene Betraffenen. E beschränkt sech jo och net op de Maintien de l'emploi an de Maintien dans l'emploi. Diversifikatioun an nei Aktivitéiten, och dat ass proaktiv Anti-Chômage-Politik. Awer nëmmen ënner enger Konditioun; ënnert der Konditioun, datt Formatioun a Schoul esou ausgeriicht sinn, datt eis Jonk och déi Plaze kréien, déi geschaf ginn.

Wéi oft héiert een e Patron vun enger internationaler Firma, dee seet, e géif jo gäre Lëtzeburger stellen, e géif just keng fannen. Duerfir ass et - och wann dat vläicht net ëmmer richtig ass, ass et sécher och net ëmmer falsch - wichteg, datt mer weider un eiser Schoul schaffen, datt mer weider reforméieren am Beräich vun de Schoulen, datt mer weider d'Formatioun verbessern, fir datt déi Plazen, déi geschaf ginn, och, wéinstens zu engem Deel, vu Lëtzeburger kënne besat ginn. Dat ass haut a ville Secteuren an op ville Plazen - leider, géif ech gär soen - net de Fall.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Titel vum Rapporteur sengem Rapport war: 2010, une année charnière. De Rapporteur huet eis domadder invitéiert, iwwert de Budget 2010 erauszekucken. Ech hunn där Tentatioun och net résistéiert, well ech er net wollt résistéieren. Et ass an deem Sënn a virun deem Hannergrond, wou meng Fraktioun dee Budget hei wäert stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zäiten, déi op eis zoukommen, gi sécherlech keng einfach. Dat ass dat eent. Dat anert ass, datt mer Atouten a Strategien hunn, fir aus de Saachen erauszekommen a gestärkt mat neier Stärkt aus der Kris eraus an duerno erëm ze wuessen. An, wa mer net selwer alles schlechtrieden, wa mer net selwer eis an Detailer verhedderen, wa mer net selwer eis ze Doud diskutéieren, da packe mer dat all zesummen. Dat ass meng lwwerzeegung. Dat ass déi vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schiltz Merci. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi dësjähreg Budgetsdebatte fannen an engem komplett anere Kontext statt, wéi mer dat iwwer laang Joren, bal Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg gewinnt sinn.

Mir ginn oder wëllen d'nächst Joer 2010 als lëtzebuergesche Stat 22% méi ausginn, wéi mer erakréien. Mir kennen d'Envergure vum Lach an der Gesondheetskeess. Mir wëssen, datt mer Mount fir Mount nei Rekordzuelen am Chômage schreien. Rekordzuelen, wou mer mëttlerweil deelweis iwwert der Situatioun am noe Grenzgebitt leien.

Mir kennen an diskutéieren hei all Dag iwwert den internationalen Drock, deen opgebaut gëtt, fir Lëtzebuerg an eenzelen Domänen en Deel vu sengem Succès ewechzehuelen, ewechzenäiden. Gëschter war et de Commerce électronique, haut ass et d'Bankgeheimnis, muer vläicht nees den Tanktourismus.

Mir kennen eng ganz Rei vun al bekannte Problemer, déi net nei sinn, déi net krisbedéngt sinn. Mir schwätzen haut wéi mer iwwert déi lescht Joren iwwert d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie geschwat hunn. Mir schwätzen haut wéi mer déi lescht Joren iwwert d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomie geschwat hunn.

Mir schwätzen elo, an elo just nach, iwwert d'Rentemauer an déi Diskussioun, déi noutwendeg ass, fir ze kucken, wat mer maachen, fir och deene Jonken, deene künftige Generatiounen nach eng sécher Rent kënnen ze assuréieren, datt se Vertrauen hunn an ee vun deenen zentrale Piliere vun eiser Sécurité sociale.

Mir wëssen, datt mer d'Kyoto-Ziler méi wéi däitlech wäerte verpassen. Mir kennen all Dag d'lwwerlaaschtung vun eise Verkéiersinfrastrukturen an de Besoin un zousätzlechen Infrastrukturen an u groussen Investitiounen, déi nach do noutwendeg sinn. Mir wëssen, datt Joer fir Joer dausende vu jonke Leit aus de Schoule kommen ouni Ofschloss. An ouni Ofschloss heescht ganz oft ouni Zukunftschancen.

Mir wëssen och, datt et mëttlerweil iwwer 15.000 Lëtzeburger gëtt, déi net méi zu Lëtzebuerg doheem sinn, mä am noe Grenzgebitt, well Wunnen hei offensichtlech ze deier ginn ass.

Nieft deem dote Kontext, nieft neien Erausforderungen an neie Problemer, déi sech akut an der Kris gestallt hunn, nieft deene Problemer, déi mer déi lescht Joren - ech wëll emol soen - matgeschleeft hunn, gëtt et eng ganz Rei vun Zukunftseraushforderungen, deene mer eis och net kënne verschléissen. Et geet sécherlech drëms, déi nächst Joren nei a weider Kompetenzen opzeiichten an ze schafen hei zu Lëtzebuerg, fir Lëtzebuerg, eist Land, op d'Zukunft ze preparéieren.

Am Mëttelpunkt steet do d'Universitéit, déi nach an enger Opbauphas ass. An Opbauphas mengen ech do ganz besonnesch, wann et drëms geet, definitiv Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen. Et geet drëms, fir dat, wat mer opgebaut hunn am Domän vun der Fuerschung, kënnen ze stabiliséieren, auszubauen a virun allem a Richtung Exzellenz weider ze dévoppéieren.

Mir wëssen, datt mer e groussen Nohuelbedarf hunn, wat d'Kannerbetreung ublaangt, souwuel quantitativ wéi qualitativ.

Do komme grouss weider Erausforderungen op eis duer, nieft all deem, wat Dag fir Dag un Hiobsbotschaften op eis erareent. An dat no 20 fette Joren, no 20 gudden Joren, no 20 Joren, wou mer däitlech wirtschaftlech gewuess sinn, wou mer exzellente Statsfinanzen haten, well déi Wirtschaftscroissance Joer fir Joer méi Geld an d'Statskeese gespullt huet, wéi mer eis et eigentlech am Ufank vum Joer virgeholl haten.

An elo si mer an der Situatioun, datt no 20 gudden Joren ee Joer Kris eigentlech duergaangen ass, datt all d'Reserven opgebraucht sinn an datt mer elo schonn amgaange sinn, d'Scholdenauer unzedecken.

D'Regierung kann also net fir alles, wat net richt ass, fir alles, wat nach ze maache bleift, der Kris d'Schold ginn. Villes läit einfach dorunner, datt mer Problemer iwwert déi vergaange Jore virun eis hiergedrückt hunn, datt mer heiansdo och Problemer probéiert hunn ze léisen, andeems mer einfach Suen an de Grapp geholl hunn an domadder d'Problemer zougedeckt hunn. Nun, déi Sue sinn elo net méi do an d'Problemer tauche ganz, ganz schnell erëm op.

2005 an 2006 hate mer eng Diskussioun hei am Land iwwer eng Rei vu strukturelle Problemer a mir hunn dee Moment eng Rei vu Mesurë geholl. Mesuren, déi awer och gläichzäiteg 2009 nees ausgelaf sinn. An datt mam Auslafe vun de Mesuren d'Problemer net éiweg verschwonne waren, mussen mer haut nees feststellen.

Mir hunn also haut net nëmmen eng konjunktorell Kris, ausgeléist duerch eng grouss international Finanzkris, Wirtschaftskris a Sozialkris, neen, déi strukturell Problemer vun 2006 goufen nëmmen temporairement cachéiert. Si existéieren nach ëmmer an aggravéieren eigentlech de Problem.

Wann ech de Budgetsrapporteur, deem ech wëll félicitéiere fir seng Fläissarbecht op där enger Säit an awer och seng Denksteiss op där anerer Säit, déi e souwuel am schrëftleche wéi och mëndleche Rapport ginn huet, richtig verstanen hunn an engem Interview am „Lëtzeburger Wort“ d'lescht Woch, gesäit en dat eigentlech net ganz vill aneschtens.

De Finanzminister huet d'lescht Woch hei op deser Plaz gesot, de Stat wär kee Kleeschen. Ech mengen, méi richtig wär et, wann e gesot hätt, de Stat wär kee Kleesche méi. Well am Laf vun de leschte Joren ass de Stat oft higaangen an huet Kleesche gespillt. An oft sinn nei weider Mesurë

geschaf ginn, wahlaktesch Geldleeschungen, déi agefouert goufen, déi oft net haart an däitlech gefrot goufen doruechter, mä déi awer elo eise Budget belaauchten.

Den Här Frieden huet dann och gesot, d'Situatioun wär schwierig, et misst gespuert ginn. Kee Wuert allerdéngs vun him, kee Wuert vum Budgetsrapporteur, kee Wuert och haut, an en huet ganz kloer hei nach eng Kéier gesot, et géif och kee Wuert kommen, vum Spriecher vun der CSV-Fraktioun, wou da ganz konkret sollt gespuert ginn.

D'Fro stellt sech also: Wat geschitt elo? An d'Regierung huet, andeem se esou wéi se bis ewell op déi Kris reagiert huet, déi Politik, déi se gemaach huet, eigentlech gewisen, datt se dach relativ einfallslos virgaangen ass. Eng antizyklesch Politik gëtt esou iwwersat, datt een einfach emol näischt mécht.

D'Gesondheetskeess an Éieren, dat heescht eigentlech emol nëmmen d'Reserve fir e Joer unzape goen. D'Betribler ënnerstëtzen, dat gëtt gemaach, andeem se zum Deel verstaatlecht ginn, andeem se zum aneren Deel öffentlech Opdrag kréien. A Weeër aus der Kris sichen, do gëtt d'Parlament gefrot, do ginn d'Sozialpartner gefrot, fir dach emol e gudden Rot ze ginn.

D'Fro, déi munchem heibanne wahrscheinlech op de Lëpse läit, ass: Jo, wat géif d'Demokratesch Partei dann aneschtens maachen?

► **Une voix.** - Dat hat ech gefrot.

► **M. Claude Meisch (DP).** - Jo. An ech wëll och dozou kommen, well ech hat et och déi lescht Deeg gesot, wou Der jo anscheinend dat opmierksam suivéiert hutt, mä trotzdeem net alles.

(Interruption)

Da ginn ech lech elo nach eng Kéier d'Chance hei. Duerfir ass et jo gutt, datt mer eis dann och heiansdo hei an deem Haus begéinen.

D'Demokratesch Partei wäert sech an där doter Diskussioun net verstoppen. D'Demokratesch Partei huet, wann et am Interessi vum Land war, sech déi lescht Jorzéngten net verstoppt. D'Demokratesch Partei huet sech 2006 net verstoppt, wou mer Problemer haten, déi net déi heiten Envergure haten, mä wou mer trotzdeem responsabel waren a munches matgedroen hunn. A mir wäerten eis och elo net verstoppen.

D'Demokratesch Partei ass bereet, fir Verantwortung ze iwwerhuelen. Allerdéngs si mer net bereet, fir egal wat ze maachen. Mir wëlle matschaffen un enger zukunftsorientierter Reformpolitik. Eng zukunftsorientéiert Reformpolitik, déi déi strukturell Problemer, déi mer am Land hunn, ugeet an net nëmme weider viru sech hierdréckt.

Mir hu virun de Wahle gesot, mir hunn och no de Wahle gesot, mir hunn och am Juni, Juli gesot, datt mer d'lwwerleegung deelen, fir e Konjunkturpak opzeleeën. E Konjunkturpak, deen derzou soll hëllefen, op d'mannst en Deel vun deem, wat un Demande aus dem Privatsektor, vun de Stéit, vun den Entreprises zrëckgeschrafft ginn ass zënter iwwer engem gudden Joer elo, kënnen ze kompenséieren. Wa mer dat nämlech net gemaach hätten, an do si mer eis nach wie vor alleguerten eens, dann hätte mer sécherlech d'Situatioun nach däitlech verschlechtert.

Allerdéngs geet et an engem Konjunkturprogramm net nëmmen dorëms, an därer et net nëmmen dorëms goen, fir Geld auszeginn: Et muss dorëms goen, Geld sënnavoll auszeginn. An duerfir hu mer och vun Ufank u gesot, kommt, mer machen eppes an enger Rei vun Domänen, wou mer wierklech en nohaltegen Effet kënnen hunn, an enger Rei vun Domänen, wou mer viru groussen Erausforderunge stinn, an enger Rei vun Domänen, wou mer souwisou fréier oder spéider müssen eis drummaachen, fir eppes an de Grapp ze huelen.

Ënner anerem d'Albausanéierung war fir eis, wann et ëm e Konjunkturpak geet, eent vun den zentralen Themen, wou Der wësst, datt mer, amplaz iwwert déi Subsidiepolitik ze fueren, déi d'Regierung do préféiert, éischer iwwert de Wee vun enger Virfinanzéierung vun deene Mooss-



namen do géife fueren, wou d'Leit dat haut iwwer eng Klimabank virfinanzéiert kréichen, wou se et duerno géife rembourséiere mat deem, wat se Mount fir Mount un Energiekäschte géife spueren.

Dat hätt ganz konkret an engem vill méi grouse Volume konkret Optrag fir d'Lëtzebuurger Handwierk bedeit. Et hätt jiddwer Eenzelnem d'Méiglechkeet ginn, definitiv der Energiefal ze entkommen, a finalement hätt de Stat och nach emol dovunner profitéiert, well e manner an dat grousst Kyoto-Déppen hätt missen eraver-séieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch (DP).** - Mir hunn och proposéiert, op där anerer Säit dem ganze Konjunkturpak e weidert Element ze ginn, wat mer vermësst hunn. Nämlech en Element, fir och de private Konsum e Stéck unzekierpen. Wann de Budgetminister hei an d'Chamber kënnt, a beim Dépôt vum Budget huet en dat gesot, e seet, datt ganz vill Handwerksbetreiber queesch uechtert d'Land eigentlech frou wären, datt momentan nach öffentlech Optrag do wären, well vum Rescht kéim eigentlech näischt méi, da wësse mer, wéi schwach momentan de private Konsum ass, an da wësse mer, wa mer nohalte eppes wëllen erreechen, fir virun allem dem mëttelstännege Secteur hei am Land ze helléfen, datt mer och musse kucken, datt d'privat Leit, datt Familijen nees Geld an de Grapp huelen an investéieren.

Duerfir wollte mer higoen an d'Déductibilitéit vun de Scholdzënsen um eegene Logement verdräifache fir jonk Familijen an duerno degressiv zrëckféieren. Dat hätt ganz konkret Kafkraaft geschaf fir jonk Familijen; et hätt de Wunnengsbau ënnerstëtzt; et hätt den Handwerkssektor ënnerstëtzt.

Op där anerer Säit gëtt et en anere grouse Chantier zu Lëtzebuerg, an dat ass nach wie vor d'Wunnen, et ass dat deiert Wunne fir Leit mat engem ebe méi bescheidene Revenu. An do hätte mer eis kënnen virstellen, datt een och en Deel vun deene Moyer geholl hätt, déi de Stat am Konjunkturpak fräigemaach huet, fir och privat Promoteuren ze favoriséieren, am soziale Wunnengsbau aktiv ze ginn. Och do hätte mer eppes erreecht, nämlech, datt méi bëlleg wunnen zu Lëtzebuerg méiglech gewiescht wär a mer domadder finalement manner Drock op d'Loungkäscht gehat hätten, well eng ganz Rei vun anere Secteuren och an Zukunft an deenen Diskussiounen, déi mer nach elo musse féieren, dann anscheinend ab 2010, wat deenen zeguttkomm wär.

En aneren, e méi nohaltege Konjunkturpak wär also méiglech gewiescht; e Konjunkturpak, dee jonk Familijen ënnerstëtzt; e Konjunkturpak, dee wunnen zu Lëtzebuerg weiderhi méiglech gemaach hätt; e Konjunkturpak, deen der Mëttelschicht en Deel vun hirer Kafkraaft zrëckginn hätt; e Konjunkturpak, dee kleng a mëttelstännege Entreprisë virun allem ënnerstëtzt hätt. Jo, an och e Konjunkturpak, mat deem mer op d'mannst en Deel vun eisen Hausaufgaben am Klimaschutz hätte kënnen maachen. Dat wär e Konjunkturpak gewiescht, dee wierklech an d'Zukunft vun eise Land investéiert hätt.

Elo si mer higaangen a mir hunn 2009 virun allem d'Dépensë lafe gelooss, wéi gesot, wat mer aneschtors orientéiert hätten, mä datt et gemaach ginn ass, domadder hu mer net de Problem, 2010 eigentlech och net. Mä mer mussen awer wëssen, datt dat dote keng Politik därff sinn, déi Defizitpolitik, déi momentan gemaach gëtt, keng Politik därff sinn, déi ka weider geschriwwen ginn, well d'Konsequenze wären, datt Lëtzebuerg net méi dat Land wär, wéi mer et kennen, datt Lëtzebuerg net méi dat Land wär, wéi mer et gären hunn.

Wat wäeren d'Konsequenzen? Mir wëssen, datt mer, wa mer pro Joer zwou oder méi Milliarden méi ausginn, wéi mer erkréien, ufänken, eng Kéier déi dote Montanten iwwer Emprunt mussen ze finanzéieren, datt iergendwann eng Kéier de Spillraum fir d'Politik um Enn ass. Mir wëssen, datt mer dann iergendwann eng Kéier eng erdréckend Scholdelaacht hunn, déi mer deene künftege Generatiounen wäerten hannerloossen.

Mir wëssen, datt d'Scholden vun haut och d'Steierhéijunge vun der Mëttelschicht fir muer wäerte sinn. Net nëmme vun der Mëttelschicht, mä och fir d'Betriben. Mir wëssen, datt mer dann, wat de Standuert Lëtzebuerg ubelaangt, sécherlech méi schlecht Rahmbedéngunge wäerten hunn, a mer wëssen, datt mer doduerjer fréier oder spéider an eng Ofwärtsspiral hei zu Lëtzebuerg wäerten erageroden, well da mat méi héije Steiere mer éischter manner Betriben hei zu Lëtzebuerg wäerten hunn an da manner Recetten an d'Statskeess erakommen, woubäi ech do mam Fraktiouns-president vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei absolut enger Meinung sinn, a wann dat emol de Fall ass, da soll dat nämlech och heibanne gesot ginn.

(*Interruption*)

Ech hunn et d'ailleurs gëscht bei der Pressekonferenz gesot, datt do, wou mer der Meinung sinn, wou mer kënnen eng Hand upaken, wou mer eis begéinen, datt een do sech net soll schummen, dat och emol eng Kéier kloer an däitlech ze soen.

(*Interruption*)

Mir därefen also weiderhin d'Aen net zoumaache virun där doter Realitéit. Mir riskéiere finalement, wa mer net bougéieren, Zukunftschancen ze vernichten. Mir riskéieren, datt dat, wat mer haut ausginn an haut ze veräntwerten hunn, spéider vun deene Jonken an deenen nächste Generatiounen ze bezuelen ass, a mer riskéieren, datt mer deene Jonke finalement e sinistériert Land géifen hannerloossen.

Den Här Frieden huet och d'lescht Woch op dëser Plaz en Appel gemaach, fir ze spueren, datt mer eis dat ab 2010 sollen iwverleeën an ab 2011 da konkret domadder sollen ufänken.

Nun, ech froe mech, ob spueren duergeet, ob et duergeet, elo ze soen: „Wou huele mer eppes ewech, wou gi mer e bëssen aschneiden, e bësse këppen?“

Mir mengen, an dat hu mer och schonn an eise Wahlprogramm ugedeit, datt d'Aufgab eng aner misst sinn: nämlech, fir eise Budget strukturell nei opzestellen an emzebauen, fir wierklech ze kucken, wou de Stat mat manner Geld - well et ass es elo net méi esou vill do - eigentlech eng besser Politik ka maachen, wou de Stat ka méi intelligent mat de Steiergelder emgoen.

A strukturellen Embau vum Budget, dat heescht fir eis eben net, nëmme riets a lénks e bësse sträiche goen, eppes ewechzehuelen. E strukturellen Embau vum Budget, dat heescht virun allem, mat manner Geld méi ze maache fir d'Leit.

Do hu mer eng ganz Rei vu Propositionen, déi mer hei, déi mer an eise Wahlprogramm, déi mer och queesch uechtert d'Land ëmmer nees proposéiert hunn. Ënner anerem de Subventionsdschungel eng Kéier op de Leescht ze huelen, dat, wat vill Geld kascht, well d'Politik gären eppes hätt, dat deen Eenzelnen an d'Betriben solle maachen.

Mir mengen, datt e Subsid eigentlech soll eppes sinn, wat iergendwann elo eng Kéier eng begrenzte Liewensdauer huet, a wou mer dës le départ och soen, wéi laang datt mer d'Leit finanziell ënnerstëtzen, wa se eppes maachen, an ab wéini iergendwann eng Kéier déi finanziell Ënnerstëtzung ewechfällt respektiv se degressiv ofgebaut gëtt, an ab wéini een da muss e gewëssent Verhalten och adaptéiert hunn.

Mir hu ganz konkret Virstellungen iwver eis Klimabank - ech widerhuelen et nach eng Kéier -, wat de Beräich vun der Albasanéeierung ubelaangt, wat de Beräich vun den erneierbaren Energien ubelaangt, wou mer mat manner staatlech Input u Budgetsmëttele vill méi kéinte bewegen, wat bei de private Leit doheem alles kéint gescheien.

Mir mussen eng aner Aarbechtsmaartpolitik maachen. Do däreft mer eis och elo net op dat limitéieren, wat dann awer elo emol endlech soll ugoen, nämlech eng strukturell Reform vun der Administration de l'Emploi, déi méi op Regionaliséierung wëllt goen, déi dorop hi wëllt goen, fir elo do, wou de Besoin wierklech grouss ass, och schnell zousätzlech Placeure kënnen ze engagéieren. Mä mir mussen och eng aner Politik an deem doten Domän

maachen. Eng aner strukturell Form. Méi Leit, déi do schaffen, dat eleng wäert, fäerten ech, an dëser Situatioun net duergoen.

Duerfir nach eng Kéier eise ganz klore Appel: Weiterbildung, Weiterbildung, Weiterbildung an deem doten Domän ganz eropzesetzen, an elo net nëmme aus der Administration de l'Emploi en Établissement public ze maachen, mä eigentlech eng Agence, déi prioritär Weiterbildung ubitt, fir datt d'Leit dee Bagage kréien, dee se um éischten Aarbechtsmaart brauchen, fir do definitiv kënnen Fouss ze faassen.

A wann et dann och Leit gëtt, déi sech bis ewell an deem ganze System emol heiansdo derlaanscht gedréckt hunn, fir an enger Formatioun musse matzemaachen, fir en Job unzehuelen, da mengen ech, muss een och aneschtors mat deene schwätzen an där Situatioun, wou mer haut dra sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch (DP).** - Mir stellen eis och vir, datt mer eis Familljepolitik, eis Sozialpolitik kënnen iwverdenken. Mir haten och an eise Wahlprogramm e Modell virgeschloe vum sougenannte Wunngeld, wou mer déi Moyeren, déi mer haut als Kannergeld bezuelen, méi gerecht a méi selektiv verdeelt hätten.

Ech erënnere mech allerdéngs un d'Diskussiounen, wéi et do gaangen ass, wann een emol eng Kéier eng konkret Proposition hei gemaach huet, an duerfir verstinn ech dann och vläicht de Fraktiouns-president vun der CSV, datt hie se net hei wëllt maachen, mä mer widerhuele se awer nach eemol, well mer se nach wie vor derwäert fannen, fir seriö ze diskutieren.

A wa mer de Budget haut kucken, fannen ech, ass et méi derwäert nach wéi jee, fir doriwwer ze diskutieren.

Mir wëllen nach wie vor och an der Familljepolitik, datt mer ewechkomme vun där Geldleeschtungsolitik, vun där Politik, déi d'Geld verdeelt, ouni datt mer wëssen, ob et da wierklech doheem bei der Famill eppes ännert, eppes zum Besseren ännert, notament fir d'Kanner, méi hin zu Sachleeschtungen a virun allem do an deem Beräich, wou mer e groussen Nohuelbedarf hunn, bei der Kannerbetreuer weiderhin eppes maachen. Och do kënnen mer net alles maachen. Do musse mer virun allem Prioritéite setzen.

Duerfir hu mer net richtig verstanen, firwat elo de Chèque-service op all méiglech Domänen soll ausgeweit gi bis hin zu de Senioren. Wa mer grouss Chantieren détectéiert hunn, wou et eng gesellschaftlech Aufgab ass, fir e Stéck virunzekommen, da musse mer eis emol dorobber konzentréieren, amplaz datt mer weiderhin e bëssen eppes maache fir jiddwereen.

Mir wëllen eng Sozialpolitik, déi deene Leit hëllef, déi Hëllef brauchen, déi och deene Leit hëllef, déi méi Hëllef brauchen. Mir wëlle virun allem och eng Sozialpolitik, déi de Leit hëllef, aus hirer mësslecher Situatioun erauszekommen, an net nëmme sech dorop beschränkt, déi mësslech Situatioun fir d'Leit e Stéck méi erträglech ze maachen.

Mir mengen dann och, datt deen Embau vun de Statsfinanzen, vun deene Finanzéierungsmechanismen, wéi mer se kennen, méi fréi hätt missen asetze wéi elo 2011, an datt mer duerfir och d'Diskussioun méi fréi hätte missen ufänke wéi elo am Joer 2010.

Well, maache mer eis näischt vir: Wa mer déi doten Aufgab wëlle virhuelen a mer fänken iergendwann uganks nächst Joer un, doriwwer ze diskutieren, da si mer jo net virum Summer fäerdeg an da ginn all d'Gesetzer gemaach an all d'Verwaltungen kënnen sech op nei Situatiounen astellen, a mer hu vu Grond op Systemer nei erfonnt a reforméiert an déi Reformen, déi klappen einwandfrei ab dem 1. Januar 2011. Duerfir menge mer wierklech, datt Zäit verluer gaangen ass an datt mer dat, wat dann elo ab dem nächste Joer soll gemaach ginn, schonn hätte kënnen virzéien, mä leider ass d'Majoritéit net op deen dote Wee gaangen.

An eisen Ae féiert kee Wee laanscht déi Diskussioun, fir e besseren a méi en zilge-

rechten Ëmgang mat öffentleche Gelder kënnen erbäizeféieren.

Ech soen awer och ganz kloer, datt fir Ënnergangsstimmung, och an der jëtzege Situatioun, an eisen Ae keng Plaz ass, datt Horrorzeenarien eis an der jëtzege Situatioun sécherlech net wäerte weiderbréngen. Ech gleewen...

(*Interruption*)

Ech gleewen och net un dat, wat vu ville gesot ginn ass, och aus Regierungskresser, datt mer an Zukunft dozou condemnéiert wäeren, mat 2% Wirtschaftswuesstum eens ze ginn, datt et quasi eng Fatalitéit wär, datt d'Lëtzebuergesch Economie net méi schnell géif wuesse wéi d'Economie ronderëm eis, wéi aner europäesch Länner respektiv eis Grenzregiounen. E qualitativen, héije Wuesstum muss nach wie vor d'Zil si vun der lëtzebuergescher Politik an Defätismus ass hei sécherlech feel op der Plaz.

Mir brauchen also net nëmme eng Strategie op där enger Säit, fir de Budget strukturell emzebauen. Mir brauchen op där anerer Säit ganz kloer och eng Wuesstumsstrategie. Wa mir eis do richtig uleeën, dann ass et an eisen Aen absolut méiglech, och an Zukunft iwverduerschnëttlech Wirtschaftscroissancen zu Lëtzebuerg ze erreechen. Dat grad, well mer e klenge Land sinn. Dat grad, well mer méi schnell a méi cibléiert kënnen reagieren. Dat grad, well eenzel Wirtschaftssektoren an engem klengen Land dach vill méi kënnen bewege wéi an anere Länner ronderëm eis, déi do vill méi breet opgestallt sinn.

Wa mer vu Croissance schwätzen, da komme mer natierlech net laanscht dee Secteur, deen déi lescht Joren d'Economie zu Lëtzebuerg wuesse gedoen huet, nämlech d'Bankeplaz un éischter Stell. Kee kann hei am Land op d'Bankeplaz verzichten: d'Banquieren net, déi Leit, déi do schaffen, net, an all déi aner Leit och net, well e gudden Deel vun deem, wat hei an dësem Budget, an deene Budgete virdrun an och an deenen nächste Budgete verdeelt wäert ginn, och am soziale Beräich, och an der Familljepolitik, bei den Investitiounen an den Infrastrukturen, kënnt vun der Bankeplaz.

Duerfir menge mer, datt mer d'Bankeplaz mussen nei opriichten, datt mer se mussen nei ausriichte virun allem no deem neie Wirtschafts- a Finanzmodell, deen op internationalem Niveau amgaangen ass definiert ze ginn. A mir gesinn duerchaus eng Rei vu Chancen och fir d'Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg.

D'Bankgeheimnis ass wichteg. D'Bankgeheimnis huet der Finanzplaz Lëtzebuerg ganz vill bruecht, an et ka kee vun haut op muer op dat Bankgeheimnis do verzichten. Mä trotzdem däreft mer eis an der Diskussioun ëm d'Bankgeheimnis an ëm d'Zukunft vun der Finanzplaz net dorop beschränken, d'Finanzplaz vu gëschtler ze verdeedegen. Dat kënnen mer maachen, mä gläichzäiteg musse mer no vir kucken an och d'Finanzplaz vu muer ufänken opzebauen.

Do ass et och am Discours vum Här Thiel, am Discours vu menge Virriedner eng Rei vu Piste ginn, fir nei Produiten zu Lëtzebuerg kënnen ze dévloppéieren, net ze dévloppéieren, mä se als Nisch kënnen ze dévloppéieren, wéi zum Beispill déi vun den Hedge-Fongen. Do musse mer eis d'Fro stellen, oder mer mussen eis bewosst sinn, datt et net nëmme duergeet, de Fanger auszestrecken an ze soen: „Kommt wann ech gelift heihinner.“ Mir mussen eis ganz konkret d'Fro stellen: Wat heescht dat dote fir eis? Wou musse mir eis Hausaufgabe maachen? A wat fir engen Domänen muss d'Lëtzebuergesch Finanzplaz besser ginn? A wat fir engen Domänen musse mer ëmdenken?

Wa mer d'Hedge-Fonge gären zu Lëtzebuerg hätten, geet dat sécherlech iwver eng seriö Reglementatioun och an deem dote Beräich. Et geet iwver eng kompetent Opsicht, well wann déi Hedge-Fonge sech jo international en neit Doheem sichen, dann ass et grad, well se oft do waren, wou d'Reglementatioun an



d'Opsiicht eben net esou perfekt funktionéiert hunn, an déi brauchen eng Finanzplaz, wou dat klappt. Mir brauchen och do en attraktiivt Ëmfeld fir d'Manager vun deene Fongen, well et si finalement och déi, déi d'Décisiounen huelen, wou de Fong wäert doheem sinn.

Mir brauchen och nei Clientë fir déi Finanzplaz. An do gesi mer et och esou, datt mer am Domän vun deene grouse Fortune nach kënnen eppes beweegen fir d'Lëtzebuergesch Finanzplaz. Mä och do mussen mer eis dann erëm d'Fro stellen: Jo, wat muss da geschéien? Wéi kënnen mer eng integréiert Politik maachen, déi dann och d'Leit mat hirem Geld oder de Leit hiert Geld op Lëtzebuerg lackelt?

Dat eent ass d'kompetent Aarbecht op der Finanzplaz am Secteur selwer. Dat anert ass alles dat, wat ronderëm muss gi sinn. A wa mer d'Diskussioun ëm d'Bankgeheimnis féieren, da muss d'Reaktioun doruwwer jo net sinn, datt d'Leit hiert Geld siche kommen, mä et kann och sinn, datt d'Leit bei hiert Geld wunne kommen. Och dat, mengen ech, ass eppes, wat mer net sollten aus den Ae verléieren.

Hei just also zwou Pisten, an et gëtt der sécherlech nach ganz vill méi, déi mer kënnen diskutéieren, wann et dorëm geet, der Finanzplaz nei Perspektiven ze ginn. Mir müssen awer se wëlle poursuivéieren a mer müssen och do eng integréiert Politik maachen an zesummen an eng Richtung kënnen zéien.

Ech riskéieren, mech elo ze widderhuelen, wann ech iwwert d'Fuerschung an eis Efforten um nationale Plang am Domän vun der Fuerschung schwätzen, well all Joer soen ech eigentlech, datt et wichteg ass, datt mer méi Moyenn fir d'Fuerschung zur Verfügung stellen, datt et op där anerer Säit awer gradesou wichteg ass, datt mer dat cibléiert maachen, datt mer net an alles fuersche ginn, datt mer och kucken, do ze fuerschen, wou mer Resultater kënnen erzielen, virun allem Resultater, déi uwendbar sinn herno zu Lëtzebuerg vu konkreten Entrepreneuren, an datt mer virun allem betriebsno solle fuerschen an am beschte Fall mat de Betriber zesummen.

Mir widderhuelen eis eigentlech allegueren, wann et ëm nei Secteuren geet wéi Ëmwelttechnologien, wéi Biotechnologie an anerer, wou mer jo gär wëllen dévelloppéieren, mä och do mussen mer da kucken: Firwat hu mer eis Ziler bis ewell nach net allegueren erreecht?

Wa mer iwwer Ëmwelttechnologie schwätzen, da kéint zum Beispill e groussen Effort an der Albusanierung a bei den erneierbaren Energien den néidege Schub sinn, fir do eppes lasszeléien. An och an deenen doten Domänen mussen mer eis konzentréieren, kënnen mer net alles maachen, mä mer mussen kucken, datt mer an deene klengen Nischensectoren, wou mer do tätig sinn, datt mer do déi néideg kritesch Mass beieneekréien, fir wirklech eppes a Bewegung ze setzen.

Oft hu mer d'Gefill, datt an deenen Diskussiounen do déi traditionell Secteuren eigentlech ze kuerz kommen, well et si nach wie vor sinn, déi d'Ekonomie hei am Land stäipen, déi dee gréissten Deel vum Emploi ubidden, déi am stabilste sinn an am globaliséierungsresistentste sinn.

Duerfir mussen mer eis wirklech d'Fro stellen, ob mer alles gemaach hunn, fir de Mëttelstand weider ze dévelloppéieren a fir d'Zukunftschancen hei zu Lëtzebuerg. Hu mer alles gemaach am Beräich vum Tourismus? Hu mer alles gemaach a Medien a Kommunikatioun? Hu mer alles gemaach am Commerce électronique? Sécherlech nach net. Wann ee mat de Leit aus dem Secteur schwätzt, da weess een, datt nach munches do ze beweegen bleift.

Oft si mer an enger defensiver Logik a ganz besonnesch déi lescht zwielef Méint gewiescht. An nach schlimmer: Oft diskutéieren mer eigentlech nëmmen, fir dat ze halen, wat mer hunn. Dobäi gëtt et ganz bestëmmt hei zu Lëtzebuerg a ganz ville Secteuren nach Entwécklungspotenzial; mir müssen et détectéieren an dévelloppéieren.

Ech froe mech, wou do déi al Lëtzebuurger Dugende bliwwen sinn? Mir erginn eis jo net einfach esou. Bis ewell hu mer dat op jiddwer Fall net gemaach. Mir si gewinn ze kämpfen, dergéint ze halen, d'Äerm eropzestréppen. Mir probéieren méi schnell ze si wéi anerer. Mir probéieren méi effikass ze si wéi anerer. An alles dat ass gefuerdert, wa mer wëllen um ekonomesche Plang weiderhi virukommen, well mer wäerten näischt geschenkt kréien déi nächsten Zäit.

Mir müssen och de Leit Vertraue maachen, Vertrauen an d'Leit setzen, déi, déi wëllen eppes bewegen, déi, déi wëllen eng Entreprise opmaachen, datt mer se net blockéieren, mä datt mer se maache loosse.

Ech si fest dervun iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg eng Längt Avance kann halen, wa mer eis op eis Stärken konzentréieren. Déi Stärken vun de kuerze Weeër an engem klengen Land fir schnell Décisiounen kënnen erbäizeféieren. Eng Stärkt fir eng kloer Strategie ze dévelloppéieren an déi dann och duerchzezéien an no bausse Vertrauen ze vermëttelen, datt mer en ugefaangene Wee och viruginn.

D'Stärkt vun enger koordinierter Politik tëschent eenzelnen Instanzen hei am Land, zesummen eppes kënnen a Bewegung ze setzen. Och kucken, datt mer dat, wat eng Stärkt war vu Lëtzebuerg, eng Aussepolitik, déi Vertrauen no bausse gemaach huet, datt mer déi och erëm méi staark an de Mëttelpunkt setzen. Dat ganz besonnesch als Reaktioun op den internationalen Drock, deem mer am Laf vun deene leschte Méint ausgesat waren. Wa mer wëllen eis Ziler heiheem erreechen, brauchen mer och Partner am Ausland an an de Länner ronderëm eis an doruwwer eraus. D'Hausaufgaben heiheem mussen gemaach ginn, mä och déi dobaussen.

Spuere geet an eisen Aen also eleng net duer, fir aus der Situatioun erauszekommen. Aus enger Situatioun, wou, wa mer et eleng iwwer Spueren misste maachen, mer jo quasi all fënneften Euro, deen de Stat ausgëtt, missten abehalen. Mir missten also quessch uechtert de Budget bei de Paie vun de Beamten, beim Kannergeld, beim Zuschuss fir d'Sozialversicherung, bei allem, wat de Stat esou a sengem Budget ausgëtt, e Fënneftel aspueren. A mer wëssen, datt dat net geet. Also wësse mer och ganz schnell, datt eleng iwwert den Ëmbau vum Statsbudget, eleng iwwer Spueren d'Lach net ze fëllen ass.

Duerfir nach eng Kéier wëll ech ganz kloer soen, datt mer op där anerer Säit eben och eng Wuesstumsstrategie brauchen, mä och eleng duerch eng Wuesstumsstrategie kréie mer d'Enner net besser beieneen. Well wa mer en Écart hu vun 22% vun deenen zéng Milliarden Euro, déi mer anhuelen, an déi 12,2 Milliarden Euro, déi mer ausgi pro Joer, a mer fänken erëm u mat normale Rhythmen ze wuesse vun zwee, dräi, véier oder souguer fënnef Prozent pro Joer, mussen mer wëssen, datt, esou wéi eis Systemer gestréckt sinn, net nëmmen d'Recett wäerten eropgoen, mä och d'Dépense wäerten eropgoen an den Écart vun deenen 22% wäert plus ou moins d'selwecht bleiwen.

Duerfir brauche mer also béides, de strukturellen Ëmbau vum Statsbudget an op där anerer Säit mat voller Kraaft eng Wuesstumsstrategie. Béides brauche mer, soss wäert et finalement net duergoen.

Lëtzebuerg huet nach ëmmer gutt Chancen, fir déi Erausforderungen do ze packen. Chancen, déi sécherlech net méi schlecht si wéi munnech anerer ronderëm eis. Mir müssen awer bereet sinn, och do déi ausgetréppelt Pied ze verlossen. Mir müssen bereet sinn, ëmzedenken. Mir müssen de Courage hunn, och emol nei Weeër ze goen. An ech zweifelen dorunner, ob déi jëtzege Majoritéit dee Courage huet, fir dee Kraaftakt do ronnzebréngen.

Ech gesinn, datt d'Regierung ofwaart momentan an eigentlech op e Wonner hofft. Dat Wonner, wat dann, sou wéi vläicht 2006/2007 et geschitt ass duerch eng Reprise vun der Ekonomie, nämlech ganz schnell géif ganz vill Geld an d'Statskeesse spullen.

D'Positiounen vun de Sozialpartner leie jo wäit auserneen. Esou wäit auserneen, wéi eigentlech scho laang net méi. Wat

doduerjer ze erklären ass, datt mer elo am Virfeld vun enger Tripartite sinn a jiddweree sech wëllt positionéieren. Mä wann ee sech jo awer déi Avisen zum Budget vum Joer 2010 esou ugeliess huet, da mierke mer, datt do d'Positiounen ganz wäit auserneeginn, datt se zum Deel diametral opposéiert sinn. An dat net nëmmen bei deem, wat proposéiert gëtt ze maachen, mä och scho bei deem, wann d'Situatioun analyséiert gëtt.

D'Regierung huet bis ewell op jiddwer Fall keng konkret Virstellungen op den Dësch geluecht, keng Strategie definéiert a wëllt eigentlech dann tëschent deenen diametral opposéierte Virstellungen vun de Sozialpartner an der Tripartite d'nächst Joer vermëttelen.

Mir mengen awer, datt eng Regierung do ass fir ze regéieren an datt et net duergeet, sech als Médiateur am Land opzeféieren an ze kucken, datt herno op engem Kompromëss deen een e bësse kritt an deen anerer e bësse Recht kritt. Dat wär an dëser Situatioun op jiddwer Fall déi falsch Politik.

D'Regierung huet eng komfortabel Majoritéit hei an dësem Haus. Si brauchen net ze fäerten, datt bei der éischter Propos, déi gemaach gëtt, se géif un d'Wackele kommen. Also waarde mer op ganz konkret Proposen.

Mir hu virun de Wahlen dorobber gewaart. Mir hunn no de Wahlen dorobber gewaart. Mir hu beim Budget 2010 dorobber gewaart a mir waarden an der aldeeglecher Politik dorobber. A bis ewell hu mer op jiddwer Fall nach näischt héieren.

Ech wollt och nach soen, datt mer net géint déi Tripartite do sinn. Mä eng Tripartite ass eng Zesummekunft vun dräi Partner. An zwee Partner hunn eigentlech hir Meenung definéiert a mir waarden op d'Meenung an d'Positioun vun deem drëtten Partner. Mir si jo net géint den Dialog a mir sinn och net géint e Kompromëss, wann et e gudde Kompromëss ass. Mir wäeren awer géint e Kompromëss, wann et just e faule Kompromëss wär. An duerfir hoffe mer eben, datt d'Regierung hir Ambitiounen endlech dann och ficeléiert a mat kloeren Ambitiounen an déi Diskussiounen do erageet.

Wéi gesot, mir hu se net am Wahlprogramm ermfonnt, mir hu se net am Koalitionsaccord ermfonnt. De Budget seet näischt, déi aldeegleche Politik seet näischt, an duerfir kënnen mer eigentlech och dëse Budget hei net stëmmen als Demokratesch Partei.

Mir wäerten deem Budget eis Zoustëmmung net ginn, well mer nach wie vor dervun iwwerzeegt sinn, datt näischt maachen eigentlech déi schlechteste vun den Alternativen ass. An an dësem Budget gëtt näischt gemaach, gëtt näischt ugedeit a gëtt näischt virgeschloen, wat ee fir déi Joren duerno soll an d'A faassen.

Mir brauchen also och haut en Ëmsteieren, fir an den nächste Jore kënnen eng Ofwärtsspiral, wéi ech et genannt hunn, ze évitéieren, fir an den nächste Jore Steiererhéijunge kënnen ze évitéieren, fir an den nächste Joren eng Verschlechterung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg kënnen ze évitéieren a fir eben der nächste Generatioun net just e Koup Schold ze hannerloossen. Fir der nächste Generatioun och nach den néidege Spillraum ze loosse, fir dann déi Problemer, déi op si wäerte waarden - an et wäerten och nach anerer op si waarden -, fir déi kënnen unzegoen. A fir dat ze maachen, brauche mer eng aner Politik wéi déi, déi dës Regierung wëllt maachen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lucien Lux (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen - a Kollegen, léif Kollegen aus der Regierung, fir d'éischt emol vun eiser Säit en opriichtege Merci un de Budgetsrapporteur Lucien Thiel, deen et fäerdeg bruecht huet, souwuel am schrëftleche wéi och am mëndleche Rapport eis all Facettë vun der Problematik, déi mer an der Finanzéierung vun de Politiken an deenen nächste Joren hunn, virzeleeën. A virun

allem et och fäerdeg bruecht huet, eis vun der Aufgab ze befreien, nach vill iwwer Zuelen ze schwätzen - all Zuele leien um Dësch -, duerch déi Aufgab, déi hie gemaach huet. Ech wäert dofir éischter eng politesch Appréciatioun gi vun deem, wat de Budget 2010 ass, mä virun allem och e Blëck geheien op dat, wat hannendrun op eis waart.

Mir deelen als Fraktioun mam Kolleeg Lucien Thiel déi stringent Beschreiwung vun der Finanzkris, déi en a sengem Rapport gemaach huet, als Kenner schouungslos opgewisen huet, wat an deene leschte Méint geschitt ass an där Finanzwelt. Mir deele mat him d'Noutwendegkeet - ech mengen, mir deelen déi mat alle Memberen aus der Finanzkommissioun - vu feste Gronddaten, vun engem Tableau de bord mat objektiven Zuelen, déi mer brauchen, fir méi Transparenz ze kréien; Konditioun, fir eng objektiv Debatt an deenen nächste Wochen a Méint hei am Land kënnen ze féieren.

Mir deele mat him d'Erausforderung vun der Noutwendegkeet vun enger weiderer Diversifizéierung vun eiser Ekonomie, den Erhalt vun eiser Kompetitivitéit, e wesentlech Element, eng wesentlech Konditioun, fir méi Wuesstum a méi Aarbechtsplazen ze erreechen.

A mir deele mat him och d'Ofso un all iwwerdrifwe Scholdepolitik an dofir d'Noutwendegkeet, eng wuelbeduechten, koordinéiert an diskutéiert Spuerpolitik iwwer 2011, '12, '13 bis '14 ze maachen; Bedéngung fir zukünftege Spillraum fir déi zukünftege Generatiounen, awer och virun allem fir nei Politik.

D'Zäit vun de Choixen ass also do, an d'sozialistesche Fraktioun wäert sech an deenen nächste Wochen a Méint konstruktiv un där Debatt bedeelegen. Mir si skeptesch - Här Thiel, Dir wusst, dass dat géif kommen -, mir si skeptesch, an Ärem schrëftleche Rapport, zum Deel och an Äre mëndlechen Aussoen, wat déi allze negativ Beschreiwung vun dem État vun eise Pensionssystem ubelaangt.

Mir wëssen, an dat ass eng Aufgab, déi de Sozialminister säit zwee Jore amgaangen ass ze maachen - ech hoffen, dass jiddwereen dat matkritt huet -, mir wëssen, dass Handlungsbedarf do ass, awer d'Systemfro stellt sech net. Mir hunn all Grond, mir hunn all Argumenter, beim Ëmlageverfahren ze bleiwen. Mir hunn all Grond, beim Generationenpakt ze bleiwen. Mir hunn all Grond, ze bauen, och an deenen nächste Joren, op e Pensionssystem, deen op Solidaritéit baut.

Wann ech elo grad dem Kolleeg Claude Meisch nogelauschert hunn, hunn ech dru geduecht, dass, wa mer viru Joren de Wee vun der DP a vun de Liberalen, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä europawäit gaange wäeren, fir méi Richtung Kapitaldeckungsverfahren ze goen, méi op Kapitaliséierung ze setzen, da wäeren och zu Lëtzebuerg, grad wéi an Amerika, dausende vu Renten duerch d'Finanzkris a Gefor geroden. Dann hätte mer vill méi soziale Misär nach, wéi mer es am Moment schonn hunn.

(**Interruption**)

► **M. Lucien Lux (LSAP).** - An zweetens si mer skeptesch...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.** - Dir laacht och nach iwwert de Misär vun deenen anereren!

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Dir sidd d'Resultat vun Ärer Politik, Här Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.** - Oh, mäi léiwen Här!

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Très bien. D'Leit soen lech Merci!

(**Interruption**)

► **M. le Président.** - Elo huet ganz eleng den Här Lux hei d'Wuert!

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Oh! D'Regierung provoziert eis!

► **M. Lucien Lux (LSAP).** - Mir sinn och skeptesch, Här Thiel, mir soen dat ganz riicht eraus, och vis-à-vis vun anereren, déi déi Politik maachen, fir eng Politik ze maache vun der, ech nennen dat emol vun der Hoféierung vu Millionären a Milliar-



dären, déi emol fréier mam Begrëff vum Monaco-Kapitalismus, haut heescht dat „high net worth individuals“, déi also déi Politik, an do hu mer bal philosophesch Problemer domadder eis virzustellen, dass een onbedéngt deenen, deenen et am beschte geet, déi déi meeschte Mëttel hunn, dass een deene Cadeaue muss nogeheien, fir ze investéieren a fir e Standuert erauszesichen.

Dat ass fir eis, an dat muss erlaabt sinn an enger politescher Debatt, déi mer déi nächst Wochen an Méint wäerte féieren, fir kloerzemaachen, dass mer fatalerweis déi virtuell Héichglanzwelt, déi domadder verbonnen ass an déi an deene leschte Wochen a Méint Schëffbroch weltwäit erlidden huet, dass mer net begeeschtert sinn; mä den Här Schiltz huet sech säit de Moie virgeholl, fir mer 100 Argumenter ze liwwere fir déi Politik. Ech hoffen, dass hien et fäerdeg bréngt, mech dovunner an deenen nächste Wochen ze iwwerzeegen. Et wäert jiddefalls bei esou engem Éisleker Klatzkapp, wéi ech ee sinn, ganz schwéier ginn, fir eis dovun ze iwwerzeegen, dass dat de richteg Wee ass.

Ech wëll e puer prinzipiell Agangsbemierkunge maachen. Déi Kris hannert der Kris, déi den Här Thiel beschriwwen huet a gesicht huet, huet fir eis nëmmen een Numm: Et ass d'Sozialkris. Si huet fir eis nëmmen een Numm, dat ass dee vun enger héijer Aarbechtslosegkeet, mat där mer dobausse konfrontéiert sinn. 14.000 Aarbechtsloser zu Lëtzebuerg; 35% méi wéi virun engem Joer. 22 an eng hallef Millioun Aarbechtsloser an Europa, an der EU; fënnf Millioun méi wéi virun engem Joer. An domadder verbonnen, forcément, sozial Ausgrenzung a soziale Misär.

D'Kris vun den öffentleche Finanzen, an dat wëll ech ganz daitlech soen, déi mécht eis Suergen. Awer mir sinn iwwerzeegt dovunner, dass mer an deenen nächste Wochen a Méint Äntwerte wäerte fannen. Mir gleewen drun, dass den Dialog, de Lëtzebuerger Modell et fäerdeg bréngt, och déi Suergen do ze iwwerwannen.

Déi sozial Kris awer, déi sech hannendru verstoppt, déi hält eis de Schlof. Well si wäert undauern, si wäert déif Wonne schloen a si wäert bei ville Millioun Leit d'Vertrauen un d'Demokratie, souwuel déi politesch wéi och déi sozial Demokratie kaschten.

Bei enger weltwäiter Ëmfro, déi e kanadescht Institut virun e puer Woche gemaach huet a 29.000 Leit gefrot huet, ass erauskomm, dass nëmme méi 11% fannen, dass de Kapitalismus gutt funktionéiert. Et ass en déift Mësstrauen do, wat an deene leschte Méint geschloe ginn ass duerch d'Finanz- an duerch d'Wirtschaftskris, un där ze schaffen ass.

De Banke geet et jiddefalls generell an der Tëschenzäit erëm gutt, eenzelne souguer blendend. Villen, ganz ville Leit leider net, an ech mengen dofir bleift déi Maxime fir eis topaktuell, dass d'Mënschen hannert där Kris eis do interesséieren an dass d'Mënschen ze stäerken, virun allem an där Kris, eist Leitmotiv muss sinn.

Dofir ee konkrete Virschlag: Déi Debatten, déi mer elo nom 1. Januar 2010 ze féieren hunn iwwer eis öffentlech Finanzen, iwwer Haushaltskonsolidéierung hei am Parlament, mat de Sozialpartner, müssen onbedéngt de Raum bidden, iwwer 2010 eraus, fir weider un enger proaktiver Beschäftigungspolitik ze schaffen, fir derfir ze suergen, dass déi antizyklesch Wirtschafts- a Budgetpolitik, déi mer zesummen am Konsens decidéiert hunn, och positiv Beschäftigungseffekter huet.

D'Reform vun der ADEM, méi Personal an der ADEM, all déi Politiken do weiderdriewen, an esou wéi meng zwee Virriedner och gesot hunn, an där Diskussioun dierf net vergiess ginn, dass d'Mëttelen, fir weider eng konsequent Politik vun der Qualifizéierung vun eise Leit, enger Ëmschoulung vun eise Leit, enger Weiterbildung vun de Mënschen dobaussen dozou mussen gehéieren.

Dat dierf net nëmmen eng Debatt iwwer öffentlech Finanzen, dat dierf net nëmmen eng Debatt si vu Spueren. Et muss och eng Politik sinn, fir ze kucken, wou sinn nach Mängel do, un deene mer mussen schaffen an un deene mer müssen investéieren.

Spuere jo, awer esou, dass et net weider

mat méi Aarbechtslosegkeet verbonnen ass. Ech weess, dat ass eng ganz schmuel Gratwanderung, déi mer mussen maachen, mä et ass déi Gratwanderung do, déi déi eigentlech Erausfuederung vun deenen nächste Wochen an Méint hei am Land wäert sinn.

Mir brauchen dobäi zwee Mots d'ordre: Optimismus a Voluntarismus. Optimismus, an dat ass gesot gi scho vum Kollege Schiltz, den Opschwong, deen ass do, en ass schwach, en ass fragile, en ass eng zart, eng kleng Pflänzchen, oder wéi och ëmmer, mä all si sech driwwer eens - an et kann een et all Dag an den Zeitungen noliesen -, dass et erëm biergop geet. Wahrscheinlech eng V-Kris, nom V e schnellen Opschwong also. Méiglecherweis awer och eng a Form vun engem U, also eréischt an zwee, dräi Joer eng decidéiert Croissance. Onwahrscheinlech an der Tëschenzäit eng sougenannten L-Kris, also en Opschwong, deen eréischt no 2014 géif kommen.

An et gëtt Geforen, an den Här Schiltz huet der e puer opgezielt, et gëtt och Geforen, déi nach an der Tëschenzäit do sinn, zum Beispill déi, wann ee gesäit, dass een oppasse muss och op eng nei Bankekris, déi kéint kommen, wann ee gesäit, dass eleng an Däitschland duerch weider Ofschreiwunge vu sougenanntene Gëftpabeieren 100 bis 120 Milliarden Euro un Eegekaptal vernicht kënnen ginn. Ech hunn de Moien nach gelies, dass den Internationale Währungsfonds virgerechent huet, dass eréischt 50% vun alle Gëftpabeieren an der Tëschenzäit ofgeschriwwen sinn. Do läit also munch Potenzial vu weidere Krisenerscheinungen nach ëmmer drun.

Mir sollten eis och net - an ech mengen, och dat ass de Mëtteg schonn hei gesot ginn - um Erop an Erof vun der Bourse oder vun de Kapitalmäert festmaachen. Mir sollte gesinn, dass déi hir Leitfunktoun an der Tëschenzäit wäitgehend verluer hunn, genau wéi all déi selbstgenannten Experten, déi alles viragesot hunn, just net dat, wat agetraff ass. An och déi, déi eis während Jore mat hirem Deregulierungskredo gemengt hunn de Wee ze weisen, wéi mer eis Gesellschaft sollten opbauen. Gott sei Dank hu mer zu Lëtzebuerg a ville Politiken hei och nëmmen den absolute Minimum verfolgegt an ëmgemat.

Dofir sollte mer méi op fundamentalen Entwécklungen an Iwwerzeegungen eis festmaachen, de Signaler vun der reeller Ekonomie weltwäit a virun allem an de Vereenegte Staten, a mir sollten och gesinn, dass en Accord zu Kopenhagen um Enn vun der nächster Woch d'Investitiounen am Beräich vun de gréngen Technologien, vun den erneierbaren Energien a villen anere Politiken kéint fräimaachen, Wuesstumsmäert kéint fräimaachen, déi och fir Lëtzebuerg a fir Europa ganz wesentlich kéinte sinn.

Ech hu gesot, Voluntarismus. Ech mengen, loosse mer emol festhalen, dass et eng grouss Leeschtung vun der Stategemeinschaft, och där aktiver Roll vun der EU a vum Euro ass, duerch politesch koordinéiert Handeln den Ofstuez an eng global Depressioun ze verhënneren.

Dat léisst hoffen, an de Kollege Lucien Thiel huet a sengem schréffleche Rapport jiddefalls de Primat vun der Politik erëm ervirgehuewen. Et wär ze hoffen, dass d'Léiere vun deem, wat mer an deene leschte Méint op dëser Welt erlieft hunn, wierklech zu engem Primat féieren an och wierklech zu politeschen Décisiounen.

Elo gëtt daitlech - an ech mengen, dat muss ee kloer soen -, dass e staarke Stat gefrot ass, fir dobaussen derfir ze suergen, Regeln anzeféieren, ze korrigéieren, uerdnungspolitesch do ze handeln, wou et néideg ass.

D'Politik huet also gutt reagiert. D'Fro ass och elo, ob se et fäerdeg bréngt, gutt ze agéieren. Also, ech soen et ganz kloer, well mer eis eppes mussen bewosst sinn: De Bierger, de Steierzueler oder déi Beschäftegt dobausse wäerten net eng zweete Kéier einfach esou de Bockel dohinner hale fir eng Finanzwelt, déi ouni Moral an ouni Verantwortungsbewosstsinn nëmmen eleng fokusséiert ass op de schnelle Profit, op déi déck Bonien, op dat schnell Geld. Wa mer d'Léieren net zéien aus deem, wat

an deene leschte Méint geschitt ass a firwat et geschitt ass, an doraus politesch Décisiounen huelen nom Primat vun der Politik, deen den Här Thiel gären hätt, dann hu mer wierklech eng grouss Chance verpasst, derfir ze suergen, dass mer an Zukunft net nach eng Kéier esou iwwerrascht ginn.

Dofir müssen déi ugeduechte méi streng Regele schnell ëmgemat ginn, éier sech eng nei Kris ubahnt. Ech weess och, dass och dat, wéi vill aner Saachen, eng schmuel Gratwanderung ass tëschen op där enger Säit méi haarde Regeln, méi Reglementéierung engersäits, an op där anerer Säit enger Iwwerreglementéierung, déi och Wuesstum kéint kaschten. Mä déi Gratwanderung do mussen mer versichen ze goen, fir dass mer, wéi den Här Köhler, de Bundespräsident - ech hat e schonn eng Kéier hei zitéiert -, et genannt huet, d'Monster kënnen bändegen a versiche Léieren ze zéien.

Also, méi Eegekaptal, en Härtegrad vu Reglementéierung no dem Risiko vum Geschäft, Virschreite bei kuerzfristeger Verscheldung, Moosnamen, och staatlecher, wéi se am Moment an Däitschland diskutéiert ginn, fir d'Kreditklemm, zum Beispill fir d'Betribler am Mëttelstand, ze errechen. An dofir wär et och, mengen ech, gutt hei zu Lëtzebuerg vläicht Ufank d'nächst Joer emol erëm eng Kéier an enger Ronn mat den Entrepreneuren an de Banken ze kucken, wéi d'Situatioun sech hei zu Lëtzebuerg op deem Gebitt stellt.

Reglementéierung vun de Bonien; zum Beispill, wann ee gesäit, dass d'Besteuerung vu Bonien a Groussbritannien an op villen anere Plaze ganz eeschthaft diskutéiert gëtt.

Mir sinn als LSAP-Fraktioun ausdrécklech der Meinung - an ech mengen, mir deelen dat mam Finanzminister -, dass eng Taxéierung vu Finanzgeschäften komme muss. Dat kann net iwwer national Elenggang goen. Awer dës Form vu Verursacherprinzip, derfir ze suergen, dass deen, deen d'Schied - Milliarde Schied! - ugericht huet, och dofir muss riichtstoen, muss ëmgemat ginn.

Den FMI huet den Optrag kritt vum G20, fir bis den Abrëll, Mee vum nächste Joer konkret Virschlei op den Dësch ze leeën. Mir géifen d'Regierung encouragéieren, am europäesche Verbond derfir ze suergen, dass déi Regeln um europäeschen Niveau och schnell kënnen ëmgemat ginn.

Wann ee vu Voluntarismus schwätzt, da muss een och e Wuert iwwert d'Roll vum Stat soen. Wat hu mer eis an deene leschte Joren net alles missen ullauchteren? De Stat soll sech eraushalen aus allem. De Stat ass e schlechten Entrepreneur. De Stat als Aktionär ass e Klompfouss fir eenzel Entrepreneuren.

Ech ka mech am Ufank vun der leschter Legislaturperiod als Transportminister erënneren, dass an der Aviatioun, besonnesch och bei der Cargolux ëmmer de Message war: De Stat soll sech zrëckhalen. En ass, fir weider nei Aktionären ze kréien, éischter negativ am Bild.

Ma ech mengen, dass déi Leit do alleguerte frou waren, dass an deene leschte Wochen a Méint ënnert de Fittiche vum Nohaltegkeetsminister derfir gesuergt ginn ass, d'Cargolux erëm op fest Been ze setzen. Et war d'aktiv Roll vum Stat, déi derfir gesuergt huet, dass dat méiglech war.

Déi Finanzkris huet also och munch ideologesch Debatten zu Enn gefouert. An déi liberal Ideologie vu gëschter gesinn dobäi ganz schlecht aus, woen zwar haut schonn erëm eng déck Léps, fir eenzel Politiken ze verteidegen. Mä, mengen ech, wann een d'Léieren zitt aus deem, wat mer an deene leschte Méint erlieft hunn, muss een dat kloer festmaachen.

Voluntarismus heescht also, d'Kris als eng Chance ze verstoen an ze notzen; Léieren zéien, Handeln, dass d'Gemeinwohl eis iewescht Prioritéit bleift an d'Nohaltegkeet eis iewescht Maxime.

Eng lescht prinzipiell Bemierkung als Reaktioun op d'Ried vum Finanzminister de leschten Donneschdeg hei op dëser Plaz zum Budget, a virun allem seng Bemierkungen zum Sozialstat. D'Ausso vum

Finanzminister, de Sozialstat wär kee Kleeschen a keng Kaskoversécherung huet eis natierlech hellhöreg gemaach, huet eis interpelléiert, well d'Sprooch heiansdo jo och verréit, wat een hannendrun dobäi denkt, wéi paternalistescht a wéi karitativ, wéi Almosepolitik een eenzel Saache gesäit.

An ech wollt d'Fro stellen: Vun der Kaskoversécherung, souwäit ech et gesinn, hunn an deene leschte Méint virun allem d'Banke profitéiert. Waren déi gemengt beim Finanzminister? Ech weess et net. A wat fir eng Cadeauen de Kleesche gemengt huet a wat fir eng Cadeauen dat a Wierklechkeet solle sinn, huet een och net esou richteg erausfonnt.

De Sozialstat ass an eisen Aen e Modell vu Rechter a vu Flichten. E verantwortlechen Ëmgank vu Ressourcen, finanziellen an natierlechen. Et ass de Generationenvertrag an et ass Generationengerechtheet. Et ass Solidaritéit vu Staarke vis-à-vis vu Schwaachen a méi Schwaachen. Oder ass d'Kannergeld e Geschenk vum Kleeschen? Wunnengsbauhëllef? Den RMG? Oder dat Lescht, wat ech esou kucken, dat vun de Chèque-servicen?

Wann ech gesinn, dass d'Kreditter vum Familjeministère an deem leschte Joer ëm 13% an d'Luucht gaange sinn, froen ech mech: Waren déi gemengt, wann ee vum Kleesche schwätzt?

Et kann een - an ech wëll dat och ganz daitlech soe bei deene Beispiller - dat alles do méi gerecht gestalten, awer et bleiwen an eise sozial a human geprägte Modell Rechter, déi et ze diskutéieren an och dobausse mat de Leit ze dialogéieren gëllt.

An engem Moment, wou Amerika mat vill Méi, mat vill Krämpes versicht, eng universell Gesondheetsvirusuerg ze kréien, fir sech eise méi humane Modell unzeschlëssen, steet bei eis an deenen nächste Wochen a Méint an der Diskussioun net d'Aushielegung vum Sozialstat, net d'Aushielegung vu Sozialversicherungssystemer, mä d'Stärkung, déi mëttel- a laangfristeg Stärkung vun deene Systemer op der Dagesuerdnung a soss näischt.

(Interruption)

Wien also vum Kleesche schwätzt, muss dann och de Courage opbréngen, fir Beispiller ze nennen. Mir wäerten da vläicht an deenen nächste Wochen a Méint gesinn, iwwer wat mer dann do schwätzen. 2010 stinn do eng Rei vun Décisiounen un. Ech mengen, dāers si mer eis bewosst a sinn och bereet, déi Diskussiounen do ze féieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Aschtätzung zum Budget 2010, an doriwwer eraus eng Rei vu Remarquen.

Mir bekennen eis ausdrécklech zu där antizyklescher Ausrichtung vum Budget 2010. Dës Method ass zum honnerste Mol erkläert an diskutéiert ginn. Awer nach eng Kéier: Wa mi dobausse kollabéieren, wann de Wuesstum fällt, wa Präisser falen an Opdräg ewechbriechen, wann doropshin Aarbechtsplaze verschwannen, Betribler schlëssen, d'Aarbechtslosegkeet an d'Luucht geet, dann ass et déi verdammte Flicht a Schëllegkeet vun der öffentlecher Hand, dergéintzehalen an dergéintze-steieren.

Dat war virun engem Joer op dëser Plaz Konsens. Dofir huet dës Majoritéit zesummen am Konsens Investitiounen héich gehalen, Konjunkturpaquete geschnürt, d'Finanzéierung vun der Kuerzaarbecht an iwwer honnert Entrepreneuren assuréiert, Bankerettungspläng virgeluecht, d'Kafkraaft vun de Bierger erhalen a souguer gefördert mat enger Rei vu Moosnamen um Enn vun der leschter Legislaturperiod, fir de Konsum ze festtügen.

Gëtt et - an dat ass déi Fro, déi ech hebbanne jiddwerengem stellen - a gouf et zu där och op EU-Niveau ofgeglicheener Strategie iergendeng Alternativ? Ech soe ganz daitlech: Et gouf iwwerhaupt keng Alternativ! Dass dës Politik bei krisbedéngte Mannerrecetten a gläichzäiteg héijen Ausgaben, well mer dat esou wollten, d'öffentlech Finanzen belaascht an Defizit a méi



eng héich Verscholdung bedeit, läit wuel op der Hand. Ech mengen, dat ass d'Logik selwer.

Awer eent och: All déi Moossnamen, déi geholl gi sinn, wäerten derfir suergen, an doriwwer si se sech alleguerten eens, dass d'Konjunktur beliefs gëtt an dass mer méi schnell aus der Kris erauskommen.

An ech soen, de deux choses l'une: Virun engem Joer - erënnere ech mech hei - bei de Budgetsdebatten hu se alleguerten hei am héijen Haus Konjunkturpaquete gefuerdert. Si konnten net grouss an net ëmfaassend genuch sinn.

De Kollege Claude Meisch huet den 22. Abrëll 2009 hei gesot, hien hätt d'Impressioun wéi wann d'Regierung bei där Konjunkturbeliebung do hei géif mam Gaardeschlauch probéieren de Bëschbrand ze lëschen. Den Här Meisch hätt also léiwer gären de ganze Pompjeeszuch gehat, fir zur Konjunkturbeliebung bäize-droen. De Gaardeschlauch ass him net duergaangen. E muss wëssen, an doriwwer soll en dann och net lamentéieren, dass esou eng Politik also deementspriedend och nach méi Defizit an nach méi Verscheldung mat sech bruecht hätt.

Et kann een net an der Politik an all Zuch setzen. An deem Zuch, dee gëschter no méi gejaut huet, an deem Zuch, deem haut lamentéiert, dass mer Defiziter hunn, an héchstwahrscheinlech, wa mer muer erëm méi Wuesstum hunn, da wäert e matdiskutéieren a warne virun enger Wuess-tumseuphorie.

(Interruption)

Dat ass also, mengen ech, och eng Fro vu Kohärenz, déi een huet. An déiselwecht Inkohärenz, déi mer hei feststellen, muss een och ganz däitlech an den Avisé vun de Patronatschambere gesinn, déi net midd gi sinn, virun engem Joer vun der Politik ze verlaangen, am Bausecteur, an der Automobilbranche, am Commerce an op villen anere Gebidder derfir ze suergen, dass d'öffentlech Hand soll antizyklesch derfir suergen, dass Opträg géife kommen, an haut Säiten a Säite schreiwen iwwer héich Defiziter. De deux choses l'une! Ech mengen, et muss een hei och e bësse kohärent mat sech selwer sinn.

Ech géif och soen, dass bei der Verscheldung et vläicht noutwendeg ass, e bësse méi genau dohinner ze kucken. Net nëmme brauche mer den europäesche Verglach net ze scheien, wann ech gesinn, dass déi Zounahm vu 7% Verscheldung par rapport zum PIB op haut dëst Joer zu ronn 16% virun allem a bal ausschliesslech eisem Rettungsplang zugonschte vun der BGL an der Participatioun bei der BGL geschëllt ass.

Et muss een awer soen, dass dëst Geld net an de Sand gesat ass, ganz am Eeigen-deel. Den Aktiëpaquet bei der BGL sollt een dofir och net op d'Schnell fräisetzen. An et soll een derfir suergen, dass ee souwuel bei der industrieller Strategie, zum Beispill an der Form vun engem Plan de sortie, en A drop behält, wat an deenen nächste Joren do geschitt. Mä et ass och eng Dividend, op déi een net schonn 2010, mä 2011 oder '12 ka kucken.

Déi Garantiezomm bei der Dexia ass iwwregens och rémunéiert a wäert, wann een dovun ausheet haut, dass se net ugetaascht wäert ginn, och hei erëm eng Kéier zu Recetté féieren. Et ass also net auszuschléissen, dass de Stat Notznëisser en fin de compte - an ech mengen, dat kann een hoffen - vun esou enger Operatioun wäert sinn.

Mir brauchen elo, wéi gesot, virun allem e beliewend, e positiivt A op eisen Aarbechtsmaart. Eis Finanzplaz bleift och weiderhin en extrem wichtegt Standbeen vun eiser Ekonomie. Awer d'Zäiten, an deenen et net duergeet, fir Steier- a Souveränitéitsnischen auszenotzen, fir dat grousst Geschäft ze maachen, si mam Drock um Niveau vun der EU, dem Drock um Niveau vum G20, dem Drock um Niveau vun der OECD, mengen ech, an der Tëschenzäit eriwuer. An dat ass jiddwereen heibanne sech bewosst.

Wann eis Finanzplaz weider wëllt expandéieren a weider och wëllt deen Emploi kreéieren, da muss se sech wandelen, muss se sech weider vun enger Offshore- zu enger Onshore-Plaz wandelen, déi hir Aktivitéiten am Aklang mat der neier internationaler Finanzuerdnung och entwéckelt.

Dat gëllt virun allem fir de Private banking, wou net méi eleng op d'Bankgeheimnis ka gesat ginn, mä wou d'Qualitéit vun der Berodung, wou d'Déngschtleeschung um Client vu muer mussen iwwerzeegen. Ausserdeem muss d'Finanzplaz weider diversifizéiert ginn.

Den Här Schiltz huet eng Rei vu Propositione virdru schonn hei gemaach. Niewent den Investmentfongen an dem Private banking musse sécherlech Aktivitéiten am Beräich vun der Mikrofinanz, der Philanthropie oder de Beräicher vu sozial-anëmweltverträglichen Investments ausgebaut ginn.

Eng Zukunft, mengen ech, ass fir Lëtzebuerg och am Industrieberäich ze erreechen, wa mer et fäerdeg bréngen, och dat dobaussen am Aklang mat all deenen eenzelne Politiken an der Nohaltegkeet kënnen ze maachen. Et huet ee mat Intérêt a positiv gesinn, dass eng Etüd, déi de Fraunhofer-Institut virun e puer Woche virgeluecht huet, gewisen huet, dass haut nëmme nach 7% géint 40% nach viru Joren - virun zwee Joer - vu Betriber d'Produktioun wëllen délocaliséieren, an eng Rei vun Entreprises, déi délocaliséiert hunn, opgrond vun Argumenter, déi se haut gesinn, an Trëmp, déi se haut gesi bei eis, amgaange sinn och erëm zrëckzekommen.

Ech hu gesot, drëttens, de Beräich vum Greentech duerch en Accord zu Kopenhagen. Ech denken och, dass de Logistikberäich mat deenen zéng Nischen an der Spezialisierung, zum Beispill der Chaîne de froid, kann derfir suergen, dass hei nei Aktivitéite kënnen entstoen.

Mir sinn ze vill eleng, denken ech, fokuséiert op d'Exit-Strategie a gesinn net, dass an deem Budget 2010, dass dat keng Klammer, dass dat keng Parenthèse ass - wäit gefeelt -, mä dass an deem Pak vun Investitiounen am Schoulberäich, am Spidolsecteur, an der Schinn, an der Strooss, héich Kreditter fir Famill, Fuerschung, héich Kreditter bei Energie- a Klimaschutz sinn. Dat si kloer Beschreiwunge fir en Zukunfts-projet, dee mer hei zu Lëtzebuerg an deenen nächste Jore wëlle goen.

E Standuert vu Liewensqualitéit, mä e Standuert virun allem och vu sozialer Kohesioun, vun engem Sozialstat, dee seng Aufgaben eescht hëlt, fir wirtschaftlech Entwécklung, kulturell Villfalt, Stärkten a Chancen, Kompetenzen, déi eis Leit hunn.

Do sinn ech d'accord mam Kollege Claude Meisch, wann e seet, mir sollten net lamentéieren, mä mir sollten d'Ärmel eropkrepelen an derfir suergen, aus där Kris do och eng Chance fir déi nächst Joren ze maachen.

Ech wëll e puer Bemerkungen zu eenzelne Politiken an deem Budget 2010 maachen. Deen éiwege Verweis - ech sot dat virdru scho bei der Aufgab, déi de Sozialminister amgaangen ass säit zwee Joer um Beispill vun der angehender Pensiounsreform ze maachen - op den héijen Undeel vun den Ausgaben aus der Sécurité sociale kënnt engem heiansdo verdächtig vir.

Et géif vill aner Politiken ginn, iwwert déi ee kéint schwätzen, mä et ass ëmmer nëmme mam Fanger ze weisen op déi Ausgaben um Niveau vun der Sécurité sociale. An och do soen ech bei der Fro vun der Selektivitéit, vun der Ofkier vun der Géisskanepolitik: Dat ass jo eppes, dat héiert ee säit Joren an dësem Haus.

Da géif ech emol gären eng Kéier héieren, dass ee Ross a Reiter nennt, dass ee ganz prezis seet, wat een dann dorënner versteet a wou een déi sozial Selektivitéit wëllt usetzen.

(Interruption)

Ech sot, ech géif an deenen nächste Wochen nom 1. Januar endlech gären héiere vun alle Fraktiounen hei, wat mer ënnert där sozialer Selektivitéit verstinn.

Ech wëll bei de Rente soen an och bei de Krankekeese soen oder bei der Gesond-

heetskeess soen - wéi een et elo muss soen; entschëllegt, Här Minister -: säit 30 Joer stabil Rentebäitrag hei zu Lëtzebuerg. Säit 30 Joer stabil Rentebäitrag zu Lëtzebuerg! Héich Reserven an enger Zuel vun néng Milliarden Euro.

Wann d'Banque centrale och eng Rei vu Warnungen ausgeriicht huet, sech iwwregens an hirem Calcul e besse géiert hunn, mä wann een d'Zuele gesäit vun der IGSS, déi virgeluecht ginn, déi weisen, dass mer bei engem Wuesstum vun 2,2% an deenen nächste Joren a bei engem Emploi, deen ëm en hallwe Prozent géif an d'Luucht goen, wat also eng trotz allem virsiichteg Attitüd ass, dass mer do bis 2030 wäerte fueren iwwert der Limite vun der annerhallefmol Joresreserv, déi mer hunn, da weist dat, dass mer hei par rapport zu all deenen - zu Däitschland, déi Reserven hu vun dräi Wochen -, dass mer hei...

(Interruption)

Ech hunn am Ufank scho gesot, wann Der nogelauschtert hätt, dass mer Handlungsbedarf hunn. An ech wäert dat och nach eng Kéier soen.

...mä dass een awer och hei net alles soll esou schlechtrieden an net gesinn, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, mat de Bäitrag vum Stat, mat de Bäitrag vun de Beitragszahler a vun den Entreprises eppes opzerichten, wat sech weise léisst, a wou mer am Moment nach eng Situatioun hunn, wou mer un eenzelne Schrauwe kënnen dréinen - déi 15, 16 Schrauwen, déi virgeluecht sinn -, fir a rouegen Dicher, ouni dass hei eng Katastroph bevirsteet, dat kënnen ze maachen.

An ech soen dat och: Wann een emol eng Kéier de Versuch mécht, fir déi sozial Loun-niewekäschte vun de Länner ronderëm eis - Rentebäitrag a Krankekeesebäitrag - nienteneen ze leeën,...

► Une voix.- Richteg!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Haalt dach op, ze lamentéieren iwwert d'Situatioun zu Lëtzebuerg a leetlech emol eng Kéier d'Zuele vir, wéi vill dass Bäitrag musse bezuelt gi fir d'Renten a fir d'Krankekeesen an eisen Nopeschlänner nientendrun, fir ze mierken, dass mir dach an enger Situatioun sinn, wou mer mat roueger Hand an deenen nächste Wochen a Méint mat de Sozialpartner, mat der Chamber kënnen diskutéieren, fir eenzel Saachen unzepassen, fir zur Stärkung vun de Sozialversécherungssystemer - net zur Aushie-lung vun de Leeschtungen vun de Sozialversécherungen! - kënnen bäizedroen.

Ech soen och um Niveau vun de Kranke-keesen oder vun der Gesondheetskeess, wann ech gesinn, dass an deene leschten 30 Joer... Lauschtert gutt no: An deene leschten 30 Joer sinn zu Lëtzebuerg d'Krankekeessbäitrag ëm 0,9% an d'Luucht gaangen. Gitt emol iergendwou ronderëm kucken, ob nach anerer et fäerdeg bruecht hunn, op déi dote solidaresch Aart a Weis derfir ze suergen, gesond Sozialversécherungssystemer ze hunn.

A wann ech gesinn, dass gläichzäiteg an deene leschte fënnf Joer déi Krankekeess-bäitrag stabil bliwwen sinn, dass souguer déi vun der Onfallversécherung zrëckgaange sinn ëm 0,35%, da weist dat, mengen ech, dass mer hei eng gutt Situatioun hunn, wou ee soll ophalen do-baussen ze lamentéieren an de Leit Saachen ze zielen, déi net richtig sinn.

Eng zweet Bemerkung wëll ech zur Mobilitéit maachen. Et ass schued, dass souwuel de Kollege Paul Helming huet misse fortgoe wéi och den Nohaltegkeetsminister. Mä ech mengen, dat kann een nohuelen.

Ech wëll eng Bemerkung zur Mobilitéit maachen. De groussen Acquis vun der leschter Legislaturperiod, de groussen Acquis war deen, dass mer endlech e breede Konsens am Mobilitéitskonzept fonnt hunn am Konzept vum mobil 2020; ofgemaach mat der Stater Gemeng a mam Schäfferot a mat villen aneren och hei an dëser Chamber.

Endlech hate mer eng kloer Linn iwwert dat, wat mer wëlte maachen, endlech konkret Realisierung, endlech substanz-iell méi Geld an d'Shinn investéiert wéi an d'Strooss. Eis Mobilitéitsproblematik - an och do sollte mer ophalen, eis Mäercher

ze zielen dobaussen - ass nëmme an eng entscheidend Trendwend ze kréien, wa mer deen „modal split“ vu 25/75, deen ugeduecht war scho beim IVL, fir den öffentlechen Transport fäerdeg bréngen.

Mir kënnen esou vill Stroossen nientenee bauen, mir kënnen bei all Duerf ee Contournement lénks, ee Contournement riets, en Tunnel ënnendrenner an eng Bréck uewendriwwer bauen. Dat wäert eis Mobilitéitsproblemer net léisen, wa mer net eng wirklech Trendwend hin zum öffentlechen Transport wäerte kréien. An ech mengen, do dierf een net fackelen an där Politik, déi dofir och an deenen nächste Jore muss gemaach ginn.

Awer et ass wirklech eng Sënn, an ech soen et esou, wéi ech et denken, et ass eng Sënn, wann een an dësem Moment dat Konzept, wat mer eis ofgemaach hunn, zerriet an eegennëtzeg hei agéiert.

(Interruptions diverses)

Ech halen derfir de Virschlag, dee leschte Virschlag, deen de Stater Buergermeeschter, ech weess net, am Numm vum Schäfferot oder a sengem eegenen Numm gemaach huet - ech weess et net, dat kann den Här Bausch eis vläicht herno direkt beäntweren -, mä dee Virschlag, dee gemaach ginn ass, halen ech fir héchst zweifelhaft.

Et mag fir d'Stad, egoistesches gesinn, Sënn maachen, fir d'Streck, déi mer amgaange sinn ze bauen, déi Eisebunnsstreck vun der Gare iwwert de Findel op de Kierchbierg, op Äis ze leeën an déi Suen ze huelen a se ze investéieren an d'Gare centrale an derfir ze suergen, dass een dee Quartier do kann dévoppéieren. An et mag och, egoistesches gesinn, Sënn maache fir d'Stad, fir derfir ze suergen, dass den Tram nimm fiert vun der Gare iwwert de Kierchbierg bis op de Findel an do ophält.

Dat mag fir d'Stad Sënn maachen. Ech soen awer, dass all Partner sech an deene leschte véier Joer eens waren, dass den Désenclavement vun der Gare centrale, do, wou mer wirklech extrem grouss Potenzialproblemer hunn, dass deen Désenclavement fir eis alleguer e wichtigen Deel war, fir d'Konzept esou ze strécken, dass kee Lach dierf entstoen tëscht dem Findel an der Gare centrale, wou näischt méi steet, weder Tramsstreck nach Eisebunnsstreck, well dat dat nationaalt Konzept a Gefor bréngt a wirklech hypothekeiert.

Duerfir mengen ech, géif et héich Zäit ginn, derfir ze suergen, dass een zu deem eigentleche Konzept erëmkënnt an dass een déi Verhandlungen tëscht dem Stat an der Stad Lëtzebuerg iwwert d'Finanzierung vum Tramsprojet esou schnell wéi méiglech zu Enn bréngt, fir do - wéi den Innenminister géif soen - endlech Neel mat Käpp ze maachen an derfir ze suergen, dass mer weiderkommen.

Ech wëll eng drëtt Bemerkung maachen zu deem Budget, iwwert dat, wat noutwendeg ass zu Kopenhagen. Säit gëschter sinn dausenden Delegéierten amgaangen, zu Kopenhagen ze diskutéieren. Mir brauchen zu Kopenhagen, och wa mer keen Nofolgeregime fir de Kyoto-Protokoll fäerdeg bréngen, global a virun allem kontinental Reduzierungsziler an eng konkret Finanzarchitektur, wou d'Verantwortung vun den Industrienatiounen par rapport virun allem zu deene mat Mëttele schwache Länner - technologesch an och finanziell schwache Länner - ka féieren.

Vläicht ass déi wichtigst Décisioun an deene leschte Stonnen an Amerika gefall, déi wichtigst Décisioun, fir zu engem Accord ze kommen, nämlech déi, dass d'Energie- an Ëmweltagence an Amerika decidéiert huet, fir d'Treibhausgasen als gesondheitsgefährdend anzestufen an domadder no engem alen „act“ dem President d'Méiglechkeet ze ginn, fir bei den CO₂-Emissionen selwer ze regléieren, sou dass en net de Kongress brauch, fir dat ze maachen.

Ech mengen, dat hëlt eng ganz schwéier Hypothék ewech, fir zu engem Accord ze kommen. Mä ech mengen, dass mer duerno, no der Konferenz, no Kopenhagen, och schnell national musse reagéieren.

Deen éischten Aktionsplang vun 2006 ass esou gutt wéi opgeschafft. D'Reduzierung,



déi mer fäerdeg bruecht hunn 2008 ëm -5,2%, ass e klengen Hoffnungsschimmer, mä trotzdem en Usaz, um deem mer weider mussen schaffen. Mir brauchen also ganz schnell am Ufank 2010 eng Diskussioun iwwer en zweeten Aktiounsplang, fir derfir ze suergen, den Trend do ze stäerken a Courage och an deem Zesummenhang do ze weisen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll bei der Aschätzung vun der finanzieller Situatioun vun eisem Land net laang ronderëmrieden. Tatsaach ass, mir hu bei manner Recetten a gewollt héijen Ausgaben e Problem. De Verweis op aner Länner hëlleft eis do net weider - och, wa Lëtzebuerg 2010 mat enger Schold, mat engem Endettement vun 19% géigeniwwer tëschtent 70 an 80% an der Eurozon nach relativ gutt dosteet.

Mir gesinn, an dat ass vum Här Meisch hei gesot ginn, krass ënnerschiddlech Interpretatiounen bei de Sozialpartner. Dat ass awer net verwonnerenswäert, wann ee gesäit, dass mer virun enger Tripartite sinn, wou amgaangen ass eng Kuliss opgebaut ze ginn, wou jiddweree seng Argumenter op den Dësch leet. Ech mengen, och déi Verschätzungen, déi mer bei den Experte gesinn, hëllefen eis do net weider.

Ech wëll fir d'LSAP-Fraktioun, Här Schiltz, e puer Punkte soen, déi fir eis wichteg sinn an deenen nächste Wochen a Méint.

► **Une voix.**- Ah!

(*Interruption*)

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Éischtens, mir wäerten, an dat hunn ech schonn am Ufank gesot, um Spueren net derlaanscht-kommen. Dat gëtt och eng Chance, sech ze konzentréieren op dat Wesentlech. All Ausgabe mussen no hirem Notzen an no hirem Nohaltegkeet gepréift ginn, a si mussen och esou sinn, dass se der Beschäftigung kënnen hëllefen.

Ech denken, dass Iddien, iwwert déi laang diskutéiert ginn ass hei, fir zum Beispill derfir ze suergen, dass ee bei deenen eenzelne Ressorten eng linéaire Kierzung vun hire Budgeten virhëlt, mä hinnen awer d'Méiglechkeet gëtt, innerhalb vun deene Budgete méi grouss Autonomie ze hunn, fir mat deem Geld ze schaffen, schonn eng Iddi wär, déi ee relativ schnell kéint upaken an dorausser eppes maachen.

Déi staatlech Gouvernance ze verbessern, d'Effizienz vun eenzelnen öffentlichen Déngschter ze verbessern, bleift dobäi eng Aufgab. D'Motivatioun an d'Weiderbildung vun den öffentliche Beamten ze förderen an ze assuréieren.

Zweetens, de Wee an eng Scholdefal ass en Ierwee, an Dir wäert eis net gesinn, dee Wee wëlle matzegoen. Eng Verscholdung vun iwwer enger Fourchette vun 30, 40% vum PIB ass net wënschenswäert - och wa 60% innerhalb vun de Maastrichter Kriterien erlaabt sinn. A beim Defizit ass en Zil mëttel- a laangfristeg vu plus/minus 1% fir eis an der Rei. Mir brauchen eng Politik an deenen nächste Wochen a Méint, déi och deenen zukünftege Generationen Handlungsspillraum fir hir Aspiratiounen a fir nei Politike léisst.

Drëttens, et dierf bei der Diskussioun, déi elo ugeet, keng Tabue ginn. Weder bei den Ausgaben nach bei de Recetten. Awer et muss gëllen - an do ënnerschreiw mer gären dat, wat de Lucien Thiel eis virge-wisen huet -, dass een, mengen ech, kohärent fir d'éischt ufänkt ze kucken, wou ee spuer kann, dass een iwwert d'Investitiounen schwätzt - ech wëll nach e Wuert dozou soen - an dass een dann och iwwer nei Recettë ka schwätzen, dass mer haut, an dat soen ech, dat ass vläicht deen éischte Virschlag, deen da gemaach gëtt bei de Recetten, dass mer laanscht eng Augmentatioun vun der Solidaritätssteuer net wäerte kommen.

Dat wäert jo wuel heibanne keen do-baussen iergendengem beim Patt wëllen erzielen. Wann ee gesäit, wéi d'Dépenses am Fonds pour l'Emploi sech entwëckelen, ass dat e gerechte Wee, derfir ze suergen, zu neie Recetten ze kommen.

Ech wëll iwwregens, well ech d'Gefill hat, dass den Här Schiltz, wéi e laang iwwert d'Erëmaféierung vun der Verméigenssteuer geschwat huet, ech wëll dann als Porteparole vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit iwwregens hei soen, dass den Här

Schmit dementéiert huet, um Kongress vum OGB-L dat Wuert Verméigenssteuer iwwerhaupt an de Mond geholl ze hunn.

(*Interruption*)

Et ass also iwwerhaupt net proposéiert ginn, mä de Verweis, deen den Nicolas Schmit op deem Kongress gemaach huet, op en Artikel aus der „Financial Times“, deen zur Konklusioun komm ass, dass ee wuel an engem Moment, wou mer haut stinn an den öffentliche Finanzen, och dierf iwwer nei Recettë bei de Steieren diskutéieren, dee wäert wuel erlaabt sinn. Ech mengen, dass jiddweree deen ënnerschreift. Mä d'Verméigenssteuer ass als Méiglechkeet do net genannt ginn, an et ass iwwregens och haut net Programmatik vun der LSAP an e Virschlag, dee mer géife maachen.

(*Interruption*)

► **Une voix.**- Dat heescht am Fong, wann déi Steuer kënnt, dann ass dat der „Financial Times“ hir Schold, oder wéi?

► **M. le Président.**- Wann Der gär dem Här Lux eng Fro stellt, da froet hei d'Wuert. Ech mengen, mir kënnen hei net duerjerneneschwätzen. Här Lux, fuert emol virun!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Wësst Der, kuckt lech emol eng Kéier den Owend um Internet all déi Länner un, déi eng Verméigenssteuer hunn. Da stellt lech d'Fro, ob dat lauter sozialistesche Héichbuerge sinn an esou virun, fir vläicht méi roueg a méi moderat mat der Fro do ëmzegoen.

(*Interruption*)

Méi roueg domadder ëmzegoen. Et muss och, wa mer iwwer nei Recetten diskutéieren a wa mer iwwer sozial Selektivitéit diskutéieren - dat ass dat Eenzegt, wat mer heibanne kloer wäerte maachen -, gerecht zougoen, an et muss nom Prinzip zougoen, dass breet Schëllere méi droe kënnen wéi schmuel Schëllere kënnen droen.

Et muss kloer sinn, dass d'Balance tëscht de Steiere vun de Bierger dobaussen an de Betriber, dass déi Balance muss vermëttelbar bleiwen, dass eng gerecht Belaschtung vun de Mëttelschichte muss gewahrt bleiwen, déi oft déi sinn, déi mussen bedalen an net vu soziale Mesuren a vu sozialen Hëllef kënnen profitéieren.

Ech mengen, et ass och ze diskutéieren, ob nei Laaschten, déi mer diskutéieren, ob déi och temporär kënnen sinn an un d'Dauer an den Ëmfang vun der Kris kënnen gekoppelt sinn.

Ech mengen, dass heibäi och de Prinzip fir déi, déi an deenen nächsten Deeg op Kopenhagen wäerte fueren - heibanne sinn der jo eng Rei, déi dat wäerte maachen -, dass de Prinzip vun der Nohaltegkeet, der Noutwendegkeet an deesen Zäite vu Klima a vun Ëmweltkris - et huet een net Zäit, fir méi laang ze schwätzen - och, mengen ech, dee Kritär do vun enger grousser Wichtegkeet muss sinn.

Mir sinn eis heibannen, Här Schiltz, doriwwer eens, dass dee Kurs eraus aus der antizyklescher Politik kee Crash-Kursus ka sinn, dass mer och dat mat Bedarf mussen maachen an dass mer wéi gesot och hei mussen derfir suergen, dass all Effizienz an dass d'Beschäftigungskompatibilitéit vun de Moossname muss gi sinn.

Ech wëll - véiertens - soen, dass bei den Investitiounen mer net dee Wee wëlle goen, wéi mer en hei emol am September beim Dépôt vum Budget héieren hunn, fir ze soen: „Mir hunn elo 1,8 Milliarden Investitiounen. Mir setzen dat einfach blann elo erof op 1,4.“

Mir mengen, dass een deen ëmgedréinte Wee muss goen, dass ee sech déi nächst Wochen a Méint muss Zäit huelen, fir ze kucken, wat an den Investitiounen bis 2014 noutwendeg ass, fir de Standuert an d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze assuréieren, wéi et méiglech ass, méi bëlle ze bauen, wéi et méiglech ass, fir derfir ze suergen, dass bei der Ëmsetzung et besser geet.

Ech mengen, dass dat an eenzelne Beräicher - den Transportberäich ass een dovunner, de Schoulberäich ass een dovunner -, dass et eng ganz Rei vu Beräicher gëtt, wou een dat muss maachen.

A fënneftens a leschtens, d'Method, wéi mer dat an deenen nächste Wochen a

Méint maachen, muss déi sinn, dass mer kloer Virgabe mussen hunn. Mir ënnerstëtzen dee Souci, deen de President vun eiser Finanzkommissioun an deene leschte Wochen an all Sitzung bal ausgedréckt huet, dass mer dee kloeren, objektiven Tableau de bord brauchen, wou all Partner dobaussen ënnerschreiw, fir ze soen, dat doten ass d'Situatioun a keng aner, fir dass mer net iwwer Zuele mussen wochelaang diskutéieren, wem seng Zuelen dann elo déi richteg Zuele sinn.

Ech mengen, dass mer deen Tableau de bord brauchen, fir dass mer e konsensfäeg Spuerzil vun 2011 bis 2014 kënnen ofmaachen. A mir brauchen natierlech d'Verhandlungen dobausse mat de Sozialpartner.

Ech halen et, Här Meisch, wierklech net fir en negative Punkt, dass eng Regierung an dass eng Majoritéit sech virhëlt nom Modell Lëtzebuerg, deen Är Partei an de 70er Joren awer maßgeblech och mat beaflosst huet, dass se sech d'Aufgab virhëlt, an deenen nächste Wochen a Méint sech nach Zäit ze ginn, fir mat de Sozialpartner, déi dobaussen, mengen ech, d'Forces vives vun der Natioun duerstellen, zu enger Eenegung ze kommen, Antagonismen an ënnerschiddlech Intéréten zesummen auszegläichen, fir zu enger Politik ze kommen, hannert där sech d'Leit kënnen gesinn.

An ech mengen och, dass mer alleguerten, wéi mer heibanne sinn, an deenen nächste Wochen a Méint mussen de Staf huelen an an d'Land mussen erausgoen an an de Versammlung mat de Bierger iwwer eis Situatioun diskutéieren a mat de Bierger, mat den...

(*Interruption*)

Herrgott nach emol!

► **Une voix.**- Hutt Dir keng Positioun als Sozialisten?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Also wierklech! Ech mengen, Dir hutt net nogelauschtert. Dir rennt déi ganzen Zäit ronderëm an da kommt Der heihin an da jäizt Der erëm.

► **La même voix.**- Jo, jo.

(*Hilarité générale*)

► **Une voix.**- Dir jäizt eng hallef Stonn!

► **Une autre voix.**- Dir jäizt eng hallef Stonn, Dir hutt nach näischt gesot!

(*Interruption*)

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech mengen also, dass et noutwendeg ass, fir derfir ze suergen, dass mer dobausse mat de Leit deen Dialog do sichen och iwwert déi Moossnamen, déi mer eraushuelen, fir beim Débat iwwert den État de la nation dann zu enger Konklusioun ze kommen.

Et kënnt also an deenen nächste Méint a Joren - ofschléissend an als Konklusioun - op folgend fënnef Politikziler un:

1) Esou wéi et hei virdru scho gesot ginn ass, Mënsche stäerken, Beschäftigung fördern, fir sozial Kohesioun suergen. Dat ass de gesellschaftleche Choix, bei deem mir net ee Millimeter wäerte wackelen an deenen nächste Wochen a Méint.

2) Op Bildung, Qualifizierung, op Fuerschung an op eis Universitéit setzen.

3) Déi Banken- a Finanzwelt reglementéieren, de Monster zähmen, op Realökonomie an net op Monaco- oder Dubai-Kapitalismus setzen, well dat an eisen Aen en Ierwee ass.

4) De Standuert Lëtzebuerg nohalte stäerken, d'Infrastrukturen ausbauen, Energie spueren a Klimaschutz och national konkretiséieren.

5) De Budget zur Politikgestaltung notzen, fir gesond Parametere hei erëm suergen, gerecht Léisunge sichen am Dialog, a fir déi zukünftege Generationen och näischt verbauen.

Ab dem 1. Januar, mengen ech, mussen mer déi Aarbecht do upaken, se am Dialog upaken, a fir dat ze erreichen, brauche mer e selbstbewossten an tatkräfigen Optimismus.

Un dëser Grondhaltung steet eisen Avis zu deem Budget 2010 an un där Grondhaltung do wäerte mer Jo soen zu deem Budget 2010, wa mer da muer doriwwer ofstëmme, an zu där Grondhaltung wäerte mer och an deenen nächste

Wochen a Méint fir d'Problemer doriwwer eraus suergen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Lux Merci. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt, fir unzefänken, dem Rapporteur Merci ze soe fir säin ausgiebege schréffleche Rapport, wou eigentlech d'Zuelematerial op eng zimlech gutt Aart a Weis analytesch erëmbrecht ginn ass. Ech wäert duerfir, genau wéi hien och oder aner Kollegen haut de Mëtteg, lech net bombardéiere mat Zuelen. Déi stinn an deem Rapport dran. Un deenen ass eigentlech och vum Fong hier, wat d'Zuelematerial ubelaangt, näischt aussetzen.

Ech wäert profitéiere vun där Budgetsried hei, fir méi eng fundamental Kritik ze maachen engersäits, an awer och en Ausbléck ze maachen iwwert d'Budgetsjoer 2010 eraus, well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war nach ni der Meinung, dass et Sënn géif maache bei engem Budget, deen een diskutéiert, nëmme sech op ee Joer ze bezieen, well dat eigentlech e falscht Bild ofgëtt iwwert de generellen Zoustand vum Land, wann een iwwert dat wichtegst Gesetz vum Joer diskutéiert, nämlech de Budget, mä dëst Joer fannen ech et desto méi wichteg, dass een iwwert den Tellerrand vum Joer 2010 erauskuckt a sech wéi gesot net beschränkt nëmme op d'Zuele vun 2010 an e Bléck werft och op déi nächst Joren duerno.

Well wa mer eppes de Moment net brauchen, dann ass et Kuerzsiichtegkeet, well Kuerzsiichtegkeet géif eis ganz séier an déi nächst Mauer eraféieren.

Mir hunn et ze dinn entre-temps mat enger Wirtschafts- a Finanzkris, déi dramatesch Ausmoossen ugeholl huet, an déi kann een net klengrieden - och, wann een dobausse gär e bëssen Tendenz huet, fir da bei där viller Dramatik awer ze mengen, et misst een Optimismus verspreen.

Wann ee kuckt, wat geschitt ass zënter 2008 a wat nach ëmmer amgaangen ass ze geschéien, da muss een einfach sech mat där haarder Realitéit, mat där mer haut konfrontéiert sinn, ausenansetzen.

Mir haten 2007 e Wuesstum vu 6,5%. Mir si vun 2007 op dann elo Enn 2009, wou mer genau wäerte landen, wësse mer nach net, loosse mer soen tëschtent -3,6 a -3,9% Wuesstum ukomm. Dat heescht, bannent emol net zwee Joer ass eise Wirtschaftswuesstum ëm 10,1% erofgefall. 10,1%, dat ass en enorme Chiffer!

Zur Erënnung: 2000 bis 2003 hate mer jo och eng Wirtschaftskris, an zwar duerch déi sougenannten Internet-Bulle, déi geplatt ass. 2000 hate mer dat Joer mat deem héchste Wirtschaftswuesstum an der Nokrichszäit - souguer 2007 ass net dovu getopt ginn -, nämlech 9%. Mir sinn du vun 9% am Joer 2000 op 2% am Joer 2001 ofgesackt. Dat sinn och 7%, mä éischters ass dozou ze soen, et sinn net 10%, a virun allem ass awer ze soen: Mir waren nach ëmmer am positive Wuesstum. Par contre si mer elo ganz staark am negative Wuesstum.

Wat virun allem och ganz problematesch ass, dat ass, dass déi Kris, déi mer haten 2001 bis 2003, dass mer eng Talfahrt gemaach hunn an duerno ganz rapid erëm eropgaange sinn. Dat heescht, dass mer ab 2004 erëm ganz rapid geklomme sinn, d'Ökonomie gewuess ass, eise Wuesstum och, eise PIB immens séier eropgaangen ass, fir eben op den Niveau vu 6,5% erëm am Joer 2007 ze kommen. Et ass also rapid erofgaangen a gradesou rapid erëm eropgaangen.

Dat huet natierlech dozou gefouert, dass déi Regierung, déi 2004 ugetratt ass, déi nach am Fong an der Logik war deemools vun där Kris, déi 2001 ugefaangen huet, a sech och erwaart huet deemools, dass de



Risiko géif bestoen, datt déi Kris net esou séier géif op en Enn goen an donc d'Statsfinanzen och deemools hätte kënnen zolidd nach méi abrieche, dunn ugefaangen huet, an enger Tripartite mat de Sozialpartner ze négociéieren, fir d'Statsfinanzen erëm an den Équilibre ze bréngen, während deene Verhandlungen natierlech de Wuesstum erëm gestiegen ass mam Héichpunkt vu wéi gesot bal 7% am Joer 2007, datt dann eigentlech den Accord ofgeschloss ginn ass mat de Sozialpartner zu engem Zäitpunkt, wou mer schonn erëm massiv op der positiver Wuesstumskurv waren.

Mir hunn awer dës Kéier eng Situatioun, déi eiser Meenung no ganz anescht ass, well mer riskéieren net nëmmen e luesen Opstieg ze kréien, mä mer riskéieren och nach ëmmer Réckschléi ze kréien. Wann ee kuckt, eleng wat vun Noriichte komm ass an deene leschten Deeg - déi nach net ausgestane sinn, och nach ëmmer par rapport zum Finanzsektor -, da muss een einfach der Realitéit an d'Ae kucken a soen, et sinn nach ëmmer grouss Risiken do, datt mer en zolitte Réckschlag kënnen kréien um wirtschaftlechen Niveau.

Mä virun allem ass et awer och esou, datt, wéi gesot, de Wuesstum vill méi lues wäert ugebuerlt ginn, a virun allem riskéiere mer, an dovunner si mer awer entre-temps iwwerzeegt - wann een e bësselche kuckt, wéi eis wirtschaftlech Struktur opgebaut ass a mat wat fir enge Problemer mer och elo no der Kris nach wäerte konfrontéiert ginn -, datt mer net méi esou séier wäerten, oder iwwerhaupt erëm wäerten eng Kéier op en Niveau kommen, wéi mer en zum Beispill 2007 haten, wou mer largement iwwert dem Duerchschnitt louche vu Wuesstum vun deenen aneren europäesche Länner, dat heescht a Beräicher vu fënnef, sechs a siwe Prozent.

Dat heescht am Kloertext, un dat, wouru mer eis gewinnt haten tëscht 1995 an 2007, nämlech mat enger Moyenne vu Wuesstum vu véier Prozent, an och deementsprechend natierlech exceptionnel héije Recetté fir de Stat, mat deenen Zäite wäert et emol mindestens fir déi nächst Joren eriwwer sinn. Dat heescht, mer wäerten eis éischter appendele bei engem Wirtschaftswuesstum, deen, wann et da gutt geet, tëscht 1,5 an zwee Prozent, vläicht och emol 2,5 Prozent sech wäert appendelen, an an der Moyenne wäerte mer op alle Fall net méi véier Prozent erreechen.

Wann ee meng lescht Budgetsrieden déi lescht zéng Joer nogelies huet, da sinn ech och net midd ginn, am Numm vu menger Fraktioun dat nämlech ze soen, nämlech ze erklären, datt mer eigentlech hei zu Lëtzebuerg op enger Wolke sieben géife schwiewen, nämlech ze menge mir kënnen - géint all Logik, déi et an de Wirtschaftsbicher gëtt - éiweg mat enger Moyenne vu véier Prozent rechnen, ob-schonn de Rescht vun der Europäescher Unioun eng Moyenne hat bei een, zwee Prozent, an déi nach domadder natierlech schrecklech zefridde sinn, well zwee Prozent Wuesstum vum PIB, dat ass emol nach guer keng schlecht Situatioun, wéi mer jo elo konnte feststellen 2009.

Mä op alle Fall ass et net méi eng Moyenne vu véier Prozent, an deementsprechend ass et och kloer, datt mer beim Stat, esou-gutt bei de Recetté wéi bei den Dépensen, mä virun allem bei den Dépensé mussen oppassen, well mer haten eis an eng Logik erabeginn, datt mer eis Dépensen opgebaut hunn op e Wuesstum mat enger Moyenne vu véier Prozent. An ech kommen nach op e puer Punkten ze schwätzen, op wat dat Auswierkunge wäert hunn.

(M. Michel Wolter prend la présidence.)

De gréisste Reproche, deen déi gréng deene leschte Regierunge maachen, déi tëscht 1995 an 2007 um Pouvoir waren, dat ass - an dat hu mer och méi wéi eng Kéier hei gesot, a méi wéi eng Kéier ware mer hei d'Rufer an der Wüst -, datt a gudder Joren déi héich Plus-valuen, déi mer haten, wierklech dat gëllend Kallef, ronderëm dat gedantz ginn ass, datt dat net

genuch genotzt ginn ass, fir engersäits direkt an d'Zukunft ze investéieren oder Suen op d'Säit ze leeën, fir sech ze iwwerleeën, wéi mer dëst Land op d'Zukunft kéinte virbereeden.

Mä vill ze vill oft hu mer de Wee gewielt, oder huet dëst Parlament de Wee gewielt, mat deenen ënnerschiddlechste Majoritéiten, fir nei sougenannte Sozialleeschungen ze schafen, an ech soe sougenannte Sozialleeschungen, well et war och oft, datt verschidde Sozialleeschungen, déi mer an deene leschten zéng, 15 Joer geschaf hunn, éischter en elektoraalt Zil haten, wéi datt se e ganz kloert Zil haten, fir e reelle soziale Problem unzegoen. Dat wëll ech hei emol eng Kéier betounen, an ech sinn och gär bereet, Beispiller do ze liwweren, wann et muss sinn, mä jiddwree, deen eis déi lescht 15 Joer hei nogelauschert huet, dee weess genau, vu wat ech schwätzen.

Dat ass och eng Konsequenz, datt natierlech déi Leeschungen, déi mer geschaf hunn, datt déi eise Budget elo an enger Situatioun, wou mer dann net méi véier Prozent Wuesstum hunn, wou mer dann och wahrscheinlech, wa mer zu där Zäit an dëser Situatioun gewiescht wieren, ons déi dote Saachen net geleescht hätten, mä se awer elo am Budget hunn, an déi dann eise Budget all Joer wäerte belastschen.

Firwat hu mer et net gemaach wéi zum Beispill e Land wéi Norwegen, dat och eng eigentlech exceptionnel Situatioun an deene leschte Jorzéngten hat, nämlech datt se d'Chance haten, fir eng gewëssen Zäit Pétrolreserven ze hunn, a sech do-duerjer ganz héich Recetten opgemaach hu fir de Stat. D'Norweger hunn an den 90er Jore schonn en Zukunftsfong geschaf, en nationalen Zukunftsfong, a si hunn d'office ëmmer een Drëttel vun hire Plusvaluen, déi se erakritt hunn, iwwert déi Recetten, wéi gesot, déi duerch de Pétrol erakomm sinn, an dee Fong gestach.

Firwat hu se dat gemaach? Ma well se sech gesot hunn, déi dote Ressourcen, déi hu mer nëmmen eng gewëssen Zäit - well effektiv, an Norwegen wäert de Pétrol lues a lues zu Enn goen am Buedem -, an da mussen mer kucken, wat mer mat deene Sue maachen, déi mer de Moment hunn, mat deenen héije Plus-valuen, déi mer de Moment hunn, wéi mer déi kënnen asetzen, fir nei Secteuren opzebauen, fir d'Land dann och fir déi Zäit nom Pétrol kënnen virzubereeden.

Dat war eng intelligent Approche, a mir hu méi wéi eng Kéier hei alarmistesche och a gudden Zäite gesot, mer sollten dat och maachen - mir hunn och Motiounen deementsprechend erabruucht -, mä dat huet net vill Leit déi Zäit interesséiert.

Mir wieren elo frou, wa mer an där glécklecher Situatioun gewiescht wieren, datt mer dat gemaach hätten, wat d'Norweger, wéi gesot, an den 90er Joren ugefaangen hunn. Mir kënnen dann zum Beispill elo vill méi einfach decidéieren, verschidde strukturell Defiziter, déi mer hunn, ze begläichen, oder, wat nach vill méi wichteg ass, no Kopenhagen, wann déi ganz Envergure vun deem, wat do da wäert decidéiert ginn - entweder zu Kopenhagen direkt oder an deene Méint duerno, do solle mer eis näischt virmaachen, an dat ass och richtig esou a mir hoffen et och -, fir datt déi Suen eis da géifen hëllefen, aktive Klimaschutz heiheim ze maachen, deen an engem och nach géif derzou bäidroen, datt mer wirtschaftlech eis besser kënnen opstellen, wéi dat haut de Fall ass.

An duerfir kommen ech dann och bei den zweete Punkt - dee leider, an ech mierken och ëmmer an all de Rieden hei, datt deen einfach onheemlech ënnerschätzt gëtt -, nämlech deen, datt mer net nëmmen eng Wirtschafts- a Finanzkris hunn, mä datt eng vill méi grave Kris an deenen nächste Jorzéngten eis wäert beschäftegen, nämlech déi vun der Klima- an Ëmweltkris. Well mer sinn net nëmmen an enger Klimakris, et ass eng regelrecht Ëmweltkris, an där mer eis befannen, an déi wäert eis vill ofverlaangen an deenen nächste Joren. An déi wäert och zolidd Auswierkungen hunn, esougutt op d'Recetté wéi op d'Dépensé vun dësem Stat.

Déi Finanz- a Wirtschaftskris, déi natierlech an hirer Heftegkeet extrem ass a wou een

awer nach kann, wann ee wëllt, dergéint reagéieren, kuerzfristeg, wéi dat elo an deenen eenzelne Länner gemaach gëtt oder probéiert gëtt ze maachen, da soen ech lech, wa mer bei där dote Kris net handeln, kuerzfristeg, da wäerte Konsequenzen op eis zoukommen, déi, éisch-tens, eis vill méi deier wäerten ze stoe kommen, an déi wäerten Auswierkungen hunn, wou et vill méi schwierig wäert ginn, fir net ze soen onméiglech wäert ginn, fir esou kuerzfristeg eis aus där Kris erauszeféieren. Konsequenzen: Laut deem, wat zu Kopenhagen oder am nofolgenden Deel vu Kopenhagen wäert ausgehandelt ginn, wäert dat direkt Implikatiounen hunn.

Et kann awer natierlech och eng Chance bedeite fir eist Land, wa mer dat objektiv a kloer kucken, a virun allem, wa mer offensiv un déi Erausforderung eruginn, déi do un eis gestallt gëtt. Awer offensiv dorun erugeen heescht net dat - wat mir fäerten -, wat erëm wäert zu Lëtzebuerg geschéien, nämlech haaptsächlech erëm un d'Scheckheft ze denken an ze probéieren eis iwwert d'Scheckheft fräizekafen. Mir mengen, éisch-tens, datt d'Geld ëmmer méi knapp wäert ginn, och fir dat ze maachen, mä virun allem ass et total onsënneg, well et vill méi intelligent ass, datt ee versicht seng Hausaufgaben nach vill méi heiheim ze maachen, donc och heiheim ze investéieren, wat dann och als Konsequenz huet, datt ee wirtschaftlech diversifizéiert an datt een och Aarbechts-plazen heiheim schafft respektiv Plusvaluen heiheim schafft.

Dat heescht, et gëtt een eigentlech zum duebele Gewënner bei där ganzer Geschicht: Amplaz datt een, wann ee seng Hausaufgaben net heiheim mécht - an dann an d'Ausland d'Sue schéckt, fir datt se do investéiert ginn, ee sech iwwert dee Wee fräikeeft -, dann nëmmen een Deel Gewënner ass, an deem Sënn, datt een natierlech vläicht säi Soll erfüllt doduerjer, mä datt een eben de wirtschaftlechen Deel, deen drunhänkt, iwwersäit an dovunner dann näischt huet. An ech muss och soen, datt et eigentlech erstaunlech ass, datt net méi doriwwer diskutéiert gëtt, iwwer verschidden aner Konsequenzen. Well, wann ech soen, et ass eng Ëmwelt- a Klimakris, déi eis do beschäftegt, da misst ech am Fong nach derbäi soen, et ass och eng Energiekris, déi eis beschäftegt.

Mir hunn eng Economie, déi total op d'fossil Energieträger opgebaut ass. Mir hunn eng Gesellschaft, déi total dorobber opgebaut ass. Mir sinn, wéi mäi Kollege Claude Turmes gesot huet, Junkië ginn, regelrecht vum Pétrol, an den Här Di Bartolomeo weess jo, wat et heescht, wa Leit ofhängeg sinn. Hei ass eng ganz Gesellschaft ofhängeg vu Rohstoffen, déi eis wäerten enorme Misär maachen.

A wann ech dann nëmme just deen ee Beräich eraushuelen, deen och fir eis Stats-recetten eng Roll spillt, nämlech dee vum Tanktourismus, iwwert dee jo de Moment nach ëmmer kee wëllt schwätzen, an ech gesinn, a wéi eng Richtung sech dat entwéckelt: Mir wäerten op zwee Niveaue do ënner Drock geroden an den nächste Joren. Dat Éischt ass emol den Drock, dee wäert kommen innerhalb vun der Europäescher Unioun op eise Präisdifferential. Do kënnen mer natierlech nach e bësse spillen a mir kënnen nach e bëssen Zäit gewannen a mir kënnen eis e bësselchen Drock, duerch Géigendrock, dee mir da maachen, iwwert d'Ronne rette fir e puer Joer.

Mä mat eppes wäerte mer eis net méi kënnen iwwert d'Ronne retten, well dat huet iwwerhaupt näischt méi mam Präisdifferential ze dinn, nämlech duerch de Fait, datt duerch dat, wat zu Kopenhagen diskutéiert gëtt, an duerch déi industriell Revolutioun, déi virun allem am Automobilsektor wäert kommen, an enger Rei Joren de Konsum vum Bensin, also vum Uelech am Beräich vun dem motoriséierte Verkéier wäert zu null tendéieren, an donc eleng doduerjer déi Nisch Tanktourismus, méi séier wéi et eis léif wäert sinn, wäert ewechfalen, well ganz einfach d'Elektromobilitéit wäert an de Vierdergrond kommen, donc, wéi gesot, de Bensin keng Roll méi wäert spillen an Tanke wäert keng Roll méi spillen. Mengt net, datt bei gréisserer Gefierer wéi bei Camionen an esou Saachen net och déi Revolutioun genau esou

schnell géif goen. Och do geet et genau esou schnell weider, aus verschidden-aartege Grënn.

Donc wäert déi Nisch Tanktourismus, déi enorm Recette, déi dat wäert hu fir de Statsbudget, déi wäert souwisou an deenen nächste Joren ewechfalen. A mir gesinn nach ëmmer net, wat dann do d'Regierung gesäit als Solutioun op där anerer Säit, wann een dann de Budget insgesamt kuckt. Wëssend, datt mat deene Recetten, déi mer do kritt hunn, e ganze Koup Saachen, och zum Beispill am soziale Beräich, finanzéiert gi sinn.

Mir mussen duerfir kolossal Ustrengunge maachen hei zu Lëtzebuerg an der Mobilitéit, mir mussen kolossal Ustrengunge maachen an der Fuerschung, an der wirtschaftlecher Diversifizéierung, fir datt mer déi gréng industriell Revolutioun net verpassen. Et ass evident, an dat seet entre-temps all Expert, datt déi meeschten Aarbechtsplazen, Milliounen vun Aarbechts-plazen an deenen nächste Jorzéngte wäerten an de Beräicher Ëmwelttechniken, Energieeffizienztechniken, erneierbar Energie kommen. Do ass de gëllene Buedem vum Wuesstum ze erwaarden an deenen nächste Joren an do wäerten och déi Milliounen Aarbechtsplazen entstoen. A mir gesi bis elo net eng Grimmel vun enger Strategie vun dëser Regierung, wéi se wëllt deen dote Beräich besetzen.

An och, wann ech da kucken, datt dat jo net nëmmen e Problem duerstellt fir de Budget am Fong direkt vun de Recetten, mä och fir de Chômage, deen amgaang ass ze klammen. Mir wäerte Chômage-zuelen erreechen elo emol, wéi et ausgesäit, vun ëm déi 7%. Mä et ginn der och schonn, déi soen, datt mer Enn 2010 bei 8% kënnen landen. Woubäi mer nach guer net wëssen, wat fir eng Lwwerraschungen op eis kënnen zoukommen. Et kënnen eenzel Secteuren nach zesummebréchen an der Nofolgesituatioun vun där Kris, déi dann de Chômage nach méi wäert an d'Luucht dreiwien. Et weess och keen, wat fir eng Konsequenzen déi ganz Neireguléierung am Bankesektor huet, och déi ganz Nokrisituatioun am Bankesektor huet, wéi vill Aarbechtsplazen am Bankesektor wäerten ofgebaut ginn.

Lëtzebuerg wäert duerfir dës Kéier net méi an der Situatioun sinn, dovu si mer fest iwwerzeegt, wéi an deene Krise vläicht vir-drun, wou mir et meeschtens méi séier fäerdeg bruecht hunn, souguer wéi eis Nopeschlänner ronderëm, fir eis aus där ganzer Situatioun erauszekrabbelen. Mir wäerte mat héijer Aarbechtslosegkeet konfrontéiert ginn. Wahrscheinlech déi héchsten Tauxen an der Nokriszäit. Mir wäerte strukturell a sektoriell extrem vill Schwierigkeete kréien, virun allem am Finanzsektor. An duerfir menge mir, datt den Danz ronderëm dat gëllend Kallef, wat mer während 15 Joer konnten ze-lebréieren, datt dat eriwwer ass.

Elo, wann ech dat soen, mengen ech natierlech net, datt dat alles just nëmmen einfache Pessimismus ass, deen ech hei wëll un d'Wand molen, datt mer näischt kënnen veränneren. Mä ech menge schonn, datt do Chancë bestinn, fir datt mer och nach eppes kënnen änneren, mä da mussen mer wierklech dat elo rapid ugoen.

Wann ech kucken, wat fir e Sektor - fir op d'Recetten zréckzekommen - dem Stat déi meeschte Gelder an deene leschte 17 Joer agespillt huet, dann ass et ganz kloer de Finanzsektor. Mir wëssen et allegueren, datt dee Finanzsektor, dee wäert eng wichteg Roll och fir Lëtzebuerg spillen an deenen nächste Joren. Dee wäert op kee Fall verschwannen. Mä mir wëssen awer och, datt duerch dat, wat passéiert ass an där Kris, wou d'Leit d'Finanzen an d'Banken an de Finanzsektor ganz aneschtens gesi weltwäit an doduerjer Drock entsteet, datt doduerjer, mä awer och duerch Drock, deen hei bei eis entstan ass Richtung Oplackeren, fir net ze soen Ofschafe vum Bankgeheimnis an esou weider, datt dat Konsequenze wäert hunn op dee Sektor an datt eigentlech déi Logik vum schnelle Räichginn am Finanzsektor, lassgekoppelt vun der realer Economie, eriwwer ass.

Dat mussen mer eis awer och bewosst sinn, datt mir hei zu Lëtzebuerg ganz vill an deene leschte 15 Joer vun där Logik profitéiert hunn an dovunner gutt gelieft hunn.



Et ass och gutt, datt déi eriwwer ass, well fir d'Stabilitéit vun eiser Ekonomie a fir déi generell global Gerechtegkeet ass et eng absolut Noutwendegkeet, datt mer erëm e Finanzsystem kréien, deen éischstens transparent ass, oder méi transparent ass, an deen net méi lassgeléist fonctionnéiert vun der realer Ekonomie. Mä dat bedeit awer fir eis, datt mer eis mussen op manner Recetten astellen an deenen nächste Joren an och, datt den Emploi an deem Secteur bäi Wäitem net méi déi Envergure wäert hunn, wéi en déi déi leschte Joren hat.

Dat bréngt mech dann och zu deem zweeten an aneren Damoklesschwert, dat iwwer eise Käpp hängt an dat mer och schonn, wéi esou eng waarm Gromper, zënter Laangem virun eis hiergeschoben hunn, oder och konnte virun eis hierschieben, well mer deen Danz ronderëm dat gëllend Kallef zelebréiert hunn déi lescht Joren. Dat ass déi finanziell Ofsecherung vun eisem Generatiounevertrag.

Ech muss soen, ech hunn elo just dem Här Lux mat Interesse nogelauschert, wéi en hei gesot huet, et wär kee Grund fir Panik ze maachen, an en huet eis hei opgezielt, wéi vill datt bei de Pensiounen zum Beispill d'Reserven do evoluéiert sinn an deene leschte Joren, fir net ze soe Jorzéngten, an datt duerfir alleguer déi, déi géifen dovun wëlle schwätzen, dat wär nëmme Panik gemaach an d'Leit zu Onnëtz beonrouegt. Et hätt een nach wonnerbar Zäit an et soll een an aller Rou - dat ass iwwregens näischt Neits, dat gëtt schonn zënter datt ech hei an der Chamber sinn an ëmmer erëm op verschidde Saachen opmierksam maache gesot. Et gëtt ëmmer gesot, mir hunn nach gutt Zäit a mir kënnen eis nach all Rou vun der Welt ginn, fir dat ze maachen.

Wann den Här Lux déi do Zuelen opzielt, da muss en awer vläicht e puer Saachen hei soen. Firwat huet eise soziale Sécherheetssystem an deene leschte 15 Joer esou gutt funktionéiert? A firwat hat e kee Problem bei der Finanzéierung? Mä éischstens, well mer e wirtschaftleche Wuesstum haten, deen iwwert d'Mooss louch. Ech hu gesot, Moyenne 4%. Dat ass largement iwwert deem, wat aner Länner haten an Europa, och eis Nopeschlänner haten.

Mir haten awer och gläichzäiteg e permanent klammenden Emploi, deen och wäit iwwert deem louch, wat an iergendengem aneren europäesche Land ze gesi war. An Zäite souguer vu Kris ass bei eis den Emploi nach ëmmer massiv gewuess. An duerfir déi Recetten, déi héich Recetten, déi mer hunn an deene verschiddene soziale Sécherheetssystemer, déi hu mat deenen zwee Faktoren ze dinne. Et huet bei de Krankeeseen ze dinne, well mer natierlech, an och bei de Pensiounskeesen, well den Emploi enorm gewuess ass an deene leschte 15, 20 Joer an donc doduerjer d'Reserve sech opgebaut hunn.

Et huet awer och domadder ze dinne, well mer e System hunn, dee bei de Pensiounen zum Beispill zu engem Drëttel fiskaliséiert ass, bei de Krankeeseen ass den Undeel vum Stat nach méi héich, dee mer eis awer och nëmme kënne leeschten an deem Mooss, well mer exceptionnel héich Recetten hate beim Stat.

Donc, wa mer elo an een Zeenario kommen an deenen nächste Joren, wou mer net méi 4% Wuesstum an der Moyenne hunn, an donc och manner Recetten hu fir de Stat, a mer ufänke mussen ze spuere lénks a riets, da gëtt et natierlech och op eemol enk fir de soziale Sécherheetssystem a fir de Generatiounevertrag.

Et ass duerfir och, firwat mir ëmmer gesot hunn, datt de Fait, datt dat esou en héijen Undeel ass bei den Dépensé vum Stat, datt ee muss sech iwwerleeë fir aus dem Cercle vicieux do erauszekomme vun engem System, deen opbaut dorobber, datt mer dervun ausginn, datt mer ëmmer 4% Wuesstum hunn an donc ëmmer dervu kënnen ausgoen, datt dem Stat säin Undeel an deem System do ëmmer esou héich ka bleiwe wéi haut.

Mir hunn nämlech jo derbäi nach eppes anescht, dat ass, elo kommen d'Recetten a Schwierigkeeten, an donc wäerte mer, wann d'Diskussiounen ugi bei den Aspuerunge beim Stat, do wäert jo iwwer alles missen diskutéiert ginn an da wäert

och iergendwann eng Kéier, wann et esou weidergeet mat niddrege Recettë vum Stat, iwwert déi dote Bedeelegungen diskutéiert ginn.

Dann hu mer awer nach derbäi de Problem, datt mer am Rentensystem selwer, zum Beispill, Équipen hu vun der Alterspyramid, datt mer e System hunn... Dee Generatiounevertrag ass jo gegrennt ginn zu enger Zäit, wou den Duerchschnëttsalter vun de Leit net 70 an 80 Joer war, mä wou e 50 a 55 war, am Ufank souguer drënner. De Bismarck huet eise System erfonnt. Déi Zäit war den Duerchschnëttsalter vun de Leit 45 Joer. Do hunn déi meescht Leit iwwerhaupt emol net vun der Pensioun profitéiert herno.

Mir leien elo bei de Männer bal bei 80 Joer, bei de Fraen iwwer 80 Joer. Am Fong entre-temps si mer esou laang an der Pensioun wéi mer am aktive Liewe sinn. A mir riskéieren eng Kéier eng Situatioun ze kréien, datt mer ebe méi Leit an der Pensioun hu souguer, wéi mer kënnen am aktive Liewen hunn, je nodeem wéi den Emploi sech zum Beispill och entwéckelt an nächster Zäit.

Dat si jo alles Problemer, déi ee muss awer unerkennen. An da muss ee wëssen, datt et natierlech aus ganz gudder Grënn, an dem Generatiounevertrag zum Beispill, eise ganze Pensiounssystem, well d'Generatiounen uneneeggekoppelt ginn, dat ass eppes wéi e schwéieren Tanker, wou ee ganz schwéier d'Kéier dermat gemaach kritt an eng aner Richtung, op den Äisbierg zou, an et kritt een e ganz schwéier gedréit. Firwat? Majo, well een net kann oder ganz schwéier ka bannent enger Generatioun eng Spillregel änneren.

Ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei gesot: Wann Der eng Persoun hutt, déi an e Berufsliewen erantëtt mat 25 oder 26 Joer, an Dir erkläert där op eemol mat 50 Joer, gudder Kolleeg, viru 25 Joer hu mir Dir dat versprach, mä elo ass alles anescht, elo änner mir Dir hei d'Spillregelen an Du muss elo selwer kucken, datt s De ufänks Der nach, iwwer en zweete Pilier zum Beispill, eppes opzebauen, da seet deen: „Ma Dir maacht de Geck mat mir, well: Wéi soll ech dann nach an där Zäit, wou ech nach iwwreg behalen a mengem aktive Liewen, eppes kënne maachen? Da geet dat jo guer net méi.“

Donc, wéi gesot, et kann ee schwéier bannent enger Generatioun eppes maachen, an duerfir sinn ech net d'accord, ech si schonn zënter 15 Joer net d'accord mat all deenen, déi hei behaupten, mir hätten nach wonnerbar a gutt Zäit fir unzefänken doriwwer ze diskutéieren, fir de Generatiounevertrag ofzesécheren och fir déi nächst Generatiounen, well dorëms muss et jo goen.

An do gëtt et dräi Punkten, iwwert déi muss een diskutéieren. Mir hunn och nach ni e Problem gehat, fir déi hei opzewerfen. Dat Éischt ass, mir mussen emol erëm an der Öffentlechkeet de Leit kloermaachen, datt mer eis hei an engem Assurancë-secteur befannen an datt, fir datt een Ussproch kann hunn zum Beispill op eng Rent, ee muss eng gewëssen Zäit u Jore cotiséiert hunn, ier een iwwerhaupt an de Genoss kënnt, fir déi Assurance och ze profitéieren.

Dat heescht, zum Beispill si mir der Meinung, datt de Minimum vu 40 Cotisationsjore strikt misst applizéiert ginn. Dat heescht an der Praxis awer och, datt mer natierlech am Rentenalter, an der Moyenne wou mer haut si bei 57, 58 Joer, mussen eropgoen. Mir wäerten dann, wa mer iwwer Leit schwätzen, déi eréischt mat 26 oder 27 Joer an d'Aarbechtsverhältnis kommen, déi mussen da wäit iwwer 60 Joer...

(Interruption)

Här Lux, mir sinn an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen, dat ass richtig, well mer bei den Invalidierenden op enger ganz Rei Punkten eppes gemaach hunn, ganz sécher.

(Interruption)

Mä ech wëll lech awer just soen, et ass awer, dat geet awer eigentlech extrem lues. Mir si bei der Logik vu 40 Joer awer nach e gutt Stéck dervun ewech. Do sidd Der mat mer d'accord.

Well wann Der haut wëllt 40 Joer voll cotiséieren, da wësst Der jo och, mat wéi vill

Joer datt Der da misst an den Aarbechtsprozess kommen, fir dorobber ze kommen, fir kënne mat 60 Joer a Pensioun ze goen. Guer net ze schwätze vun ënnendrënner.

Mä dat ass eppes, dat musse mer mat de Leit diskutéieren.

Dat Zweet ass, mir mussen emol definéieren endlech den éischte Pilier, dat jo dee wichtegsten ass an och dee wichtigste muss bleiwen, nämlech deen öffentlech-rechtlechen. Bis wat fir en Niveau soll deen ofsécheren en Ersatzgehalt fir d'Leit herno an hirer Rent? Kann dat egal wéi héich sinn, oder musse mer net eng Kéier driwwer diskutéieren, ob den éischte Pilier sécherlech substanzuell eng Zomm muss ofsécheren? Et geet net drëms, fir ze soen, den éischte Pilier soll elo op en Niveau erofgeschrauft ginn, datt bal all Zweete muss sech nach derniewent versécheren. Mä mir mussen awer déi Diskussioun eng Kéier kënne féiere fir d'Zukunft.

Dat Drëtt ass den Ausbau vum zweete Pilier, zum Beispill virun allem..., dat heescht, fir déi Leit, déi e ganz héije Revenu hunn oder e gewëssene Revenu hunn an déi sech an der Zukunft wëllen eppes ofsécheren, datt, wa se wëllen den nämlechten Ersatzrevenu hunn an hirer Rent, datt den öffentleche System net kann onendlech bis egal wat fir eng Zommen ofsécheren, datt se sech da musse selwer organiséieren, a wéi mer em déi Moyenë wëlle ginn, datt en dat ka maachen.

Dat sinn déi dräi wesentlech Punkten, eiser Meinung no, iwwert déi ee muss schwätzen. Mä mir mussen awer endlech ufänken driwwer ze schwätzen.

(Interruption)

Mä ech gesinn... Jo, Här Minister, mir studéieren elo schonn zéng Joer do ronderëm, mä an der Praxis stellen ech awer fest, datt mer nach net... Jo, mir sinn nach ëmmer kee Meter vum Fleck komm.

(Interruption)

Ja.

(Interruption)

Jo, um Rentendësch ware mir mat enger ganzer Rei Saachen net d'accord,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Mä voilà.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- ...an Dir kënnt och noliesen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat heescht, 2003, Här Bausch, entschëllegt. Mir si vun 2003 aus enger wonnersamer Verdeelungsaktioun, déi vu quasi jiddwerengem gedeelt ginn ass,...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Neen, dat ass net wouer.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...wou mer an enger Verdeelungsaktioun d'Rentenausgaben ëm 10% gehéicht hunn, wou mer vis-à-vis vun 2003 haut wesentlech besser dru sinn,...

(Interruptions diverses)

...wesentlech besser dru sinn an eise Rentekeesen, hu mer et fäerdeg bruecht, awer eng öffentlech Diskussioun ze féieren, wou mer haut iwwer eng Rei vu Parametere eens sinn. Am Regierungsprogramm fannt Der déi 40 Joer.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här Di Bartolomeo, Här Di Bartolomeo...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Entschëllegt, wann Der erlaabt, just fir d'Diskussioun e bësse méi...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Neen. Ech si ganz dermat d'accord, datt de Minister eng Fro stellt,...

(Hilarité)

...mä wann en een Discours wëllt féieren...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo mä, wann Der eppes sot, wat net richtig ass, Här Bausch, därerf ech wann ech gelift dat nuancéieren.

(Interruptions)

Am Regierungsprogramm fannt Der déi 40 Joer erëm. An Dir hutt virdru gesot, datt déi 40 Joer, datt mer do wäit drënner sinn. Och dat ass ze nuancéieren. Déi Leit, déi bis virun e puer Joer a Pensioun gaang sinn,...

► **M. le Président.**- Här Di Bartolomeo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- ...déi haten alleguer 40 Déngschtjoren. Et si just déi nei Generatiounen, déi wëlle genee datselwecht hu wéi déi, déi scho 40 Joer geschafft hunn, mä mat manner wéi 40 Joer.

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Här Di Bartolomeo, wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Entschëllegt, Här President.

► **M. le Président.**- Mir sinn net an enger Rentendiskussioun hei. Et ass kee Problem, dass, wann den Här Bausch fäerdeg ass an Dir hutt am Numm vun der Regierung eppes dozou ze soen, Der lech dann...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ma villmools Merci.

(Hilarité)

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Also, zweet...

► **M. le Président.**- Et ass Usus, dass een eng Fro ka stellen. Mä ech mengen, et ass net gutt, dass een eng Géigeried hält, Här Di Bartolomeo.

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.**- Ech halen dann d'Chronologie an, Här President. Merci villmools!

► **M. François Bausch (déi gréng).**- 2000, wéi dee Rentendësch diskutéiert gouf, Här Di Bartolomeo. Meng Fraktioun ass op den Dësch komm an dat, wat mir deemools proposéiert hunn, fir dropzeleeën, dat war..., ech mengen, dat waren zwou Zeilen. Mä wat mer awer gär gehat hätten deemools, dat war, datt iwwert d'BIT-Studië, déi deemools um Dësch louch, déi jo d'Grondlag sollt stelle fir déi Diskussiounen, datt iwwert déi sollt geschwat ginn. D'Diskussioun iwwert d'BIT-Studië, déi war an zéng Minutten eriwwer. Et war einfach keen Interesse do vu kengem, fir driwwer ze schwätzen.

Ech muss och soen, et war jo och eng ganz genial Iddi, déi deemools de Premierminister hat, fir de Rentendësch anzeruffen am Joer 2000, wou mer 9% Wirtschaftswuesstum hate mat, wann ech mech erënneren, dat waren aler Lëtzebuerger Frang, 40 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang Plus-valuen. Dat huet natierlech derzou gefouert, datt d'Bereetschaft, ausser bei eis, extrem kleng war, fir doriwwer ze diskutéieren.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Mä nëmmen, ech wëll dat alles hei rappeléieren, fir ze soen, datt net scho Versucher gemaach gi sinn an datt op jidde Fall kee menger Fraktioun ka virwerfen, datt se net scho méi wéi eng Kéier versicht huet driwwer ze schwätzen.

Elo hu mer erëm eng Kéier zéng Joer Zäit verluer. Mir si vun enger gëllener Period erëm gerëschelt an eng manner gëlle Period. An ech fäerte just, an dat ass dat, wat ech lech soen... Wat ech fäerten, dat ass, well mir wësse jo och an där hei Diskussioun, et gëtt hei zwee verschidde Campen. Et gëtt e Camp vun deenen, déi sech berechtigt Suerge maachen, fir dee Generatiounevertrag ze retten an ze verteidigen, och fir nächst Generatiounen, fir en ofzesécheren. Mä et gëtt der och, déi wëllen de Generatiounevertrag ofschafen.

An ech fäerten, datt mer elo an eng Phas erakommen, wou et vill méi heikel gëtt ze diskutéieren, well natierlech den Drock méi grouss gëtt, vu datt d'Statsfinanze méi kleng sinn, an donc haaptsächlech, an dat wäert Der gesinn, op Ären État am meeschten Drock wäert gemaach ginn an deenen nächste Joren, well Dir natierlech bei de Sozialtransferten d'Nummer eent sidd an an der viischter Fënster wäert stoen. An da wäert Der gesinn, datt den Drock méi grouss gëtt, fir datt dann net



diskutiert gëtt nëmmen iwwert d'Ofsicherung vum Generatiounsvertrag fir déi nächst Generatiounen, mä einfach blanne Sozialofbau wäert gemaach ginn.

(Interruption)

An duerfir hu mir ëmmer gesot, esou Saachen diskutiert een, wann d'Zäite gutt sinn, wann ee wierklech nach gutt Zäit huet a wann een et a Rou kann diskutieren. An ech fäerten, datt mer an deenen nächste Joren et net méi wäerten a Rou kënnen diskutieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécherlech och wichteg am Moment dat ze maachen, wat d'Regierung mécht, fir an där Kris, wou mer sinn, d'Investitionsausgaben héich ze halen an doranner ze investieren. Ech kommen awer och nach eng kéier dorobber zrëck. Mir hunn och do e Problem mat der Virgehensweis vun der Regierung.

Wat awer falsch ass, eiser Meenung no, dat ass fir net direkt iwwert d'Fonctionnementskäschte vum Stat ze diskutieren an do ze spueren. An ech muss soen, esou frou wéi ech och war iwwert de Luef vum Här Thiel, deen ech jo da par interposé och kritt hunn iwwert deen Effort, dee mer an der Stad gemaach hunn, an en huet sech jo och inspiréiert un eiser Iddi vum „screening“, dee mer an der Stad gemaach hu vun eise Servicer, an en huet och gesot, et war richtig gewiescht, de Wee, dee mer gewielt hunn, fir bei de Fonctionnementskäschte schonn an de Projet de budget fir 2010 anzespuren, esou traureg sinn ech driwwer, datt d'Regierung dat fir 2010 net gemaach huet.

Ech kann net verstoen, firwat datt et net méiglech gewiescht wär, dat ze maachen, wat eng kleng Gemeng mécht op deem doten Niveau, d'Regierung hätt kënne maache mat deem risegen Apparat, deen d'Regierung zur Verfügung gestallt kritt. Ech mengen, datt et duerchweegs och méiglech gewiescht wär fir d'Joer 2010 bei de Fonctionnementskäschte vum Stat schonn ze détectieren, wou Aspueermoossnamen dra sinn, wou Loft dran ass. Well wann e seet, a wou ech em Recht ginn, datt een natierlech, dat ass mënschlech, wann d'Sue fëlleg do sinn, da gëtt och deementspriedend manner op de Su gekuckt a méi gróßzügeg verfuert domadder, an donc ass vill Loft oft dran nach an enger éischer Phas, déi een emol kann dann erausloosse fir ze spueren, déi emol nach net richtig engem wéi deet.

An ech mengen, dat hätt och misse méiglech sinn, menger Meenung no, als Exercice scho fir 2010. Well de Problem, dee sech jo fir eis hei stellt, dat ass, datt mer héich Investitiounskäschten hunn, an awer och nach héich Fonctionnementskäschten.

Da kommen ech awer zu den Investisements. Ech mengen, datt et net richtig ass, datt mer bei den Investissementsprojete keng Prioritéite setzen. Mir hunn e formidabelt Wuert an deem Koalitiouns- ofkommenes vun dëser Majoritéit stoen. Nämlech bei all öffentlecher Investitiouns- ausgab steet drënner, dat wär „ënner Finanzéierungsvirbehalt“. Ech soen elo, an der Praxis heescht dat, datt een am Fong kéint de Schlüssel ënnert den Teppech leeën an enger Fiduciaire d'Gestioun vum Stat ginn, an da géif de Stat just kucken, datt de Budget am Équiliberberäich bleift, a fir de Rescht loosse mer d'Projeten einfach nëmmen esou lafen.

Dat ka jo net sinn. D'Regierung muss eis dach soen, wou d'Prioritéite sinn. Et kann net bei allem e Finanzéierungsvirbehalt stoen. Et muss ee soen, wou ee gesäit, datt en Handlungsbedarf urgent ass fir dëst Land, wou mer Defiziter hunn a wou keen ass oder wou mer es manner hunn zum Beispill.

Ech wäert herno soen, wou mir eis Prioritéitelëscht gesat hunn. Ech vermessen dat total bei dëser Regierung. Mir hu wierklech a kenger Hisiicht bis elo kënnen erausfannen, wou genau d'Prioritéite vun dëser Regierung bei den öffentlechen Investitionsausgabe sinn. An dat ass sécherlech net de richtige Wee, deen ee soll goen.

Ech hoffen, datt mer an deenen nächste Méint déi Diskussioun méi intensiv ze féiere kréien, well soss riskéiere mer och vläicht op déi falsch Pærd ze setzen an net ze gesinn, wou eis Schwächte respektiv eis Defiziter sinn, an da Suen auszegi fir Saachen, déi mer net brauchen, an awer keng Sue méi herno ze hunn, fir an déi Saachen ze investieren, déi mer brauchen.

Dat nämlech betrëfft och d'Sozialtransferten en tant que tel. Mir müssen natierlech eng Diskussioun féieren iwwert d'Sozialtransferten, mä do wéisst ech awer och gär, wat d'Virgab ass. Elo kann ee mer soen: D'Virgab ass einfach keen Tabu hunn; mir diskutieren einfach iwwer alles.

Jo, dat kann ee maachen. Ech mengen awer net, datt dat zu ganz schrecklech vill féiert, well ech mengen, eng Regierung muss awer och soen, wat dann hir Virgab ass. Zum Beispill si mir der Meenung, datt een dat misst analysieren an enger Logik, wou ee seet: D'Prioritéit vu Leeschtungen a Form vu Strukturen oder Infrastrukturen, voire de Chèque-service, oder eng kéier d'Ustriewe vu gratis Kannerbetreuung a manner an d'Geldleeschungen ze investieren. Dat heescht am Kloertext natierlech op där anerer Säit, da muss een och bei de Geldleeschungen, déi ee mécht, méi selektiv virgoen oder kucken, wou een do dann Aspueermoossnamen trëfft.

Dat kann ee bei der Kannerversuergung gesinn. Dat kann ee bei och anere Saache gesinn. Mir hunn de Moment, wann ech déi zwee Niveaue kucken, wann ech d'Geldleeschungen kucken, mir hu Kannergeld, mir hu Gebuertsprimen, mir hu Schoulgeld an esou weider an esou fort, an op där anerer Säit si mer amgaange Crèche, Foyer-du-jouren, Maison-relais an esou weider opzebauen, déi mer haut iwwer Chèques-services hunn, mat dem Zil jo, eng kéier eng gratis Kannerbetreuung wëllen opzebauen.

Déi zwee zesumme geet net fir jiddwereen. Mir brauche Geldleeschung ëmmer fir sozial schwach Leit. Dat ass ganz evident. Et gëtt Leit an eiser Gesellschaft, wa mer deenen net och nach zousätzlech Geldleeschungen ginn, och zum Beispill bei der Kannerbetreuung, da komme se net iwwert d'Ronnen. Mä dat ass awer eppes anescht wéi datt ee seet: Mir hunn op där enger Säit Geldleeschungen, déi einfach jiddweree kritt, egal wat fir ee Revenu datt en huet, an nach niendru gratis Kannerbetreuung, déi och jiddweree kritt.

Dat geet am Endeffekt net op. Do wéisste mer och gär, wou dann d'Prioritéit vun eiser Regierung an deenen nächste Jore wäert sinn.

An dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann een net - an do sinn ech mat villen d'accord, déi hei och geschwat hunn - iwwert d'Ausgaben diskutieren nëmmen eleng. Et muss een och iwwert d'Recettë schwätze vum Stat, iwwert d'Steieren.

Ech wëll emol eng kéier erëm an Erënnung ruffen, ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt, wann iwwer Steiere geschwat gëtt, déi meescht Leit déi vill Funktiounen, déi d'Steieren hunn, net méi gesinn. Vill dovun argumentieren och permanent, wéi wann de Stat just géif Steieren ophiewen, fir de Leit Suen aus der Täsch ze huelen, fir se ze emmerdeieren, fir se ze strofen oder Gott weess wat. Mä d'Steieren hunn an eisem gesellschaftleche Fonctionnement, an eisem Stat véier Funktiounen.

Dat Éischt ass natierlech, datt de Stat Recettë kritt, fir verschidden Infrastrukturen ze bauen. Dat si Stroossen, dat kënne Schinnen, Schoulinfrastrukturen sinn, Kulturinstituter, wat och ëmmer. Dat heescht, alles Infrastrukturen, wou d'Gesamtpopulatioun dovunner profitéiert. Déi wichtegst si fir de Fonctionnement vun der Gesellschaft.

Zweet Funktioun vum Steiersystem, an dat ass eng, déi ass an deene leschten 20 Joer komplett zu Buedem gaangen oder komplett ënnergangen, dat ass, datt de Steiersystem och eng Ëmverdeelungsfunktioun muss hunn; nämlech eng Ëmverdeelungsfunktioun, fir sozial Gerechtegkeet hierzustellen, fir datt effektiv staark Schëllere méi mussen kënnen droen an enger Gesellschaft wéi schwächer. Dat

heescht am Kloertext, datt een, wann een iwwert d'Steieren diskutiert, muss am A behalen...

Leider ass eiser Meenung no vill ze vill oft geklappt gi bei Steuerreduktionen an deene leschte Joren. Ech erënnere drun: 2001 an 2002 stounge mir och als „einsame Rufer in der Wüste“ eleng hei géint déi Steuererleichterungen, déi deemools gestëmmt gi sinn, well mer gesot hunn: Dat, wat Der do maacht, dat stellt à la longue d'Finanzcapacitéit vum Stat a Fro. A virun allem gëtt et eng kleng Gefor fir de Sozialstat, well Der d'Steieren esou wäit no ënne schrauft, virun allem d'Betriebssteieren, de Spätzesteiersaz an esou weider, datt mer eng kéier wäerte Schwierigkeete kréie bei dem Finanzement vu verschiddene Leeschtungen vum Stat.

A leider, muss ech soen, hunn deemools och d'Gewerkschafte mat geklappt, wéi déi Steuerreform gemaach ginn ass 2001/2002. Ech hunn ëmmer gesot déi Zäit: Dat wäert eng kéier deier ze stoe kommen. An Dir wäert gesinn, datt mer an deenen nächste Joren an déi Situatioun kommen.

Dat heescht, zweet Funktionalitéit: D'Steieren hunn och eng Ëmverteilungsfunktioun, déi mir nach ëmmer wichteg fannen. An ech sinn och fest iwwerzeegt, duerch déi Kris, déi mer elo haten, datt déi Ëmverteilungsfunktionalitéit ëmmer méi staark erëm wäert an de Mëttelpunkt réckele vun der öffentlecher Diskussioun iwwerall an der Welt.

Drëtt Funktionalitéit: eng Lenkungsfunktioun. Mir kënnen iwwert d'Steieren... Natierlech kann de Stat verschidde Lenkungseffekter kréien. E ka se kréien, andeem e Steuererleichterungen gëtt, wann en zum Beispill wëllt en zweete Pilier fördern am Rentensystem, andeem en do verschidden Abatementë schafft.

E kann awer och, andeem e penaliséierend wirkt iwwert d'Steieren, wëllen e Lenkungseffekt kréien; bei den Zigaretten zum Beispill. Wann ech gären hätt, datt den Zigarettekonsum erofgeet, da kann ech déi Saache maachen, déi den Här Di Bartolomeo elo mécht, andeem ech versichen an den öffentleche Lieuen déi Leit ze schützen, déi emol net fëmmen. Mä et kann een awer och d'Accisen op den Zigaretten natierlech, wéi vill Länner dat maachen, erhéijen, fir iwwert dee Wee och derfir ze suergen, net nëmmen, datt Recetten an d'Keess vum Stat kommen, mä datt d'Leit vum Konsum vun där gesondheetsschiedlecher Zigarette ewechkommen.

Dat heescht, eng Steuerungsfunktioun, déi natierlech virun allem an engem Aspekt eiser Meenung no eng vill méi grouss Funktioun misst kréien, datt ass am ökologesche Beräich. D'ökologesche Steuerreform ass nach ëmmer keen Thema zu Lëtzebuerg. Et gëtt zwar de Moment a ganz Europa diskutiert, mä déi wichteg Lenkungsreform, déi mer bräichten doriwwer, gëtt ignoréiert. Also, wéi gesot, drëtte Punkt: Lenkungsfunktioun.

An dann de véierte Punkt. Deen hu mer erëm nei entdeckt am Kader vun der Kris. Dat ass, datt d'Steieren och wichteg sinn herno, fir datt de Stat kann eng Rettungsfunktioun ausüben. An zwar eng Rettungsfunktioun, fir Betriber ze retten, fir grouss Banken ze retten, mat Milliarde Gelder doranner ze investieren, fir datt déi net zesummebréchen.

Donc, mengen ech, wann een iwwert d'Steieren diskutiert, an iwwer Steuerreduktionen oder iwwer Steuererhéijungen diskutiert, muss een déi ëmmer diskutieren a Funktioun vun deene véier Funktiounen do, déi de Steiersystem huet. Ech weess natierlech, datt dat méi komplizéiert ass wéi populistesche Aart a Weise mat de Steieren ëmzegoen, andeem ee seet „d'Steieren erof“ oder „d'Steieren erop“, wéi et eben ëmmer grad kënnt.

Dat kënnt bei deenen enge gutt un a bei deenen anere schlecht un. Mä dat ass awer op alle Fall déi falsch Aart a Weis, well wa mer d'Steieren an eise véier Funktionalitéiten net gesamt kucken, da riskéiere mer en aarme Stat ze kréien. An en aarme Stat ass e schwache Stat, an e schwache Stat ass en inaktive Stat. A wa mer an dëser Kris, wou mer hei sinn, en inaktive Stat gehat hätten, zu wat dat gefuert

hätt, dat wäert jo jiddwereen entre-temps verstoen.

Duerfir wëlle mir gär schwätzen iwwer Steieren am Licht vun deene véier Funktionalitéiten an deene leschte Joren. A mir müssen d'Steieren, donc d'Recetten, och doranner deementspriedend kucken.

Duerfir kënne mer eigentlech net novollzéien, firwat eng Regierungskoalitioun an engem Koalitiouns- ofkommenes eigentlech net vill Konkretes draschreift, mä zum Beispill ratsch bei de Steieren draschreift: D'Betriebsbesteuerung gëtt an deenen nächste Joren ëm 4,5% einfach ofgesenkt.

(Interruption)

Jo, am Prinzip, am Prinzip. Mä et ass awer emol komesch. Bei allem hutt Dir de Finanzéierungsvirbehalt stoen. Hei hutt Der en net stoen. An Dir hutt och bei allem déck berechent, just hei hutt Der en net.

Ech muss och soen, ech fannen, déi Diskussioun eleng och an deem Zeenario, wou mer eis de Moment befannen, et muss een awer emol kucken, wat fir ee Signal datt dat no bausse gëtt, wat mer do senden no bausse. Mir sinn an enger Situatioun, wou mer mat öffentleche Steiergelder - mat Milliarden öffentleche Steiergelder - Betriber gerett hunn. Mir ginn duerno hin an da schwätze mer driwwer, datt, soubal d'Situatioun besser wär, géife mer, och nach erëm eng kéier fir déi nämlech, déi mat à l'origine vun der Kris wäeren, d'Steiere wëllen erofsetzen.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Här Bausch, därfer den Här Schiltz lech eng Fro stellen?

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Ech muss lech soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Här Bausch?

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Eng Sekonn, Här President. Ech wëll just nach meng zwee Sätz fäerdeg maachen,...

► **M. le Président.**- Da maacht Är Gedanke fäerdeg an duerno stellt den Här Schiltz seng Fro.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- ...da kritt den Här Schiltz gär d'Wuert.

Dat ass eng Argumentatioun, déi extrem geféierlech ass, well déi läit natierlech an där Logik, wéi mer d'Steieren ebe gesinn hunn an deene leschte 15, 20 Joer, nëmmen eben op mat eppes ze kucken, an net an der Logik vun deene véier Funktionalitéiten, wou ech gesot hunn.

A wat ech lech soen, ass, datt ech der fester Iwwerzeugung sinn, datt d'Leit dat net méi wäerte matmaachen. Dir wäert net kënne verlaangen an deenen nächste Méint a Joren, datt Der Appeller muss maachen, déi zum groussen Deeler och nach berechtigt sinn, datt jiddweree muss mathëllefe spueren, well mer an enger schwieriger Situatioun sinn, a gläichzäiteg missten d'Leit dann nach nokucken, datt, wann de Wuesstum bis ufänkt erëm eropzegoen, verschidde Leit och nach géife belount ginn, déi am Ufank schold waren un der Kris.

Dat wäert net funktionéieren. Da kritt Der sozial Opstänn, wéi Der der nach ni wäert gesinn hunn. An ech wënsche mer déi, oder meng Fraktioun wënscht sech déi op kee Fall.

Duerfir hätte mir och gär, Här President - an da kann den Här Schiltz mer d'Fro stellen -, datt bei all Steuerreduktioun, déi mer maachen, d'Regierung eis derniewent leet, wou d'Géigefinanzéierung ass vun der Steuerreform. An ech soen lech, et soll kee mer kommen: D'Géigefinanzéierung besteet doranner, datt mer dovunner ausginn, datt mer an zwee, dräi Joer erëm méi en héije Wuesstum hunn an donc doduerjer méi Recettë kréien an dat eis am Endeffekt méi erabrëngt.

Dat ass dat, wat de Moment an Däitschland gemaach gëtt. An ech muss lech soen, ech hu selten erlieft, datt e Vollek esou op den Aermche geholl ginn ass wéi dat, wat an Däitschland de Moment geschitt, wou eigentlech op Pomp Steuererleichterungen virgeholl ginn, net fir d'Mass vun de Leit, mä fir ganz bestëmmte



Kreesser, déi kee Mënsch weess, wéi se finanzéiert ginn, an déi éischter nach de Statsdefizit massiv weider wäerten héijen an deementspriedend derfir wäerte suergen, datt déi Leit, déi souwisou am meeschte misste mat d’Kris elo bezuelen, dat och nach wäerte misse matbezuelen.

► M. le Président.- Den Här Schiltz stellt elo seng Fro.

► M. Jean-Louis Schiltz (CSV).- Här Bausch, et deet mer wierklech leed, datt ech dat elo hei muss soen. Et gött mer bericht, datt Der gutt Grënn gehat hätt, fir net do ze sinn, wou den Här Lux an ech geschwat hunn. Mä et ass extrem schwéier, eng Diskussioun mat lech ze féieren, wann Der wierklech net gehéiert hutt, wat mir gesot hunn.

Also, et deet mer wierklech leed, Här Bausch. Ech weess net, wéi mer solle weiderdiskutéieren hei. Duerfir stellen ech d’Fro un lech: Wéi solle mer hei weiderdiskutéieren, wann Der dem Här Lux a mir net nogelauschert hutt?

(Interruption)

Ech soen nach eng Kéier, Här Bausch: Dir hat gutt Grënn dofir vläicht. Ech stellen déi och net a Fro. Mä da kommt elo net heihin a sot, d’Koalitioun géif näischt soen, wou souwuel den Här Lux eppes dozou gesot huet wéi ech eppes dozou gesot hunn.

(Interruption)

Da gestitt eis dat Recht och zoul!

► M. François Bausch (déi gréng).- Här Schiltz...

► M. le Président.- Sou, elo huet den Här Bausch erëm ganz eleng d’Wuert!

► M. François Bausch (déi gréng).- Ech wëll lech just eent soen: Ech gi jo net dovun aus,...

(Interruption)

...dass Der éischtens eppes aneschtens gesot hutt wéi an den Debatten an der Finanzkommissioun.

An ech ginn och zweetens net dovun aus, datt Der eppes ganz aneschtens gesot hutt wéi Äre Kolleeg Lucien Thiel an de Rapport geschriwwen huet.

An ech ginn drëttens net dovun aus, datt Der eppes aneschtens sot wéi dat, wat Är Regierungsvertrieder an deem dote Beräich bis elo gesot hunn.

An duerfir, macht net wéi wann Der an där doter Fro elo wesentlech nei Saache gesot hätt. Ech weess genau, obschonn ech net hei war, wat Der gesot hutt, well Der déi nämlecht Saachen och nach an der Finanzkommissioun gesot hutt.

Ech war iwwregens aus gesondheetleche Grënn net hei déi lescht dräi Stonnen. Da wësst Der och, firwat ech net hei war.

(Interruption)

Jo, ech wëll dat just soen, well dat gött emol esou gär an de Raum gestallt, fir datt dat awer och eemol kloer ass, firwat ech net hei war.

Mä ech fannen, dat...

(Interruption)

Neen, dat mécht d’Diskussioun guer net schwéier, well da sot och éierlech, datt mer an der Finanzkommissioun ëmmer och déi nämlecht Diskussiounen hunn. An dee Sträitpunkt do, deen hunn ech mat verschiddene Leit heibanne schonn zënter zéng Joer. Dat ass eigentlech guer keng nei Diskussioun. Et ass iwwerhaupt keng nei Diskussioun an deem dote Kontext. Mä ech bleiwen...

► M. le Président.- Entschëllegt, Här Bausch. Den Här Lux wëllt lech och nach eng Fro stellen.

► M. François Bausch (déi gréng).- Selbstverständlech, Här President.

► M. le Président.- Här Lux, wann ech gelift.

► M. Lucien Lux (LSAP).- Däerf ech lech just virlesen,...

► M. François Bausch (déi gréng).- Jo.

► M. Lucien Lux (LSAP).- ...dass den Här Thiel a sengem Rapport geschriwwen huet: «Il est évident qu’un relèvement de la charge fiscale grevant les ménages devrait être accompagné, pour des raisons

d’équité, d’une hausse adéquate de la taxation des entreprises.»

Dat heescht, souwuel an dësem Rapport wéi och an de Riede vun haut ass kloergemaach ginn, dass et eng Balance muss ginn tëschent deem, wat um Niveau vun de Steiere bei de Ménagë geschitt a bei den Entreprises, an dass et net a Fro kënnt, dass mer déi Zilsetzung vun der OECD-Moyenne unilateral - déi minus 4,5% - géifen attackéieren an engem Moment, wou mer d’Charge vun de Ménagë mussen an d’Luucht setzen, fir eis Problemer um Niveau vun den öffentleche Finanzen an d’Rei ze kréien.

► M. François Bausch (déi gréng).- Genau dat do hunn ech mer geduecht. Da kënnt dat berühmten OECD-Argument.

(Interruption)

Dat ass jo genau de Punkt, Här Lux. De Problem ass jo de folgenden, datt an Däitschland déi Steuerreform elo bestëmmt ginn ass. An Dir sot, an Dir hutt jo elo selwer virgelies, d’Argument vun der OECD, datt mer an dem Steuerwettbewerb op OECD-Niveau musse konkurrenzfäeg bleiwen. An do entscheet et sech.

An et ass dat, wat meng grouss Suerg ass. Dat ass jo och dat, wat iwwregens de Finanzminister déi lescht Woch a senger Ried hei gesot huet.

Wat ech awer contestéieren: Ech sinn éischtens der Meenung, datt - natierlech, et kann een net egal wat maache bei de Steieren; et kann een net egal wat fir eng Steiertaxe maachen - et awer net onbedéngt ubruecht ass, fir wann zum Beispihl et an Däitschland elo erofgeet bei der Betribsbesteuerung an där nächster Zäit, datt mir dann dat nämlecht géife maachen, just well Däitschland erofgeet.

(Interruption)

An da sinn ech der Meenung - jo, Här Henckes -, wa mer da wéilten higoen... Huet lech eemol de Fall gesat, mir géifen d’Betribsbesteuerung ëm 2% erofsetzen an dem nächste Joer. Dat kascht eis jo eng Staang Geld. Dat ass en zolitte Manque à gagner bei eise Recetten.

Da wëllt Der jo op där anerer Säit, wann ech dann an der Logik...

(Interruption)

► M. le Président.- Här Henckes, loosst elo wann ech gelift den Här Bausch schwätzen. Wann Der wëllt eng Fro stellen, stellt eng Fro.

► M. François Bausch (déi gréng).- Här President, ech si richteg frou iwwert déi animéiert Debatt, mä ech muss just heiansdo e Saz kënnen ausschwätzen. Méi wëll ech net. Här Schiltz, Dir kritt duerno och d’Wuert. Eng Minutt.

(Interruptions diverses)

► M. le Président.- Hei, elo fuere mer der Rei no. Den Här Schiltz hëlt nach eng Kéier eng...

► M. François Bausch (déi gréng).- Ech wëllt nach fir d’éischt dem Här Henckes awer eng Äntwert ginn.

► M. le Président.- Den Här Henckes huet zwar keng Fro gestallt, mä e kann awer gär eng...

(Hilarité)

► M. François Bausch (déi gréng).- Här President, wann ech hei nëmmen op dat géif äntwerten, wou Froe géife gestallt ginn, hätt ech nach kee Wuert brauchen ze soen, well dat sinn alles Tëscheriff, déi hei gemaach ginn. Mä sou ass nach kaum eng Fro gestallt ginn.

► M. le Président.- Sou, elo stellt den Här Schiltz eng richteg Fro.

(Hilarité)

► M. Gast Gibéryen (ADR).- Wollt den Här Schiltz dat?

► Une voix.- Sot Ärem Pressesprecher Bescheid.

(Hilarité)

► M. Jean-Louis Schiltz (CSV).- Ech mengen, datt mer hei eng Diskussioun wierklech op falsche Basé féieren. Dir lancéiert Saachen an d’Landschaft, déi net esou am Koalitiounsaccord stinn.

► M. François Bausch (déi gréng).- Déi stinn awer esou dran, et deet mer leed.

► M. Jean-Louis Schiltz (CSV).- Dir huet net zur Kenntnis, datt ech a menger Ried gesot hunn, éischtens, datt d’Steieren net vu vireran dierfen en Tabu sinn, datt ech zweetens gesot hunn, datt mer den Impakt op d’Economie mussen am Bléck halen, an drëttens, datt d’Steieren an d’Spill kommen, wann all Spuerpotenzial ausgekraazt ass.

Do si schonn Elementer vun Äre Steuerungs- an aneren Elementer mat dran. Dat heescht, mir hätte kënnen eng flott Diskussioun doriwwer féieren.

An ech wëll nach eng Kéier soen, Här Bausch, datt ech...

► M. Xavier Bettel (DP).- Wou ass d’Fro?

(Hilarité)

► M. François Bausch (déi gréng).- Déi kënnt nach, Här Bettel. Si kënnt nach.

► M. Jean-Louis Schiltz (CSV).- ...mat näischt wëll hei a Fro stellen, datt Der gutt Grënn hat, fir net do ze sinn. Ech wëll dat nach eng Kéier soen, well Dir hutt elo nach eng Kéier insinuéiert, ech hätt lech dat reprochéiert. Ech reprochéieren lech dat net. Ech weess just net, wéi mer hei kënnen eng Debatt féieren...

► M. François Bausch (déi gréng).- Mä si ass dach amgaang!

► M. Jean-Louis Schiltz (CSV).- ...- an dat ass meng Fro -, wann Der emol déi Punkten, déi ech hei gesot hunn an déi de Lucien Lux ähnlech gesot huet, net zur Kenntnis huet.

(Brouhaha)

Duerfir froen ech lech: Wéi féiere mer déi Debatt, wann Der dat net zur Kenntnis huet?

► M. le Président.- Sou! Elo géif ech proposéieren, elo hält den Här Bausch seng Ried. A jiddwereen, deen dozou wëllt eppes soen, dee schreift sech an. Well mir hu muer nach laang a vill a genuch Zäit, datt jiddweree seng Meenung doriwwer ka soen. Här Bausch, wann ech gelift.

► M. François Bausch (déi gréng).- Här President, ech muss soen, ech kann net verstoen, datt den Här Schiltz seet, hei kéint ee keng lieweg Debatt kréien. Dat, wat mer hei amgaange sinn ze maachen, dat ass dach super. Ech géif mer wënschen, datt an Zukunft, wann een aneren hei steet, datt deen och esou oft erlaabt, datt en ënnerbrach gött, en Tëscheriff gemaach kritt, Äntwerte kritt. Da kréiche mer emol méi interessant Debatten hei. Dat wären da manner erofgeliese Rieden, wéi dat vläicht oft de Fall hei ass. Mä si géifen e bësse méi spannend ginn. Do sinn ech ganz mat lech d’accord.

(Interruption)

Mä ech wëll awer dann nach eng Kéier zrëckkommen op de Fong vun der Saach. Dee ganze sprangende Punkt ass jo: Wa mer an enger Situatioun sinn, wou mer eng öffentlech Schold hunn, déi op 20% zougeet, a mer net wellen dat kréien, wat meng Virriedner hei gesot hunn, datt mer iwwer 40% op eemol öffentlech Schold hunn, a wa mer op eemol an den Zeenario kommen, datt mer da wéinst OECD-Grënn, aus Steuerkonkurrenzgrënn zum Beispihl bei de Betribssteieren 2% erofginn, an dann dat maachen, wat den Här Lux mer elo virgelies huet, gläichzäiteg och nach d’Frais-de-ménagen dimmen, mä dat geet jo erëm all Kéiers op d’Käschte vun de Recetten!

Dat heescht, dat si jo Ausgaben, déi ech zousätzlech betätegen. Da muss awer ee mer soen, wou en déi Suen alleguer wëllt hierhuele respektiv wou en op där anerer Säit wëllt sträiche goen.

► M. Lucien Lux (LSAP).- Mir sollen dat net maachen, seet dee Saz.

► M. François Bausch (déi gréng).- Den OECD-Saz, huet de Finanzminister hei d’lescht Woch gesot, e ka mer dat bestätegen, e sëtzt hei. An Dir hutt mer en och elo selwer zitéiert, an Dir wësst och ganz genau, datt en esou an Ären Texter steet.

(Interruption)

Mir mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt, wéi gesot, d’Steieren ënnert deene véier Funktionalitéite missten diskutéiert ginn. A wa mer dann iwwer éischtens emol, ob et elo Reduktiounen

oder Erhéijunge sinn, diskutéieren, dann hätte mir léiwer, mir géifen eng Gesamtsteuerreform maachen, wou zum Beispihl ënner anerem och ekologesch Kritären dra wären, mä wou dann awer och virun allem géif gekuckt gi bei Steuerreduktiounen, zum Beispihl bei Betriber, ob et net méi sënnavoll ass, ganz geziilt Saachen ze maachen.

Zum Beispihl iwwer nach nei Crédit-d’impôten, déi ee géif aféieren, oder aner Mechanismen, ee ganz geziilt déi Secteure géif favoriséieren, déi entweder a Schwie-regkeete sinn, oder kucken, neier anze-féiere fir Secteuren, déi ee wëllt op Lëtzebuerg unzéien.

Op alle Fall ass dat eng aner Logik, déi een da géif uwenden, wéi déi, wou een einfach breet mat der Géisskan d’Steiere fir eng Kategorie erof wëllt setzen; wat menger Meenung no och nach an deem heite Fall falsch war.

Ech hu gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt eis gréisste Kritik baséiert awer dorop, datt mer bei dëser Regierung net gesinn, wou hir Prioritéite sinn, an datt dat eigentlech net geet. Datt een net ka soen: Mir maachen héich öffentlech Investitiounsausgaben, ouni datt een d’Prioritéite bekannt gött. Et kann een net alles ënner Finanzéierungsvirbehalt gläichzäiteg setzen.

An ech hunn lech och gesot, datt mir géife ganz kloer eis Prioritéit setzen. Dat si sechs Beräicher, wou mir géife prioritär investéieren, an all déi aner, déi ech elo hei net nennen, dat sinn déi, wou mir mengen, wou duerchweegs misst dann zrëckgeschrauft ginn.

Dat sinn d’Schoul an d’Bildung. Dat Zweet ass d’Fuerschung an d’Uni Lëtzebuerg. Ech wëll och do dem Rapporteur soen: En huet vill a sengem Rapport iwwert d’Uni geschwat, wat ech och gutt fannen, mä en huet net genuch iwwert déi véier CRPe geschwat, déi mer hunn, déi och e wichtige Bestanddeel vun der Uni sinn. D’autant plus, wou mer jo an der Recherche zu Lëtzebuerg eis eens sinn, datt mer haapt-sächlech d’Recherche appliquée wëlle fördern, an d’CRPe spillen do eng wichteg Roll. Ech mengen, et soll een net vergiessen, ëmmer déi dobäi ze erwähnen.

Deen drëtte Punkt ass d’wirtschaftlech Diversifizéierung - alles, wat domadder ze dinn huet. Dee véierte Punkt ass d’Mobilitéit, an do déi grouss Prioritéit natierlech op dem öffentlechen Transport, der Mobilité douce. Dat heescht, all déi Verkéiersacteuren, déi am Zesummenhang stinn och mat eisen Obligatiounen, déi mer haut schonn hunn an och nach méi wäerte kréien no Kopenhagen.

Fënnefte Punkt ass den Energieeffizienzprogramm, d’Sanéierung vun ale Gebaier, dat heescht och erëm Aspekter, déi am Kader vum Klimaschutz wichteg sinn. An de sechste Punkt ass d’Kannerbetreuung.

Dat sinn déi sechs Punkten, wou mir géifen eis Schwéierpunkte setzen a prioritär géifen investéieren. An dann op enger Skala, wann ee muss ufänken, ze spueren, vun uewe bis ënnen, géif do als lescht gespuert ginn. Bei all deenen aneren als Éischt, respektiv Verschiddener missten dann deementspriedend zrëckgestallt ginn.

Mir verlaangen, datt dës Regierung eis och seet, wou hir Prioritéite sinn. Well soss diskutéiere mer an d’Bland eran. Wéi gesot, ech hu gesot, wann een dat net mécht an et setzt een alles ënnert de Finanzéierungsvirbehalt, da kann een och direkt der KPMG oder Pricewaterhouse-Coopers de ganze Statsbudget iwwerginn, da kënnen déi derfir suergen, datt en am Équilibre ass, an da si mer färdig.

Mir mengen och, Här President, wa mer dat esou maachen, dat heescht, wa mer engersäits bei de Fonctionnements-käschten eis gewësse Spuermoossnamen operleeën; wa mer iwwert déi Aspekter vum Sozialstat an deem Sënn diskutéieren, wéi ech dat versicht hunn ze beschreiwen; wa mer d’Steierpolitik esou gesinn, wéi ech se virdru beschriwwen hunn; wa mer



eis Prioritéite setzen, esou wéi mir se gesinn, datt mer dann als Land och brauche keng Angscht ze hunn. Da brénge mer et fäerdeg, an deenen eenzelne Beräicher vun eiser Ekonomie éischters dee Kurswiessel ze kréien, dee mer brauchen. Sief et bei eise Banken duerch d'Schafe vun neien Nischen, zum Beispill, an et ass opgezielt ginn, den ethesche Banking, mä mir gesinn den ethesche Banking als e kleng Bestanddeel.

Wat vill méi wichteg ass, dat wäert de Finanzement vum Kurswiessel gi vum ekologeschen Émbau vun eisen Industriegesellschaften. Do wäerte sech enorm potenziell Marchéen opmaachen. Do brauch ee ganz geziilt Produkter, nei Produkter. Déi Finanzplaz hei soll sech dorobber ausrichten. Dat ass sécherlech en enorme Créneau fir d'Zukunft. Mä och nach aner Aspekter kënnen mer eis do virstellen. Da brauche mer och keng Angscht ze hunn, datt no Kopenhagen d'Konsequenzen dovun eis op de Kapp falen. Mä da wäert dat souguer éischter, wa mer dat offensiv an deem Sënn uginn, fir eis eng Chance ginn.

Mir wäerten dann och musse verstoen, datt d'Zukunft vu Lëtzebuerg haapt-sächlech am Beräich vun innovative Kleng-a Mëttelbetriber läit. Do denken ech net nëmmen elo u kleng Handwerksbetriber, mä haapt-sächlech och héich technesch Mëttelbetriber. Et sinn déi, déi mer kënnen op Lëtzebuerg unzéien, mat der Recherche, déi mer wëllen eben opbauen. Dat soe mer scho méi laang hei zu Lëtzebuerg. Wa mer dat alles esou notzen, wéi mir dat virdru beschriwwen hunn, mengen ech, datt mer och gutt Chancen hunn, aus där Kris hei als Gewënner an net als Verléierer erauszegoen.

Ech wëll da just ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach awer e puer Wuert soen, well den Här Lux mech dorobber ugeschwat huet, an zwar d'Problematik vum Transport a vun den Iddien, déi entwéckelt gi si vum Buergermeeschter aus der Stad Lëtzebuerg ronderëm den Ausbau vun der Eisebunn op de Findel respektiv op de Kierchbiereg.

Ech muss dem Här Lux soen, datt ech et scho relativ komesch fannen, wann een eng Ausso wéi déi doten direkt an d'Kategorie Egoismus setzt a seet, deen hätt dat elo nëmme gemaach aus Egoismus, well en a senger Stad, wou hie Buergermeeschter ass, gären doduerjer fir sech de Maximum erausschléit.

Wann een heiansdo eppes hannerfreet, an den Här Lux weess et...

(Interruption)

Den Här Lux weess, datt déi dote Fro, déi dote Saachen de Schäfferot vun der Stad, mä mir och als Fraktioun schonn an der Vergaangenheet a Fro gestallt hunn, datt dat eigentlech guer näischt Neies ass, datt am Fong och mir guer net eleng dostinn, an datt et och ganz vill Associatiounen gëtt, déi där do Meenung scho laang sinn an déi oft mat him doriwwer diskutéiert hunn. Dann ass dat vläicht, well een och e puer gutt Grënn huet, fir dat ze diskutéieren.

Ech mengen nach ëmmer, datt et kee Sënn mécht, en Zuch ze bauen, dee ronderëm d'Stad mat engem risege Dëtour op de Kierchbiereg fiert, fir dann do d'Leit erauszeloossen an do nach eng Kéier se ëmsteigen ze dinn op den Tram, well déi meescht Leit wëllen net uewen nëmmen eleng bei d'Luxexpo, déi wëlle verdeelt op de Kierchbiereg goen. Ech mengen och net, datt, wann den Tram bis eng Kéier fiert, wat ech hoffen, datt dat geschwënn ass, dann d'Leit wäerte mam Zuch dee ganzen Dëtour fueren, wa se vum Süde kommen, ronderëm déi ganz Stad op de Kierchbiereg, wa se d'Méiglechkeet hunn, op der Gare ëmzesteigen op en Tram, dee se direkt eropbréngt an dann och dohinner direkt bréngt ënnen op de Kierchbiereg, wou se wëlle kommen.

A wann Der schwätzt iwwert den Désenclavement vun der Gare Lëtzebuerg, do sinn ech mat lech d'accord, datt een dee brauch. Mä den Désenclavement vun der Gare Lëtzebuerg, dee kréie mer net duerch

d'Gare um Kierchbiereg, mä dee kréie mer duerch d'Gares périphériques Zéisseng an Houwald, wou den Tram jo och soll dohinnerfueren, wou mer dann nei Émsteigméiglechkeete schafen, fir och vu Südwesten erof an d'Stad ze kommen, oder souguer dann ebe vum Süden erofzekommen, fir do ëmzesteigen.

Dofir brauche mer net eng ganz deier Streck ze bauen, déi e risege Dëtour mécht, wou mer jo alleguer wëssen, datt déi eigentlech am Kader vun dem Mobilitéitskonzept deemools vum Här Grethen nëmmen eng Noutléisung war, well deemools den Tracé duerch d'Stad net zur Diskussioun stoung. Ech mengen, dat musse mer vläicht emol eng Kéier an Erënnung ruffen.

Deemools ass den Här Grethen Transportminister ginn, an en huet awer relativ séier natierlech mat senge Beamte gesinn, datt ee misst Léisunge fannen, fir dem Verkéier do Meeschter ze ginn, an datt den öffentliche Transport misst ausgebaut ginn. An dunn ass d'Noutléisung gesicht ginn, fir ronderëm d'Stad ze fueren. Dat war dach de Grond, firwat de Kierchbiereg ugepeilt ginn ass, a keen aneren.

Dat ass wierklech net e Projet zeriet, wann ee sech déi Fro stellt, ob et net aus Käschtegrënn, éischters, mä och aus Effizienzgrënn méi Sënn mécht, datt een zum Beispill géif mam Tram carrément bis op de Findel fueren, an da méi schnell d'Gares périphériques Zéisseng an Houwald baut, wéi datt ee sech plot, fir dohanne laanscht op de Kierchbiereg ze fueren, wou d'Leit nach ëmmer musse deelweis souguer zweemol ëmsteigen. Déi vum Oste kommen, déi herno op de Parking Héienhaff wäerte fueren, déi musse jo dann do op den Zuch ëmklammen an um Kierchbiereg nach eng Kéier op den Tram ëmklammen. Dat wäert an Zukunft kee maachen.

Dat sinn awer gutt Grënn. An déi Grënn sinn, wéi gesot, vu menger Fraktioun net nei, an och fir de Stater Schäfferot - ech stinn zwar net an där Funktioun hei - si se net nei, déi hu mir lech ëmmer gesot.

Mir hunn natierlech net ze decidéieren, wat d'Regierung wëllt maachen an der Stad. Mä et ass awer nach ëmmer eist Recht, eis Meenung zu deem Thema ze soen. An déi huet an där Hisiicht sech am Fong net verännert par rapport zu virun e puer Joer. Ech mengen och net, datt Är Argumenter hei immens aussagekräfter sinn, fir dat ze justifiéieren. Zumindest muss et derwäert sinn, déi Berechnung do ze maachen a sech dat nach eng Kéier gutt ze iwwerleeën.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Also iwwert d'Argumenter kann ee jo diskutéieren, mä datt mer eng Motioun hei 2006 unhuele mat Äre Stëmmen, wou genau dat do Konzept mat där do Linn drastoung an dann dräi Joer laang zesummen op Pressekonferenzen dat ze verrieden no baussen, an haut eng Kehrtwendung maachen, ass allerdéngs en erstaunleche Virgang. E ganz erstaunleche Virgang!

(Interruptions)

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Neen, Här Lux, mir hunn lech deemools bei den Debatten, dat kënnt Der roueg noliesen, déi zu där Motioun gefouert hunn, och nach eng Kéier hei gesot, datt mir dee ganze Projet an déi Motioun matdroen, well an där Motioun stoung jo net nëmmen den Tracé op de Kierchbiereg dran, mä et stoungen all déi aner Projeten och dran. Do stoung den Ausbau vun der Linn zweegleiseg op Beetebuerg an esou weider an esou fort, déi nei Escher Streck, alles dat si mer jo derfir.

Dat heescht, mir hu gesot deemools: „Mir hunn zwar nach ëmmer Bedenken doriwwer, datt dat eng Prioritéit soll sinn, op de Kierchbiereg ze fueren, mä mir stëmmen et mat, well mer all déi aner Projeten extrem wichteg fannen a wierklech prioritär fannen.“ Och do huet eis Meenung sech net fir fënnel Sou geännert an deene leschte Joren. Wa mir eis Meenung änneren, da soe mir dat meeschtens. Ech kann lech soen, Dir kënnt dat noliese goen. Meng Rieden hu sech an deem Mooss, eis Positioun huet sech net geännert. An ech fannen, datt et duerchweegs derwäert ass, an där Zäit, wou mer sinn, iwwert dat doten nozedenken, an datt et duerchweegs och Sënn mécht.

Här President, Dir verstitt aus mengen Ausféierungen eraus, déi ech gemaach hunn, datt mir dese Budget net wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bausch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e Wuert vu Merci un de Kolleeg Lucien Thiel als Rapporteur vu sengem Budget. Ech mengen, et ass fir déi zweete Kéier, wou en dat mécht, an esou wéi déi éischte Kéier ass och des Kéier dee Rapport ganz explizit. A virun allem ass et och e Rapport, dee Positioun bezitt. Et ass e Rapport, deen deenen engen an deenen aneren d'Geleeënheet gëtt, fir ze diskutéieren driwwer.

Dat hei ass den éischte Budget vun der neier Regierung. De Budgetsrapporteur huet en als en Iwwergangsbudget tituléiert. D'Fro, déi ee sech stellt, wann et en Iwwergangsbudget ass, ass: Wou geet et hin? Gëtt et besser oder gëtt et méi schlecht? - Et ass en Iwwergang.

Wa mer hei, Här President, iwwert de Budget vun 2010 schwätzen, muss een awer fir d'éischt, mengen ech, e Bléck zréckwerfen op de Budget vun 2009. Jiddwereen heibanne wousst, wéi mer virun engem Joer heibannen diskutéiert hunn iwwert de Budget vun 2009, datt dee Budget net esou géif ofschléissen, wéi en hei géif gestëmmt ginn, wéi e presentéiert a vun der Majoritéit gestëmmt ginn ass, an datt den Defizit vill méi grouss géif ginn, wéi en am Budget virgesi war. D'Regierungsparteien hunn deen Defizit ëmmer erofgespillt. Dat war bei den Debatten d'lescht Joer esou an dat ass weidergaange bis bei d'Wahlen.

Nach den 21. Abrëll dëst Joer, also kuerz virun de Wahlen, huet den Här Statsminister hei bei Geleeënheet vun der Debatt zur Lag vun der Natioun gesot, datt mer e Gesamtdefizit vu 640 Milliounen am Joer 2009 wäerte kréien. Am Numm vun der ADR hunn ech zu därselwechter Geleeënheet gesot, an ech zitëiere mech: „Mir als ADR ginn dovun aus, datt d'Defiziter dierften zum Schluss, oder wann d'Konten do sinn, tëscht 1,5 an zwou Milliarden fir d'Joer 2009 leien.“

Elo stelle mer an den Dokumenter zum Budget vun 2010 fest, datt den Defizit do fir d'Joer 2009 mat genau 1,5 Milliarden ageschriwwen ginn ass, esou wéi mir en uganks dëses Joers virausgesot hunn. D'CSV huet bis d'Wahlen ëmmer vun engem Defizit vu 600 bis 700 Milliounen geschwat.

Dat ass awer net elo, Här President, datt mir vun der ADR kéinte besser rechnen oder datt mer besser Finanzpolitiker wäeren, mä et ass ganz einfach, well mer d'Wourecht gesot hunn opgrond vun deene Chifferen, déi an der Finanzpolitik eis virgeluecht si ginn, virun allem d'Chifferen, déi jiddwereen am Fong an der Finanzkommissioun wousst. Mä aner Leit hu virun de Wahlen den Defizit erofgespillt, an no de Wahle kënnt dann elo d'Wourecht eraus.

Datt de Budget vun 2010 nach méi Defizit géif maachen, ass och virun de Wahle jiddwerengem bekannt gewiescht. Dat ass also elo keng Iwwerraschung, datt mer am Budget vun 2010 iwwer 20% Dépense méi hu wéi Recetten. Dat wosst och jiddwereen virun de Wahlen.

Här President, et ass déi éischte Kéier, datt mer manner Recetten erakréie wéi d'Joer virdrun an d'Dépense weider klammen. An an de Joren 2011 an 2012 dierft et och net besser ginn. Och dat ass jo jiddwerengem bekannt, an zwar och virun de leschte Chamberswahle bekannt.

D'Regierung gräift op Emprunten zréck fir d'Finanzéierung vun normalen Dépensen. Dat ass zwar zäitlech begrenzt och vertretbar. Et gëtt gesot, datt mer maximal zwee Joer eis dat kéinte leeschten, an duerch déi Emprunten, déi mer opgehall hunn, ass d'Statsschold op d'Grenz vun 20% eropgaangen. D'Maastricht-Kritären erlaben eis 60%, a mer sinn eis partei-iwwergräifend eens an der Finanzkom-

missioun gewiescht, datt dat ni kéint en Zil si fir Lëtzebuerg, fir esou en héije Prozentsaz u Scholden unzestiewen, well et fir e klengt Land vill méi schwierig ass, déi Scholden do zréckzebezuelen.

Mä schlëmm ass awer, Här President, datt d'Regierung déi Scholden net zréckbezuelt. Dës Regierung an déi viregt Regierung hu permanent Emprunten opgehall an nëmmen d'Zinsen zréckbezuelt, mä kee Kapital. Soss wär den Defizit am Budget nach méi grouss ginn, wann d'Regierung géif, wéi all Betrib, wéi all Famill, déi Emprunten ophuelen, da Kapital an Zinsen zréckbezuelen. Dës Regierung bezilt nëmmen Zinsen zréck, well soss den Defizit nach méi grouss gi wär.

Et war e bëssen iwwerraschend, datt grad den Här Finanz- a Budgetsminister d'lescht Woch hei nach gesot huet, datt mer net dierfen eng Scholdepolitik maachen, déi déi kommend Generatiounen belaascht. Ma déi heite Scholdepolitik ass näischt méi an näischt manner, wéi déi kommend Generatiounen ze belastschen. Et ass eng Hypothék op déi kommend Generatiounen, well mir elo Scholde maachen a mer bezuelen nëmmen Zinsen a mer bezuele kee Kapital zréck. Da mussen déi, déi no eis kommen, d'Scholden zréckbezuelen.

Et ass also genau de Contraire vun deem, wat d'Regierung hei gesot huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Hei gëtt déi nächst kommend Generatioun staark hypothekéiert, an dat dierft an deenen nächste Joren esou weidergoen. An et muss ee sech d'Fro stellen, wann 2014 déi éischt Emprunten oflafen, wou da misst d'Kapital en bloc zréckbezuelt ginn, vu wat mer dat dann zréckbezuele mat deene Finanzaussichten. Wahrscheinlech geet d'Regierung dann hin a verlängert einfach déi Emprunten nach eng Kéier op déi nächst Generatiounen.

Genausou, Här President, war bekannt virun de Wahlen, datt d'Fongen 2010 eidel wäeren. Och vill aner hunn dat gesot a geschriwwen, net nëmme mir als ADR. Dat konnt ech schonn d'lescht Joer an de Rapporté souwuel vun der Zentralbank wéi vun der Cour des Comptes feststellen, datt 2010 d'Konten eidel wäeren. Och hu mir als ADR ëmmer gesot, datt dat Geld, wat 2010 nach op de Fonge steet, kee Geld méi aus de gudde Joren ass, aus Plus-valuë géif bestoen, mä nëmme méi aus Emprunten, déi an de leschte Joren opgehall si ginn an op d'Fonge gesat si ginn. An och am Budget vun 2010 ginn erëm Emprunten opgehall, fir d'Fongen ze speisen. D'Cour des Comptes huet dat och an hirem Rapport festgehalten.

Si huet eng Graphik gemaach, Här President, wou een hei gesäit: Déi blo Bätone sinn d'Suen, déi nach op de Fonge sinn, an déi rout drënner ass d'Schold, déi op de Fongen ass. An et gesäit ee schéi bei 2009, wou mer elo sinn - dat ass dann d'Cour des Comptes -, dat, wat nach an de Fongen ass, ass exklusiv - well et wäit sech aus - vun Emprunté gedeckt, a vun 2010 u si méi Empruntsgelder op de Fongen a guer keng aner Suen.

An anere Wieder, Här President, vum Geld aus de gudde Joren ass kee Rouden a kee Wäisse méi do. D'CSV mécht awer riicht esou virun, wéi wann dank der CSV, den CSV-Finanz- a Budgetsministere - an och d'lescht Woch huet den Här Frieden nach hei versicht ze erklären -, dank enger wäit-sichteger Finanzpolitik vun der CSV elo nach Gelder op de Fonge wieren. An ëmmer erëm gëtt awer vergiess ze soen, datt dat keng Sue méi aus Plus-valuë sinn, mä datt dat nach just Emprunté sinn, déi an deene leschte Joren opgehall si ginn.

E weidere Punkt, Här President, wat d'Transparenz ubelaangt, ass d'Entwécklung vun der Trésorerie. Hei kréie mer keng prezis Informatiounen iwwert de Stand, iwwert d'Evolutionen, iwwert d'Zusammensetzung, iwwert wat vu Flësegeld oder vu Participatiounen do ass, wat vu Geld placéiert ass.

Vu wéini u war déi Finanzsituatioun vum Stat bekannt? Spéitstens d'lescht Joer beim Vote vum Budget 2009 war déi Situatioun jiddwerengem heibanne bekannt. Et war jiddwerengem virun de Wahle bekannt, datt de Budget vun 2009 géif en Defizit



maache vun ongeféier 1,5 Milliarden. Et war jiddwerengem bekannt, datt d'Budgete vun 2010, 2011 an 2012 nach méi Defizit géife maachen. Et war jiddwerengem bekannt, datt d'Fongen 2010 eidel wäeren. Dat war jiddwerengem bekannt. Also och der CSV. An et war der CSV méi wéi iergendengem anere bekannt, well si jo d'Statsfinanze géréieren.

Mä virun de Wahlen huet d'CSV esou gemaach, wéi wann dank der CSV alles an der Rei wär. Wahlcadeaue si verdeelt ginn, Steiererlichterungen, Chèques-services, d'Gehälter vun den Enseignanten an de Grondschoule sinn ëm 1.000 Euro de Mount gehéicht ginn. D'ganz Welt huet vun der Kris geschwat, awer virun de Wahlen huet d'CSV esou gemaach, wéi wann dank hirer Lëtzebuerg iwverhaupt net vun der Kris betraff wär. Mir kéinten nach weider Gelder verdeelen, alles géif nach besser ginn. Virun de Wahle sinn d'Problemer hei am Land mam Scheckheft geleist ginn.

Wann d'CSV éierlech gewiescht wär, dann hätt se virun de Wahlen de Wieler gesot: „Mir haten elo 20 Joer Héichkonjunktur. Mir haten 20 Joer, wou et hei am Land geboomt huet, 20 Joer, wou mer Plusvaluë kritt hunn, 20 Joer ass d'Geld nëmmen esou an d'Statskeesen eragereent komm. 20 Joer hate mer CSV-Finanzministeren, an um Schluss vun deenen 20 Joer ass kee Rouden a kee Wäisse méi an der Keess.“

Trotzdem ass d'CSV mat engem Wahl-slogan an d'Wahle gaangen: „Mir soen, wat Saach ass, elo, net no de Wahlen.“ Dat war de Slogan, deen d'CSV virun de Wahle queesch duerch d'Land affichéiert huet: „Mir soen, wat Saach ass, elo, net no de Wahlen.“

Et muss een naidvoll agestoen, Här President, datt dee Slogan gegruff huet. D'Leit hunn et gegleeft. Mä an der Zwëschenzäit weess awer och jiddwereen, datt Lëtzebuerg nach ni esou belu ginn ass wéi virun de leschte Wahlen, well, obschonn d'Finanzsituatioun...

(Interruption)

...virun de Wahle bekannt war, huet d'CSV de Leit net gesot, wat Saach ass.

D'CSV-Strategie vun haut ass déi: Elo gëtt esou gemaach, wéi wann elo no de Wahle ganz plötzlech déi Finanzsituatioun eréischt entstane wär, kee Mënsch hätt dat virun de Wahle gewosst oder kéinte wëssen. No de Wahlen ass dat ganz plötzlech, onerwaart, quasi iwver Nuecht op eis eragebrach. An duerfir gëtt d'Land elo op den Ofbau virbereet. Et gëtt vun engem Iwwergangsbudget vum Här Rapporteur geschwat. Et kéint een och soen, e Budget vu gudden a schlechten Zäiten.

Elo fret jiddwereen no Iddien, d'CSV fret no Iddien, wou Geld kënnt gespuert ginn oder wéi an d'Statskeess kënnt weider erakommen. All Mënsch, all d'Parteien, d'Gewerkschaften, d'Patronats- an d'Salariats-säit, jiddweree soll der CSV elo soen an hëllefen, wéi d'Statsfinanzen erëm sollten an den Équiliber bruecht ginn. Den Här Minister Luc Frieden huet de leschten Donneschdeg hei gesot, d'Regierung wëllt dat mat allen diskutéieren, mat alle Leit. Keen Diktat, mä Dialog, keng Tabuen, keng ideologesch Klassekämpf an esou weider.

Neen, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, Dir hutt virun de Wahle gesot: „Mir soen, wat Saach ass, elo, net no de Wahlen.“ Dir hutt vum Wieler duerfir massiv d'Vertraue geschenkt kritt. Dir hutt vum Wieler e Mandat, jo, en Optrag kritt, fir dat ze maachen, wat Der de Wieler virun de Wahle gesot hutt. „Mir soen, wat Saach ass, elo, net no de Wahlen.“ Also macht dat, wat Der virun de Wahle gesot hutt! Dir hutt jo alles virun de Wahle gesot, hutt Der geschriwwen. Dann ass elo näischt méi ze diskutéieren.

Oder hutt Der de Wieler belunn? Da sot em et. Wann Der elo musst diskutéieren, dann hutt Der jo virun de Wahlen net gesot, wat Saach ass. A wann Der et gesot hutt, dann huet Är Responsabilitéit a regéiert. Duerfir hutt Der vum Wieler e Mandat kritt. Maacht dat, wat Der virun de Wahle gesot hutt! Alles aneschtens ass Wielerbedruch, wier eng Wahligen.

Här President, hei géif ech och gär e Wuert onsem Statsminister, dem Här Jean-Claude Juncker, soen. Mir haten alleguer och Versteedsdemech, datt den Här Juncker, am Hibleck op d'Nominatioun vum éischte President fir den Europäesche Conseil, vill am Ausland ënnerwee war. Déi Grouss an Europa hunn anescht decidéiert, wéi mir et am Interessi vun Europa fir richtig befonnt hätten. Mir géifen elo awer mengen, datt d'Zäit komm wier, wou den Här Juncker emol erëm misst Statsminister vu Lëtzebuerg spillen.

D'Problemer hei am Land gi vun Dag zu Dag méi grouss, an et kann een e Land an esou enger Situatioun net niewelaanscht regéieren. Eng Legislaturperiod huet fënnef Joer oder 60 Méint. Et kann net sinn, datt den Här Juncker 60 Méint on Tour ass, 59 am Rescht vun der Welt, an ee Mount virun de Wahlen hei zu Lëtzebuerg. D'Lëtzeburger hunn den Här Juncker un alleréischter Stell als Statsminister gewielt, an et géif duerfir héich Zäit, datt e säin Zelt erëm heiheim zu Lëtzebuerg zäitweilg géif opschloen.

Här President, ech hu virdrun iwwert d'Transparenz geschwat. Esou hält sech och insgesamt d'Transparenz iwwert d'Statsfinanzen. Drëpseweis muss mir als Deputéierten Informatiounen vun der Regierung quasi eraussuckelen. Verschidden Informatiounen kréie mer iwverhaupt net. An déi, déi mer kréien, sinn all kéier aneschtens presentéiert.

Mä dëst Parlament léisst sech dat mat senger Kopfnickermajoritéit einfach gefalen. Wier et net normal, datt all Mënsch, net nëmmen d'Chamber oder d'Membere vun der Finanzkommissioun, neen, jiddwereen am Land permanent sech misst kënnen iwver novollzéibar Chifferen iwwert d'Finanzsituatioun vun eise Stat informéieren? Wéi de Stand vun de Recetten an den Dépensen ass vis-à-vis vum Budget an dem Budget vum Joer virdrun, wéi de Stand vun den Investitiounsfongen ass, wéi de Stand vun der Trésorerie ass, wéi vill liquide ass a wat fest ugeluecht ass, a wéi vill de Stat de Bierger an de Betriber nach schëlleg ass, wéi d'Steierrecetten net nëmmen am Joer erakommen, mä och wéi se sech op dat eenzelt Steierjoer oder den Exercice zesummesetzen. Dat misst an engem normale Rechtsstat Normalitéit ginn. Zu Lëtzebuerg hält d'Regierung dës Chifferen zu engem groussen Deel zrëck. Et si Statsgeheimnisser.

Datselwecht ass mat de Solden. Do hu mer aus dem Rapport vun der Cour des Comptes, also net vum Finanzminister, festgestallt a sinn informéiert ginn, datt dëst Joer d'Betribsteier, déi an der Regel 300 Milliounen - wat d'Décompten ausgemaach huet - war, 2009 op 500 Milliounen eropgaang ass. 2009 sinn also 200 Milliounen méi Décompten agezu gi bei der Betribsteier wéi déi Jore virdrun. An d'nächst Joer geet se erëm op 300 Milliounen zrëck. D'Fro ass: Wéi vill Soldë stinn dann nach aus 2005, 2006, 2007, 2008? Woubäi mer wëssen, datt 2005, 2006 an 2007 jo awer nach gutt Jore waren. D'Regierung seet eis, si kënnt eis dat net soen. Ech behaapten, Här President, d'Regierung weess et, mä si wëllt eis et net soen.

Här President, 80 bis 85%, ass eis gesot ginn, vun der Betribsteier géifen ongeféier 120 bis 150 Betriber bezuelen. De Rescht, 15 bis 20% vun deenen aneren Zéngtausende vu Betriber, datt 80% vun deene Betriber keng Steiere mussen bezuelen. D'Regierung bräicht also nëmmen déi 120, 150 Betriber ze kucken, fir ze wëssen, wat nach u Solden aussteet. Si weess et och duerfir, mä si seet eis et net. An dat ass ganz schlëmm, an et wier nach méi schlëmm, wa se et net géif wëssen, well da wier se och nach oncapabel, d'Statsfinanzen uerdentlech ze géréieren. D'Chamber an d'Öffentlechkeet hunn e Recht drop, integral iwwert d'Statsfinanzen informéiert ze ginn.

2006 huet dréngend eng Tripartite missen ageruff ginn, well de Statsbudget am Viraus och als staark defizitär dohigestallt ginn ass. Beim Kont war et awer keen Defizit, mä et war eng staark Plus-value. D'Konsequenz vun där defizitärer Ukënnung war awer dee gréisste Sozialofbau, dee Lëtzebuerg an der Nokrichsgeschicht

erlieft huet. D'Gewerkschaften hu sech deemools ugeschmiert gefillt, déi matgaange sinn op dee Wee, well gesot ginn ass, de Budget wier staark defizitär. D'Gewerkschaften hu sozialen Ofbau matgedroen, an zum Schluss war en net defizitär, mä et si gutt Iwwerschëss erauskomm. E gudden Iesel, Här President, stéisst sech bekanntlech nëmmen eemol. An duerfir wäerten och dës kéier d'Gewerkschaften d'Kaarten op den Dësch verlaangen, wéi d'Statsfinanzen an der Wirklechkeet ausgesinn.

An, Här President, ech géif an deem Sënnlech och zwou Motiounen ginn, fir datt an Zukunft d'Chamber méi detailléiert a regelméisseg Informatiounen iwwert d'Statsfinanze kritt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que la crise financière et économique actuelle va avoir des répercussions sur les finances publiques pour les années à venir;

- qu'afin de pouvoir réagir d'une façon adéquate contre la crise, les responsables politiques nécessitent des informations financières complètes, fiables et mises à jour régulièrement;

- que pour des raisons de transparence le citoyen doit avoir accès à ces informations;

invite le Gouvernement

- à publier mensuellement la situation des recettes et dépenses de l'État pour l'année en cours et à les comparer à la période correspondante de l'année précédente et au projet de budget en cours;

- à publier mensuellement une situation détaillée de la trésorerie de l'État reprenant:

a) le montant des liquidités;

b) le montant et le détail des participations de l'État dans des sociétés de droit privé ou de droit public;

c) le détail (montant garanti, montant accordé, montant émis ou maximum autorisé et en cours) des garanties financières accordées par l'État à des sociétés de droit privé ou de droit public;

- à publier mensuellement le montant et le détail de la dette publique (dette à moyen et court terme, bons du trésor, circulation monétaire des pièces émises par l'État ainsi que déficit et dette du Gouvernement général);

- à publier mensuellement la situation financière des fonds spéciaux de l'État;

- à publier mensuellement et par secteur d'activité le montant des recettes fiscales pour l'année en cours;

- à publier mensuellement le montant et le détail des soldes à percevoir des particuliers et des entreprises à l'Administration des contributions directes et à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

- à publier mensuellement les soldes dus par l'Administration des contributions directes et par l'Administration de l'enregistrement et des domaines à des particuliers et à des entreprises.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'afin de prendre des mesures adéquates pour réagir contre la crise financière et économique actuelle, les responsables ont besoin d'informations financières complètes et fiables;

- que ladite crise aura de sérieuses répercussions sur les finances publiques pour les années à venir, non seulement au niveau de l'État mais également au niveau des communes et des syndicats intercommunaux;

- que la situation financière des communes est susceptible d'avoir des répercussions sur la situation financière de l'État et de l'économie dans son ensemble;

- que les projets de budget des communes sont soumis pour approbation au Ministre de l'Intérieur;

- que les dispositions du pacte de stabilité de Maastricht prennent compte également des dettes communales;

invite le Gouvernement

- à publier pour le 31 janvier de chaque année un tableau reprenant

a) le niveau d'endettement global des communes au 31 décembre de l'année précédente;

b) le niveau d'endettement et le détail des emprunts (durée et montants ainsi que détail du capital et des intérêts) pour chaque commune au 31 décembre de l'année précédente;

c) les emprunts nouveaux envisagés par chaque commune pour l'année budgétaire suivante.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

Datselwecht hu mer bei de Gemengen. Mir wëssen alleguer, datt, laut de Maas-tricht-Kritären, d'Verscholdung vun de Gemengen ee vun de Kritären ass. D'Fro, wéi vill Scholden déi 116 Gemengen zesummen hei am Land hunn, seet den Innenminister, wier net méiglech, fir dat ze beäntweren. De Minister approvériert awer all Joer sämtlech Budgete vun de Gemengen. An allgemeng: De Budget ass eng Säit, keng zwou, keng dräi, keng véier, neen, eng Säit, an do steet d'Schold vun all Gemeng, esou opgezielt op den 31. Dezember vun dem lafende Joer, souwuel wat d'Kapital wéi wat d'Zënse sinn, déi mussen zrëckbezuelt ginn. A wann nei Empruntë fir deen Exercice hannendru stinn, da stinn déi Chifferen och dran.

Et ass duerfir, ech soen dat esou haart, wéi et ass, fir mech eng Trauregkeet, jo, eng Frechheet vun engem Innenminister, engem Parlament dës Chifferen virzëent-halen. Fir der Kommissioun ze soen, d'Gemenge géifen déi Chifferen net richtig liwweren, oder si wieren informatesch net richtig um leschte Stand, dat ass eng Lächerlechkeet, fir dat ze maachen. Et brauch een nëmme vun deenen 116 Gemengen - an net all Gemeng huet emol eng Schold, et sinn der souguer manner - déi Zifferen zesummenzehuelen.

Wann d'Buergermeeschteren, d'Schäffen an d'Conseillieren hei an der Gemeng géifen dat Blat aus hirem Budget matbrén-gen, dann hätte mer an enger Véierelstonn 90% vun den Defiziter aus dem Land zesummen, mä den Innenminister bréngt dat net fäerdeg. Mir missten...

► **Une voix.** - Et ass d'Postkutschenzäit.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gelift? D'Postkutschen?

Neen, si wëllen net. Si wëssen et, mä si wëllen net. An da muss ee sech d'Fro stellen, firwat se net wëllen déi Chifferen virleeën. Do kann een op gelunge Gedanken kommen. Well do gi jo esou Chifferen no Bréissel genannt. An ech ka mer virstellen, datt, wa mer emol eng kéier déi Chifferen hei richtig hunn, dat kënnten eventuell anerer si wéi déi, déi op Bréissel ginn.

Mir missten dach hei als Chamber engem Minister kënne soen: „An aacht Deeg hu mer déi Chifferen hei leien, oder du muss dän Hutt huelen.“ Well dat ass de Bewäis, datt e soss onfäeg ass, fir säi Ministère ze leeden. Zielt engem Mënsch dat, et gleeft keen et! Wa mir als Parlament ons dat dote gefale loossen, da kritt eisen allze fréi ver-stuerwene Frënd Fernand Rau nodréiglech eng weider kéier Recht, deen eng kéier hei, bei enger ähnlecher Geleeënheet, wéi d'Chamber sech dat vun enger Regierung gefale gelooss huet, gesot huet, Lëtzebuerg hätt dat dommste Parlament vun der Welt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu mech bis elo haaptsächlech mat der CSV beschäftegt,...

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh! Aaahhh!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...mä ech wollt awer, fir de gerechten Ausgleich, och e puer Wierder iwver eis sozialisteschen Kolleege soen. Et ass allerdéngs nach net vill iwver si ze soen, well si hunn nach net vill gemaach an deene puer Méint no de Wahlen. Mat Ausnahm, datt de Sozial-



minister virun de Wahlen ëmmer gesot huet, datt d'Keese gesond wieren. Esou war virun de Wahlen d'Krankekeess gesond, an no de Wahlen, aacht Deeg duerno, war d'Gesondheetskeess krank.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Zwëschen duerch war eng kleng Kris, déi hutt Dir net matkritt.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- E gudder Minister weess aacht Deeg virun de Wahlen genau datselwecht wéi aacht Deeg no de Wahlen.

D'LSAP, déi an der leschter Legislaturperiod am Fong just doduerch opgefall ass, datt se de gréisste Sozialofbau mat duerchgezunn a verdeedegt huet. D'Sozialisten haten och e Slogan virun de Wahlen: „Jo zum Sozialstat, Jo zu de Sozialisten.“

Mir kucken, Här President, d'Sozialistesche Partei méi am Detail d'nächst Joer, well de Mëtteg ass hei nach geschwat ginn, och vum Här Lux, vun der Verméigenssteuer, mä et muss een awer wëssen, datt et d'Sozialiste waren, déi an der leschter Legislaturperiod d'Verméigenssteuer mat ofgeschaaft hunn an d'Quellesteier fir déi kleng Leit agefouert hunn. An elo gi vun deselwechte Leit, déi se ofgeschaaft hunn, d'Truppe mobiliséiert ronderëm, fir ze soen: „Ma kommt, mer schafen déi Verméigenssteuer of.“ Dir hätt se net sollen aféieren, da bräicht Der elo déi Diskussioun do net ze féieren. Et waren och d'Sozialisten, déi deemools vum Kapitalismus, vum Casino-Kapitalismus geschwat hunn. Haut wëlle se näischt méi dovun wëssen.

Elo gëtt d'Land, an dat ass d'Strategie, Här President, lues awer sécher op déi katastrophal Finanzsituatioun vum Stat preparéiert. Bei de Sozialpartner sollen elo uganks vum Joer Sondagë geféiert ginn. D'Strategie ass, datt fir d'Éischt elo ofgewaart gëtt, bis d'Sozialwahlen an der Fonction publique uganks vum Joer eriwuer sinn. Duerfir gëtt dann och nëmmen e Sondage gefouert. A soubal wéi déi Wahlen erëm sinn, da gëtt d'Tripartite zesummegeruff, a spëtstens am Abrëll, dat ass den Timing, soen ech lech, vun der Regierung, da kommen d'Propositions de loi op den Dësch. Well déi missten, laut hirer Strategie, d'nächst Joer nach gestëmmt ginn, also virum Joer 2011, well 2011 ass d'Joer vun de Gemengerotswahlen, an do wëlle se net mat deene Projeten erakommen. An den nächste Jore wäerte mer eis also méi mat de Sozialisten beschäftegen.

A mer wësse jo, Här President, datt d'Sozialisten zënter der Regierungserklärung an der Zwëschenzäit och wëssen, nodeems se dee Slogan opgehaangen haten: „Jo zum Sozialstat“, wéi den Här Lux eis hei erkläert huet bei der Regierungserklärung, ech liesen dat vir: „D'LSAP-Fraktioun setzt dräi Chantieren an de Mëttelpunkt. Éischters, ech hunn am Duden d'Definitioun vum Sozialstat gëschter gekuckt.“ Dat heescht, Här President, den Här Lux, dee säi Liewe laang an der LSAP war, dee Generalsekretär war, deen duerch d'ganz Land Plakate gesat huet: „Jo zum Sozialstat“, deen huet e Mount no de Wahlen emol am Duden nogekuckt, wat dat Wuert „Sozialstat“ bedeit.

A mir hoffen, datt en et verstanen huet, nodeem datt déi Partei awer schonn esou laang do ass an an der Regierung war, datt se dann elo hir Roll spillen. An dat, wat en an deem intelligente Buch do gelies huet, datt dat dann och elo als Sozialisten, de Sozialstat an deenen nächste Joren... Wann d'Sozialisten also dat maachen, wat se op hirer Affiche haten, da begéine se eis op hirem Wee d'nächst Joer. Mä wa se awer esou wéi an der leschter Legislaturperiod erëm ëmfalen a mat der CSV Sozialofbau maachen, da begéine se eis op där anerer Säit vum Wee, da sti mer frontal vis-à-vis.

Här President, ech wëilt nach e Wuert verléieren iwwert d'Banken. Mir wëssen alleguer, wéi mer Feira décidéiert hunn hei an der Chamber, do ass vu Regierungssäit, an och vum Bankesektor kann dat gesot ginn, Rou am Bankesektor gewiescht. Mäi

Parteikolleg Jacques-Yves Henckes huet deemools hei gesot, Feira wier den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis. An och de Finanzsektor selwer huet deemools, geneesou wéi d'Regierung, gesot: „Elo ass emol endlech Rou am Finanzsektor.“

Mä wou war déi Rou da bis haut? Et war nach keng sechs Méint, wou déi Rou war. An och den Här Finanzminister, den Här Frieden, huet den 18. September 2004, Här President, an der Börsenzeitung eng Fro gestallt kritt, wéi dann elo op der Finanzplaz hei, wat d'Privatkundengeschäft ugeet, d'Konkurrenzfähigkeit wier. An den Här Frieden huet geäntwert: „In der Vergangenheit gab es stets Unsicherheiten. Dank dieser europäischen Richtlinie wird sich das Privatkundengeschäft im Großherzogtum verstärken. Die Kunden wissen jetzt genau, wie es in den nächsten zehn bis 20 Jahren im Luxemburger Geschäft aussehen wird.“

Här President, wann een déi Äntwert do héiert, da mengt een, déi wier viru 15, 20 Joer gi ginn, well jo gesot gëtt: „Et ass elo 15, 20 Joer roueg zu Lëtzebuerg“, mä déi Äntwert ass gi ginn am September 2004. Och do gesi mer, datt dat, wat de Kolleg Henckes deemools gesot huet, datt dat den Ufank vum Enn wier, an datt mer keng Rou hätten...

An haut si mer iwwerzeegt, datt et keng Rou gëtt, bis d'Bankgeheimnis ganz ofgeschriwwen ass. A wann een och hei d'Kontradiktioun héiert tëschent engersäits dem Här Schiltz an dem Rapporteur an op där anerer Säit dem Här Frieden, dann huet een esou d'Gefill, wéi wann d'Regierung schonn d'Bankgeheimnis ofgeschriwwen hätt, an aner Leit an der CSV mengen, et géif nach iergendwéi bestoen.

Mä mir hunn awer och festgestallt, datt et duerno riicht virugaangen ass, wéi mer d'lescht Joer an Europa eng blamabel Roll gespillt hunn, wou d'Diskussioun op den Niveau vun der OECD geluecht ginn ass, a wéi mer op eemol op enger groer Lëscht stoungen, wou mer gesot hunn, mir misste kuerzfristeg Duebelbesteierungsofkomme maachen. Am Abléck hu mer der schonn 18, a bis Enn vum Joer, huet de Minister eis gesot, wieren et der 20, an uganks vum Joer ginn déi da mat Gesetz ëmgesat. Mä mat all Duebelbesteierungsofkomme, wat mer maachen, mussen mer och wëssen, ass erëm e Stéck vum Bankgeheimnis fort. Et schéngt duerfir, wéi wann d'Regierung, an dat fënnt een ëmmer méi eraus, d'Bankgeheimnis schonn opginn hätt. D'Kontradiktioun, wéi gesot, tëschent dem Rapporteur an dem Finanzminister.

Awer de Wäert vum Finanzsektor, Här President, ass fir dëst Land esou wichteg wéi fir keen anert Land. Et ass keen anert Land, wat a sengem Statsbudget esou vill direkt an indirekt Recetten ze verzechnen huet vun engem Sektor, vum Finanzsektor, wéi dat hei zu Lëtzebuerg ass. Mat iwwer 50% fënnt een déi direkt an indirekt Recetten. D'Schwäiz, wat och e Land ass mat engem Finanzsektor, kënnt op zéng Prozent vu sengem Budget, an Eisträich, wat och e Finanzsektor huet, kënnt op zwee Prozent. Mir hunn also hei e gesamten Intérêt, fir dee Finanzsektor esou héich wéi méiglech ze halen. Mir hunn och en Intérêt, fir d'Bankgeheimnis esou laang an esou gutt wéi méiglech ze erhalen.

Den Här Budgetsrapporteur huet och hei Chiffere genannt, déi beängstigend sinn. Ech froe mech och, firwat hie se genannt huet. Ass dat, fir Onrou an ee Sektor ze bréngen? Wa gesot gëtt, datt duerch d'Finanzkris zéng Prozent vun der Belegschaft ofgebaut ginn, dat sinn tëschent 2.500 an 3.000 Leit, wou am Abléck der dovunner schonn 800 fort sinn, a wann en dann am selwechten Zesammenhang seet, datt, wa mer d'Bankgeheimnis opginn an d'Privatgeschäft net méi leeft, da 6.000 Aarbechtsplazen nach kënnten a Gefor sinn.

Dat heescht, an anere Wieder huet den Här Budgetsrapporteur hei gesot, datt quasi all drëtt, véiert Aarbechtsplaz am Finanzsektor um Spill steet. Dat wier dramatesch, an duerfir mussen mer, Här President, alleguer zesammen, souwuel de Banke- wéi de Versicherungssektor, alles maachen, fir mat den Acteuren aus deene Sektoren eng Léiglatioun opzebauen, fir

déi Méiglechkeeten, déi sech nach an deem Spillraum, deen ëmmer méi kleng gëtt, international, awer nach esou ze bewegen, fir datt d'Finanzplaz och eng Zukunft huet. Well d'Konsequenze vun engem Abbruch vun de Finanzen gi fir dëst Land soss dramatesch.

Mir hunn alleguer, jiddwereen, egal wou e steet, an der Vergaangenheet vun deem Finanzsektor profitéiert. Wa mer viru gesot kritt hunn, datt 80% vun de Betriber keng Steiere bezuelen, dann ass dat méiglech gewiescht, well eben ee Sektor esou vill Steieren eraginn huet. Wann all déi aner Betriber Aarbechte kruten, gutt Lén konnte bezuelen, wa mer gutt Sozialpolitik konnte maachen, dann ass et a priori, well vun deem Finanzsektor esou vill Gelder erakomm sinn. Mir müssen also wëssen, wéi wichteg dee Sektor ass. Mir hunn awer esou d'Gefill, wéi wann d'Regierung hei permanent an der Defensiv wär.

Vu Feira un ass gesot ginn: „Elo hu mer Rou.“ A mir hu keng sechs Méint no Feira Rou geholl. An elo ass schonn erëm um ECOFIN déi nächst Etapp agelaut. Nodeem d'lescht Joer d'Etapp OECD war, kënnt elo d'Etapp ECOFIN. An dat geet virun, bis d'Bankgeheimnis fort ass. An do sinn also déi Aussoen, déi no Feira gemaach si ginn, datt mer do zéng bis 20 Joer Rou hätten, vun der Regierung, déi ware komplett falsch. Et ass just de Contraire agetratt.

Här President, et ass an dësen Debatte vill vu Pensioune geschwat ginn. Den Här Budgetsrapporteur huet ugefaangen a bal duerno huet jiddwereen driwwer geschwat. D'ADR ass och fir eng Diskussioun, fir datt eis Pensioune solle laangfristeg ofgeséichert ginn. Mä d'Fro stellt sech, firwat datt dat d'Haaptthema bei de Budgetdiskussiounen ass. Well och wa mer iwwer eng laangfristeg Ofsecherung schwätzen, huet dat am Prinzip keng Répercussiounen op de Budget vun 2010 oder 2011 oder 2012.

Mir hunn am Privatsektor Reserve vun néng Milliarden, et ass gesot ginn, an de System ass duerfir sécher. Mä wann awer esou vill hei am Zesammenhang vun de Pensioune mam Budget geschwat gëtt, da gëtt een hellhöreg, da muss een oppassen. Well wéi mer déi lescht Tripartite 2006 haten, do ass och op eemol e Konsens fonnt ginn tëschent der Regierung, dem Patronat an de Gewerkschaftsorganisatiounen, deen zu engem gudden Deel op d'Käschte vun de Pensiounskeese gaangen ass. Do ass de Stat vun enger Rei vun Obligatiounen, déi e vis-à-vis vun de Pensiounskeesen hat, entbonne ginn, fir de Statsbudget ze entlaaschten. An ech fäerte ganz, datt hei verschidde Leit, well mer eben do esou héich Reserven hunn, zwar vun enger laangfristeger Finanzéierung schwätzen, awer kuerzfristeg am Kapp hu fir kënne d'staatlech Participatioun vis-à-vis vun de Pensiounskeesen ze kieren.

Ech wëll duerfir warnen, wann et de Leit sollt hir Absicht sinn, datt dat eppes wéi eng Krichserklärung wier. Et kann net sinn, datt de Stat seng Participatioun, seng Obligatioun vis-à-vis vun de Pensiounssystemer och nëmmen zum Deel a Fro stellt.

Dat ass an der leschter Tripartite geschitt. Dat dierf net nach eng Kéier geschéien. Et kann net gesot ginn: „Mir schwätzen iwwer eng laangfristeg Finanzéierung“, an de Stat wëllt seng Participatioun kieren. Well wat huet se soss an der Diskussioun vun de Budgeten ze dinn, wann et de Budget ass vun 2010 oder 2011 oder 2012? Eng laangfristeg Finanzéierung huet näischt mat Budgete kuerzfristeg ze dinn. Well dat awer ëmmer permanent hei kënnt, läit de Gedanke ganz no, datt do Leit schlecht Gedanken hunn.

Mir bekennen eis als ADR zu eisem Sozialversicherungssystem, deen op de Generatiounevertrag an op eng national Solidaritéit opbaut. Mir hunn iwwer Jorzéngten, ech géif bal soen an leschte Jorhonnert gebraucht, fir souwuel eis Pensiounskeesen, eis Krankekeesen, d'Unfallkeesen opzebauen, an eis lescht grouss sozial Errongenschaft war d'Fleegeversécherung. Eng Fleegeversécherung, wou mer eng national Solidaritéit spille loosse, wou jiddwereen drabëzilt, an zwar net plafo néiert, mä opgrond vu senge Revenuen, a

wou jiddwereen am Land, ob räich oder aarm, eng mënschegerecht Fleg garan téiert kritt.

Dat si Systemer, eis Krankekeess, eis Pensiounskeess, eis Fleegeversécherung, déi op enger nationaler Solidaritéit, op engem Generatiounevertrag opgebaut sinn, an un deene mussen mer festhalen. Et kann net sinn, datt Leit mengen, et misst een do derniewent eppes opbauen, wou da souwisou nëmme Leit mat Geld sech kënnen eppes derniewent opbauen, well normal schaffend Leit kënnen sech net och haut nach nient deem normale System en anere System opbauen.

D'Famill ass fir eis ganz wichteg. Duerfir sinn all Investitiounen, déi an d'Famill ginn, fir eis als ADR enorm wichteg. Mir hu virun de Wahlen gesot, wéi d'Chèques-services agefouert gi sinn, datt mer fir Chèques-services sinn, awer fir all Mammen. Fir all Mammen oder Pappen, déi d'Kanner versueren. D'Regierung huet déi virun de Wahlen lancéiert, ouni datt se duerchduecht waren. Kee wusst zu deem Zäitpunkt, wat finanziell géif op de Budget zoukommen. Kee wusst am Land, ob mer genuch Strukturen hätten, wéi se géife fonctionnéieren. An elo no de Wahlen gesi mer, wat alles do op eis zoukënn.

Dat Éischt, wat d'Regierung no de Wahlen gemaach huet: Si huet déi Chèques-services nach eng Kéier ausgebaut, obscho keng Demande do war, op sportlech a kulturell Federatiounen. Sou datt haut am Fong jiddwereen am Land Chèques-services kritt, mä just déi Fra, déi Mamm, déi doheem bleift, fir d'Kannererzéierung ze maachen, déi kritt guer näischt. Déi kritt wuel Chèques-services, mä da muss se hir Kanner an eng Struktur ginn. Mä déi, déi seet: „Ech maache gär meng Erzéierungsaarbecht selwer doheem“, déi kritt vun dësem Stat keng Unerkennung.

Duerfir hu mir jo och Betreuungsgeld proposéiert, an dat kéint een och an dëser Diskussioun, och am Kader vun de Finanzen, diskutéieren. E Betreuungsgeld, wou een all déi familjepolitesch Moosname géif zesummesetzen. An et kann ee souguer iwwerleeën, ob ee se net kéint steierlech ënnerwerfen, fir och eng sozial Gerechtegkeet eranzebréngen, an dann all Famill dat Familljegelid ginn, an d'Famill décidéiert selwer, ob se dann hiert Kand an eng Struktur gëtt oder ob se d'Erzéierung doheem mécht.

Mä, hu mer och gesot: „Et muss e Pflichtbetrag sinn, fir datt déi Fra, déi doheem bleift, dann och muss an d'Pensiounskeese bezuelen.“ Well an eisem ganze Sozialsystem, wat ech viru gelueft hunn, gëtt et eng Kategorie vu Leit, déi net sozial ofgeséichert sinn. Dat sinn d'Fraen, déi doheem bleiwen. An ech mengen, déi maachen eng wäertvoll Aarbecht. An et ass och eis Pflicht als Politiker, fir déi Fraen ofzesécheren, déi doheem déi wäertvoll Aarbecht maachen, datt déi spéiderhin, wann iergendwéi eng Scheedung géif kommen oder soss eppes, och sozial ofgeséichert sinn. Duerfir bleiwe mir bei eiser Iddi, fir d'Erzéierungsgeld anzeféieren an dëser Legislaturperiod, all familjepolitesch Moosnamen zesammenzeleeën an dann awer eng Obligatioun dranzemaachen, fir an eng Pensiounskeess ze bezuelen.

Nach e Wuert iwwert den öffentlechen Transport, Här President. Der wësst alleguer, datt d'ADR déi eenzeg Partei ass, déi fir de City-Tunnel ass. A wéi ech de Mëtten de Kolleg Bausch elo héieren hu schwätzen, war ech bal der Meenung, e géif hei e Plädoyer fir de City-Tunnel halen, well en huet do geschwat: „Et kann net sinn, datt ee mam Zuch bis op de Kirchbiereg fiert, an da muss een do an den Tram ëmklammen. D'Leit, déi fuere gär direkt mam Zuch oder mam Tram op déi richteg Plaz.“ Duerfir ass de City-Tunnel schonn déi richteg Lösung an, Här President, mir sinn eis jo och heibannen eens, datt den Tram ni wäert gebaut ginn.

(Interruption)

D'DP huet viru kuerzem der CSV Zickzackkurs virgeworf, well d'CSV - an dat kenne mer vun hir, si huet jo doranner 2.000 Joer Erfahrung -, datt si op deenen zwou Hochzäiten dantz. National ass d'CSV fir den Tram, a kommunal ass se géint den Tram. Dat hate mir iwwerens schonn eng Kéier



virun zwielef Joer bei Gemengerotswahlen. Do ass d'CSV och schonn duebelspureg gefuer; op där enger Schinn mam Tram an op där Schinn niewendru mam Zuch.

Dat hate mer schonn alles. Duerfir huet den Här Helminger och mat Recht gesot, datt d'CSV do en Zickzackkurs géif fueren. En hat sech just géiert, wéi e gesot huet, genausou wéi d'ADR. Well an där heiter Fro hat d'ADR nach ëmmer eng ganz, ganz kloer Linn a mir hunn do eis Positioun nach net geännert.

Wann den Här Helminger deemools vum Zickzackkurs geschwat huet vun der CSV, wéi gesot, wou e richteg louch, hätt en och kënne bei sech selwer an d'Partei kucke goen, bei d'DP. D'Madame Polfer ass elo net méi hei. Mä jiddweree weess awer nach, wéi d'Madame Polfer Buergermeeschter war, wéi se an der Neier Avenue d'Bussen hannerneegestallt huet, fir de Stater Leit virzedemonstréieren, wéi grausam a schrecklech esou en Tram hei an der Stad wär. Bei der Madame Polfer, déi awer fir hir Gradlinegkeet an hir Korrektheet bekannt ass, kann ech mer net virstellen, datt déi, wat se 1999 hei an der Stad plädéiert huet, wéi schrecklech esou en Tram wär an der Stad, datt déi elo op eemol sollt higoen a soen: „Neen, esou en Tram ass awer dat Besch, wat mer kënne maachen.“

Mir sollen also och higoen, wa mer spueren, Här President, all déi Suen, déi mer nach an de Projet investéieren, just fir no baussen de Leit ze soen: „Hei, den Tram, dee leeft awer nach iergendwéi.“ Mir sollten direkt ophale mat deem Unfug a keng Gelder méi an Etüde stiechen.

Ech hunn iwwregens eng Question parlementaire gestallt - ech hunn nach keng Äntwert kritt -, fir gewuer ze ginn, wat iwwerhaapt schonn alles an Etüde vum Tram investéiert ginn ass. Et muss schrecklech vill sinn, Här President, well d'Regierung ass elo scho sechs Wochen amgaangen ze rechnen a se huet mer nach ëmmer keng Äntwert ginn.

Duerfir, wéi gesot, Här President, haalt op mat deem Unfug, fir nach weider Gelder an e Projet ze investéieren, wou souguer den Här Lux heibannen net méi dru gleeft, datt en nach eng Kéier sollt realiséiert ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Da solle mer an Investitiounen Prioritéite setzen, Här President. Prioritéiten, wat fir eng Projekte wierklech noutwendeg sinn hei am Land. Ech hunn elo grad ee genannt, deen net noutwendeg ass, mä et gétt awer eng Rei vu Projeten, wat Infrastrukture sinn, déi noutwendeg sinn, an d'Regierung soll och do elo emol eng Kéier Fuerf bekennen, wou dann hir Prioritéite sinn.

Wierklech gutt zum Ausdrock, wéi d'Meenung vun der Regierung ass, huet de Fraktionspresident vun der CSV de Mëtten hei virdemonstréiert, wéi e gesot huet: „Eischtens, ech soen haut näischt; zweetens, ech soe muer och näischt; an drëtzens, ech soen dëst Joer näischt.“ Dat ass wierklech esou gutt dokumentéiert, wéi d'Meenung vun der CSV ass, an et ass och esou, wéi mer hei d'Prioritéiten an dësem Dossier gesinn, well mer hu bis elo nach näischt héiere vun enger CSV oder vun enger Regierung, wéi dann hei déi Prioritéite festgeluecht ginn.

Dann hunn ech schonn d'lescht Woch hei an enger Debat gesot, datt d'Regierung och soll emol Projeten iwwerkucken. Mir waren hei zu Lëtzebuerg gewinnt, fir ze soen: „Wat kascht de Rescht vun der Welt? Mir hunn et jo.“ Dat Besch wat grad gutt genuch an et ass nach e bëssen dropgeluecht ginn. Mir mussen och kucken, ob dat, wat mer maachen, ob mer wierklech mussen esou investéieren.

Här President, gëschter hate mer d'Comexbu, d'Kontrollkommissioun, an et war engem Kolleg vun der CSV opgefall - duerfir sinn ech och dankbar -, datt zum Beispill bei der Nordstrooss opgezielt ass, wat d'Nordstrooss alles kascht. An do gétt et dann eng Bréck, déi fir d'Wëld ass. Esou eng Wëldbréck. Dat ass jo fein a gutt, mä wann een dann awer weess, Här Schiltz... Wat kascht esou eng Bréck? Wat mengt Der dann?

(**Interruption**)

Aacht an eng hallef Milliounen Euro! An da kënnt nach 15% Architekt an Ingenieur derbäi, da si mer bei zéng Milliounen. Da kascht déi Bréck 400 Milliounen aler Frang, fir Wëld vun där enger Säit op déi aner Säit ze kréien. A wann et Pech huet, steet do e Jeeër an erschéisst et nach.

(**Hilarité**)

Jo, mä et muss ee sech dat virstellen! 400 Milliounen fir eng Bréck iwwer eng Autobunn ze bauen. Mir laachen driwwer. Mä ass et net verréckt? Ass et net verréckt, mat wat fir enge Moossen hei Geld zur Fënster an deene leschte Jorzéngten erausgeworf ginn ass?

Och do ass d'Geld ze verdéngen. A virun allem, éieren d'Leit op d'Iddi kommen, fir Sozialofbau ze maachen oder fir Steiererhéijungen ze maachen, gitt emol an déi Dossieren do kucken, an da gesitt Der, wéi vill Geld a verschiddene Projeten ze spueren ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim domadder zum Schluss. Ech mengen, opgrond vun deem, wat ech elo alles gesot hunn, verroden ech lech kee Geheimnis, wann ech soen, datt mer mat Iwwerzeegung géint dëse Budget wäerte stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als leschte Riedner fir de Mëtteg kënnt elo nach den Här André Hoffmann. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, Kolleginnen a Kolleegen, am räichste Land vun Europa maachen d'Croix-Rouge an d'Caritas sougenannte sozial Épicerien op, fir dass en Deel vun eiser Bevölkerung iwwerhaapt nach kann iwwerliewen. 13, 14% vun eiser Bevölkerung ënnert der Aarmutsgrenz, iwwer 20% vun de Kanner: Dat war bei dëse Budgetsdebaten erstaunlecherweis kaum en Thema, weder am Rapport nach an den Ausféierunge vum Finanzminister.

Den Här Minister huet net d'Fro gestallt, wéi mer ugesiichts vun esou enger Entwécklung dann elo endlech vun uewen no ënne misste verdeelen, mä hien huet d'Fro gestallt, ob a wéi laang nach de Sozialstat ze finanzéiere wär, an enger Sprooch - huet den Här Lux gesot -, déi déif blécke léisst. Kee Kleeschen, keng Kaskoversécherung. Do réckelt Der, Här Minister, awer ganz no un d'Sprooch vun deenen erun, déi léiwer haut wéi muer all sozial Leeschtunge wéilten ofbauen.

Dir hutt ganz treffend festgestallt, dass net jiddwereen déiselwecht Definitioun vum Sozialstat gétt. Ech hu gelies an enger Zäitschrëft vun der Handwierkerfederatioun, wéi op d'mannst een Deel vum Patronat sech de Sozialstat virstellt. Do stoung, e wär dofir do, fir deenen Äermsten an der Nout ze hëllefen.

Wann dat de Sozialstat ass, da si mer 100 Joer zréck. Well deenen Äermsten an der Nout ze hëllefe muss mer dann, wann de Sozialstat seng Aufgab net erfüllt. Da mussen mer zu karitative Moosname gräifen. An ech fäerten awer, dass d'Regierung mat hirem berühmte Begrëff vun der „selektiver Sozialpolitik“ un déi Virstellung vum Patronat eruréckelt; also sozial Épicerien amplaz Erhéijung vum Mindestloun.

De moderne Sozialstat dierft genau dat net sinn. Et ass - an et soll och esou bleiwen a souguer weider ausgebaut ginn - e komplex Regelwierk, haaptsächlech ronderëm déi lounofhängeg Aarbecht. Universell Rechter fir d'Leit, déi vun hirer Aarbecht liewen. An déi Rechter, déi sinn net vum Himmel gefall. Déi sinn an engem jorhonnertelaange Sozialkonflikt géint déi destruktiv Logik vum sougenannte fräie Maart duergesat ginn, an och zum gréissten Deel géint d'Patronat.

„Die Gesellschaft schützte sich selbst gegen die einem selbstregulierenden Marktsystem innewohnenden Gefahren. Dies war das bedeutendste Merkmal der Geschichte dieses Zeitalters.“ - Dat schreift de Wirtschaftshistoriker Karl Polanyi schonn Enn vum de 40er Joren an engem Wierk, wat am Fong geholl nach ëmmer seng Aktualitéit behalen huet.

Déi Protektioun vun der Gesellschaft virun den Auswierkunge vum fräie Maart, déi ass

an deene leschte Jorzéngten, dat wësse mer, a Fro gestallt ginn, an dat ass och eng vun den déiwen Ursache vun der Kris, déi mer am Moment erliewen. Awer weder den éierewäerte Rapporteur nach den Här Minister hunn d'Fro no den déiwen Ursache vun där Kris gestallt, sondern sech am Fong geholl nëmme mat de Symptomer ausenangeresat. An da stellt ee sech natierlech d'Fro, wéi een dann doraus Lektione kann zéien, respektiv wéi een da ka behapten, Äre Budget wär eng Äntwert op d'Kris, oder Äre Budget wär en Antikrisebudget.

Den Här Lux huet op d'mannst e puer wesentlech Froen hei opgeworf, allerdéngs waarde mer nach op den Test vun der Praxis, an do kommen ech awer nach eng Kéier drop zréck.

Den honorabelen Här Thiel, sidd mer net béis, huet eis zwar eng schéi Bande dessinée gezielt, déi och net falsch war, vun der Entwécklung vun der Kris.

(**Interruption**)

E puer irresponsabel Zockerten an de Vereenegte Staten, e puer iwwerverschëllte Familljen, e puer ongedeckte Scholdschäiner, a schonns ass d'Weltwirtschaft zesummegebrach.

Wéi gesot, dat ass natierlech jo och net falsch. E puer wesentlech Biller hunn awer an där Geschicht gefeelt: Dass dat Gezocks iwwerhaapt nëmme méiglech war opgrond vun enger wirtschaftsliberaler Politik, iwwerall, an der ganzer Welt, och bei eis, an deene leschte Jorzéngten, an dass déi riseg Geldblos, déi do geplatzt ass, d'Resultat war vun enger enormer Ëmverdeelung vun ënnen no uewen. Ëmmer méi Drock op d'Léin, ëmmer manner Steieren op den décke Revenuen a Verméigen a Benefisser, och bei eis. Enorme Räichtum ganz uewen, deen net produktiv investéiert ginn ass, well net genuch Nofro do war, deen no unanständegen, wierklech unanständige Rendite verlaangt huet; 20, 25% bei engem Wuesstum vun der Wirtschaft vun 2 bis 3%, an domadder natierlech déi real Wirtschaft, wéi och d'Leit, déi schaffen, wéi och d'Natur zum Deel futti gemaach huet.

Also de Stiglitz beispillsweis, deen Der kennt, den Nobelpräisträger, schreift: „Eine robuste und nachhaltige Erholung der Wirtschaft erfordert es, sich zugleich mit dem Grundproblem zu befassen, dem Mangel an gesamtwirtschaftlicher Nachfrage“ - dat ass ënnen - „in Folge der globalen Ungleichheit.“

Also Lektione aus der Kris ze zéien, dat heescht natierlech de fräie Maart nei reguléieren; awer och dovunner hunn ech an dësen Diskussioneen eigentlech net ganz vill héieren. Mä et heescht och, kräfteg vun uewen no ënne verdeelen.

Den Här Minister huet gemengt, mir sollten elo keng Steieren erhéijen, fir nei Recetten ze kréien. En huet vergiess drun ze erënneren - an dat huet den Här Bausch awer schonn hei ervirgehuewen -, dass mir an deene leschte Jorzéngte quasi obsessiounell d'Steiere gesenkt hunn, an zwar grad op deenen décke Revenuen, Verméigen a Benefisser.

De Spëtzeiteersaz ass vun iwwer 50% op 38% erofgaangen. Domadder leie mer ënner alle vergläichbare Länner an der Europäescher Unioun: d'Verméigenssteuer ofgeschaaft an d'Besteuerung vu de Benefisser vum Kapital drastesch erofgesat. Also déi Räich méi räich, an d'Finanzblos méi déck.

An da seet den Här Schiltz: Dat dierfe mer awer net réckgängeg maachen. An der Situatioun, wou ee Lektione aus der Kris soll zéien, mat engem Postulat dohinner ze kommen, mir dierften näischt änneren un där Politik vun deene leschte Jorzéngten, ass fir mech ganz einfach schier onverständlech.

Den Här Minister huet gesot, mir dierften déi Steieren net erhéijen - dat huet den Här Schiltz och gesot -, well soss keng Betriber méi op Lëtzebuerg kéimen. Mä wat heescht dat? Dat heescht, de Standuertkrich mam Steiersystem. Dat schaaft keng eenzeg Aarbechtsplaz. Dat féiert just derzou, dass Aarbechtsplaze verlagert ginn. Dat ass deen een Effet.

An deen aneren Effet ass deen, dass déi Konkurrenz déi sozial Ëmverdeelungs-

funktioun vun de Steieren ëmmer méi ënnerhielecht, dat heescht d'Mëttele vun der öffentlecher Hand erofschrauft, d'Investitiounen - déi öffentlech - méi schwéier mécht an domadder och Aarbechtsplazen a Gefor bréngt.

Den Här Minister sot an engem Interview - dat ass awer, mengen ech, schonn zwee Joer hier -: „La concurrence fiscale est quelque chose de sain,...“ - sain: s-a-i-n; gesond - „...car elle évite que les impôts ne soient harmonisés vers le haut.“ An ech muss lech soen, ech si genau der géigen-deeleger Meenung. Ech sinn der Meenung, dass mer aus deem Steierdumping mussen erauskommen an dass mer just eng Harmoniséierung vun de Steieren op den décke Revenuen, Verméigen a Benefisser no uewe missten ustriewen, op d'mannst am Kader vun der Europäescher Unioun. An dat ass och méiglech.

Ech dierf lech och drun erënneren, dass de Roosevelt, dat war jo kee Lénks-extremist, am Kader vum „New Deal“ de Spëtzeiteersaz op deenen héije Revenuen op 90% eropgesat huet. An Amerika, an de Vereenegte Staten, war iwwregens dee Spëtzeiteersaz bis de Reagan kouw nach ëm déi 80%; also am Land vun der wierklech - kënnt ee jo bal soen - absolut fräier Maartwirtschaft, bis dass dann eng aner Steierpolitik weltwäit gemaach ginn ass, och bei eis, mat deene Konsequenzen, déi mer entre-temps kennen.

Den Här Minister huet gemengt, mir missten am Konsens an ouni Klassekampf aus der Kris erauskommen. Ech gebrauchen dee Begrëff „Klassekampf“ och net méi gär. Ech froen lech just: Wat ass dat da bei Villeroy & Boch? Ass dat net de Klassekampf, an zwar de Klassekampf vun uewen?

Den Här Minister huet gemengt, mir misste solidaresch si mat deenen, déi hir Aarbecht verléieren - also zum Beispill déi bei Villeroy & Boch -, wéi wann dat en Naturgesetz wär. Mir huelen hei mat Bedauern, awer a voller Passivitéit zur Kenntnis, dass e Patronat - et ass natierlech en extreemt Beispill, awer signifikativ -, dat sech wéi Feudalhäre behält a jo och nach den Adelstil dréit, d'ganz Belegschaft op d'Strooss setzt, fir säi Geschier an Asien ze produzéieren, fir et dann heihinner ze exportéieren. Sozial an ekologesch néfaste, awer natierlech gutt fir d'Revenuë vun den Aktionären.

Wéi wär et dann, wa mer endlech eis géifen Instrumenter ginn um nationale wéi um europäesche Plang, fir esou eng Patronatspolitik ze ënnerbannen? A wéi wär et dann, wann de Stat mat Steiererhéijungen op de Benefisser, déi net investéiert ginn, öffentlech Investitiounsprogrammer mat neien Aarbechtsplaze géif finanzéieren? Zum Beispill am soziale Wunnengsbau, an enger alternativer Energiepolitik oder an den Ausbau vun den öffentleche Servicer.

A wéi wär et dann, wann och d'Reserve vun der Pensiounskeess géifen investéiert ginn an déi regional Entwécklung mat neien Aarbechtsplazen, amplaz dass se an Aktien iwwert d'ganz Welt verspreet ginn an domadder eigentlech an de spekulative Circuit kommen?

Da sinn ech beim Här Lux, well ech hu mat grousssem Intérêt gelauschert, wat e gesot huet. An ech kann och e ganzen Deel vu sengen Aussoen op d'mannst mat enger Hand ënnerschreiwen. Ech hu mech awer gefrot, wéi ech em nogelauschert hunn, ob d'Sozialistesche Partei net awer un enger lichter Form vu Schizophrenie géif leiden. Well an deene puer Wochen, zënter dass des Chamber taagt, huet den Hunn dräimol gekréit mindestens, huet d'LSAP mindestens dräi Geleeënheeten net verpasst, fir deem, wat den Här Lux eigentlech hei gesot huet, ze widdersprieche.

Beim Emploi Jeunes hu se prekär Aarbechtsplazen ausgebaut amplaz ofzebauen, plus onverständlech Cadeauen un d'Entreprise; iwwregens muss een esou soen och un net kommerziell Entreprene. Bei der Privatiséierung vun den Energienetzer hat d'LSAP och kee Problem, an och kee Problem mat der Auslagerung



vum öffentleche Personal. An, also nach eng Kéier, wat d’Pensiounskeesereserve betrëfft, hu se och kee Problem dermat, déi an d’ganz Welt ze schécken. An ech weess net... Also, den Dossier -

ech soen lech et -, wou opgezielt ass, a wéi eng Entreprises dass déi Aktië ginn, deen ass 100 Säiten déck. An op all Sait stinn 20 Entreprises. Dat geet vun Nestlé bis bei iergendeng Firma a Süd-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Sommaire de la séance publique N°12

| | |
|---|---------------|
| Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés | page 141 |
| Ordre du jour | page 141 |
| 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2010 (suite) | |
| - Discussion générale | pages 141-158 |

afrika. An et ass selbstverständlech, dass dat a Wierklechkeet also e Spekulationsgeschäft ass.


Also, Här President, Schlussfolgerung. Amplaz sozial Épicerië méi Sozialstat, méi Rechter fir déi Leit, déi vun hirer Aarbecht liewen, a méi Steiergerechtegkeet. Dir hutt och erausfonnt, dass ech ënnert deene Prämissen natierlech Äre Budget net ka stëmmen.

► **M. le Président.**- Sou! Ech soen dann nach dem Här Hoffmann Merci. Domadder wäre mer fir den Owend um Enn vun eise Budgetdiskussiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, muer de Moien um néng Auer fiert d’Chamber mat de Budgetsdebatte virun.

D’Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.19 heures)



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

Chamber TV
weist all
öffentlech
Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng um
Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nospelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz